

# Conseil communal

## Séance publique du 19 octobre 2015

Durée de la séance: 15.00 à 18.20 heures

### Présents:

**Mellina Pierre**, bourgmestre (CSV)

**Breyer Roland**, 1<sup>er</sup> échevin (CSV)

**Conter-Klein Raymonde**, 2<sup>e</sup> échevin (CSV)

**Arendt Patrick** (CSV)

**Conzemius-Holcher Josette** (CSV)

**Gira Carlo** (CSV)

**Polfer John** (CSV)

**Rosenfeld Romain** (CSV)

**Brecht Guy** (LSAP)

**Pierre Norbert** (LSAP)

**Stoffel Marco** (LSAP)

**Becker Romain** (déri gréng)

**Scheuer Romain** (déri gréng)

**Thein Joé** (adr)

### Absent et excusé:

**Gonçalves Cátia** (LSAP)

**Tockert Claude** (DP)

## ORDRE DU JOUR

### **Séance à huis clos (15.00 heures)**

1. Personnel: Démission volontaire d'un fonctionnaire communal - décision.
2. Enseignement musical: Ratification des contrats de travail avec des chargés de cours (m/f) - décision.
3. Affaires sociales
  - 3.1. Démission volontaire d'une salariée du service d'aide aux devoirs à domicile -information.
  - 3.2. Ratification de deux contrats de travail - décision.
  - 3.3. Ratification de deux contrats d'apprentissage - décision.
  - 3.4. Nomination d'un éducateur diplômé (m/f) pour les Maisons Relais (40 heures/semaine) - décision.

### **Séance publique (15.30 heures)**

4. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
5. Environnement
  - 5.1. « Leitbild » déterminant les différents objectifs à atteindre dans le cadre du « Pacte Climat » - décision.
  - 5.2. Avenant relatif au contrat du « Pacte Climat » - décision.
  - 5.3. Octroi de subventions communales aux particuliers dans le domaine de l'utilisation rationnelle de l'énergie et des énergies renouvelables - décision.
6. Administration générale
  - 6.1. Titres de recettes - approbation.
  - 6.2. Fixation du taux multiplicateur à appliquer en matière d'impôt commercial pour l'exercice 2016 - décision.
  - 6.3. Fixation du taux multiplicateur à appliquer en matière d'impôt foncier pour l'exercice 2016 - décision.
  - 6.4. Démission et nomination dans la commission de la culture - décision.
  - 6.5. Convention avec le Groupement d'Intérêt Economique régissant l'accès par la voie électronique des administrations et des établissements publics aux informations du Registre de commerce et des sociétés - décision.
  - 6.6. Contrat d'autorisation de reproduction par reprographie d'œuvres protégées au profit des Communes/Villes du Grand-Duché de Luxembourg avec la société LUXORR - décision.

7. Enseignement: Affectation du personnel enseignant pour l'année scolaire 2015/2016 – décision.
8. Enseignement musical: Organisation scolaire pour l'année 2015/2016 de l'Ecole de musique - décision.
9. Propriétés
  - 9.1. Approbation de l'acte relatif à l'échange de terrains à Lamadelaine, lieu-dit « Um Breitgen » avec la société Rollenger Weiheren sàrl - décision.
  - 9.2. Approbation de l'acte relatif à l'échange de terrains à Rodange, lieu-dit « rue Nicolas Biever » avec la société C.V.R.N. Réalisations S.A. - décision.
  - 9.3. Approbation de l'acte relatif à l'acquisition de terrains dans le lotissement « A la Croix St. Pierre » et aux lieux-dits « A la Wissi », « A la Siolle » et « Route de Longwy » de la part de la société V.R.D. Toni Rante sàrl - décision.
  - 9.4. Approbation de l'acte relatif à l'acquisition d'un terrain à Lamadelaine, lieu-dit « Rue des Prés » de la part de la société Neo Design sàrl - décision.
10. Nouveau lotissement à Lamadelaine: Avenant n° 1 à la convention de coopération signée avec la Société Nationale des Habitations A Bon Marché dans le cadre du projet de lotissement « An den Atzégen » à Lamadelaine - décision.
11. Infrastructures routières: Décompte relatif à la mise en souterrain et du renouvellement des réseaux de l'antenne collective et de l'électricité à basse tension dans une partie de la rue du Clopp à Rodange (phase 1) - décision.
12. Voirie vicinale: Décompte relatif aux travaux d'adaptation et de renouvellement du captage des eaux superficielles et de l'aquadrain sur la Place du Marché à Pétange - décision.
13. Urbanisation: Dénomination d'une rue dans le nouvel lotissement à Rodange, rue Fontaine d'Olière - décision.
14. Culture: Décompte relatif aux travaux de remise en état de la salle de musique au Centre de loisirs à Lamadelaine - décision.
15. Sports et loisirs
  - 15.1. Décompte relatif aux travaux de remise en état du terrain de football au stade Jos Philippart à Rodange - décision.
  - 15.2. Décompte relatif aux travaux de fourniture et de remplissage de granulats en caoutchouc au terrain de football synthétique à Rodange - décision.
16. Sécurité: Remplacement d'appareils recherche-personne du service d'incendie et de sauvetage et vote d'un crédit spécial - décisions.
17. Dépenses diverses: Octroi de cadeaux de service - décision.
18. Nouveaux statuts de l'asbl « Arbechter Ennerstetzungsverän Rodange » - décision.

## COMPTE RENDU

### 1. à 3.

**Les points 1 à 3 de l'ordre du jour ont été traités en séance à huis clos.**

Cependant, le conseil communal a décidé de rendre public les décisions suivantes:

#### Démission volontaire d'une fonctionnaire communale:

La démission volontaire de ses fonctions à partir du 1<sup>er</sup> novembre 2016 est accordée à Mme Marguerite Wagener ép. Schlesser. Le titre honorifique de ses fonctions lui est conféré.

#### Ratification de deux contrats d'apprentissage:

Les contrats d'apprentissage avec Kevin Ricciardi (apprentissage comme pépiniériste-paysagiste) et Eris Sabotic (apprentissage comme dessinateur en bâtiment) sont ratifiés.

#### Nomination d'un éducateur diplômé (m/f) pour les Maisons Relais (40 heures/semaine):

Mme Mélanie Pevergne d'Athus (B) est engagée comme éducatrice diplômée à temps complet sous le statut du salarié et à durée indéterminée.

### 4.

**Communications du collège des bourgmestre et échevins.**

#### **Mertzig Romain, Schäffen:**

Am Kader vun de Loftmessungen èm d'Loftverschmotzung hu mer d'Resultater fir d'Joer 2015 kritt. Do gëtt de Bläigehalt, et ginn d'Schwéiermetaller an d'Verschmotzung vun de Grieser gemooss. Dat geschitt énner dem „Plan de surveillance 2015“. D'Resultater si positiv a mer errechen néierens déi minimal Wärter, iwwer deenen et ufänkt, geféierlech ze ginn. Mir leien do iwwerall wäit drënner, esou datt eis Loftwärter an der Gemeng OK sinn.

### 5.1.

#### **Environnement.**

«Leitbild» déterminant les différents objectifs à atteindre dans le cadre du «Pacte Climat» - décision.

#### **Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Dat komme mer zum Haaptplat vun déser Sëtzung, an zwar eisem Klimapakt, deen an 3 Punkten, 5.1., 5.2. a 5.3. opgedeelt ass. Déi 3 Punkte gi sécherlech matenee behandelt.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Mir wëllen iech am Kader vum Klimapakt eist Leitbild virstellen. Mir hunn en éische Bilan gemaach fir de Klimapakt, dee mer u sech elo Enn September zeréckbehalen hunn, an dat si 6 Kapitelen, zu deene mer och eng global Evaluatioun vun 52 % kritt hunn. Do hu mer:

- 64% beim „plan de développement et aménagement du territoire“
- 59% „bâtiments communaux et terrains“
- 28% „approvisionnement et traitement des déchets“
- 49% „mobilité“
- 58% „organisation interne“
- 52% „communication et coopération“

Déi Saache wäerte mer och duerno nach méi kloer gesi wa mer eis Powerpoint Presentatioun gesinn, wou mer probéiere wäerten, dat mat Grafiken an Zuelen ze beleeën. D'Leitbild hu mer duergestallt a mer hunn dat och de 7. Oktober am Schäfferot zeréckbehalen. Do gesäit een och ganz kloer, wat fir Efforten d'Gemeng déi lescht Joeren am Klimapakt gemaach huet. Do hu mer dann och d'Engagementer, déi mer un Hand vu 70 verschidde Moosnamen a 5 Kategorien resuméieren. Do sinn dann och vill Verbesserunge virgesi bei deene Moosname wat d'„gestion environnementale“ bei eise Gemengegebaier virgesait. Do hu mer awer och d'Optimisatioun vun eiser Émweltplanung, mer hunn och d'Mobilitéit, déi mer groussschreiwen, an déi mer wëllen am Kader vun der Émwelt virstellen. Mir hunn och d'Verbesserung virgesi vun der interner Kommunikatioun, wat den Naturschutz ugeet.

D'Leitbild basiert sech op deen éische Bilan, dee mer all Joer wäerte reviséieren. Dat trëtt den 1. Januar 2016 a Kraaft a soll den 31. Dezember 2020 ofgeschloss sinn.

Da wëll ech op dëser Platz der Madame Schaaf Merci soe fir déi minutiéis Aarbecht, déi si mat eise Servicer am Kader vum Klimapakt gemaach huet. Si géif eis dann elo déi eenzel Erklärunge ginn un Hand vun där Presentatioun.

*D'Madame Schaaf, Architektin op der Péitenger Gemeng, huet deen technesche Volet présentiert an de Conseillere weider Detailer zum Thema Klimapakt an der Gemeng Péiteng ginn.*

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Ech wollt nach just eppes zu der Offallsammlung soen. D'Madame Schaaf huet gesot, et wiere 50% virgesinn. Dat ass dat nationaalt Zil bis 2018. Mir sinn elo scho bei 52% an duerch konkret Moosnamen, déi mer schonn an d'Weeër geleet hunn, kenne mer och an deenen nächsten 2 Joer deen Taux nach iwver 5% an d'Luucht setzen. Wat bemerkenswäert ass, wa mer a Betrucht zéien, datt eis Bevölkerung am Wuessen ass.

**Polfer John (CSV):**

Ech wollt kuerz eppes zum Offall soen, haapsächlech dee gréngent Offall. D'lescht Woch war ech nach am Minettkompost. Si hunn an de leschte Woche bei de Camionen, déi vun de Gemengen ugeliwwert ginn, e Kubikmeter erausgeholl, gessennert a gekuckt, wat vun Offäll do ufalen. Ech muss eis Gemeng do luewen, well dee Koup, dee vu Péiteng koum, ass ganz kleng. An ech mengen, mer si jo keng ganz kleng Gemeng. Do leien och emol Plastikstuten dran, et ass och emol eng Fatz oder esou eppes, wat dra läit. Mä et ass soss net vill Dreck dran. Eis Gemeng steet sech gutt do an an nächster Zäit wäerten déi

Kontrollen do ofgeschloss sinn. Mir wäerten dann e Bilan kréie mat Fotoen, déi mer dann och vläicht an eisem Magazin "Meng Gemeng" kenne publizéieren, esou datt d'Leit nach eng Kéier méi mobiliséiert gi fir net och nach Plastik an dee gréngen Dreck ze geheien. Dat ass dat, wat ech zum Offall wollt soen.

D'Finanzkommissioun ass jo och hei ugeschwat gi wéinst de Subsiden déi mer kréien. D'Finanzkommissioun begréisst déi Saach do. Energie spuere musse mer jo. Mä et schéngt awer mat der Zäit ze sinn, datt d'Leit dat e bësse vergiess hunn. Et huet e bëssen nogelooss. Et ass och vläicht doduerch, datt kontradiktoresch doríwwer geschwat gëtt, och iwver Isolationen. Et gëtt gesot, d'Fassade si brennbar. D'Sonnekollektoren um Daach sinn och geféierlech. Gutt, mä Energie muss gespuert ginn. Dat war géschter, dat ass haut an et wäert och mar esou sinn. Hei kritt een dat elo iwver e Gemengesubsid mat énnerstétz. Wat awer nei ass, dat ass, datt eng Privatfirma sech do asetz an d'Leit do kéinten e Subsid kréien. D'Finanzkommissioun begréisst dat Reglement, just mat der klenger Ännérung am Artikel 2, wou práziséiert gëtt, datt et sech op d'Wunnenge bezitt an net op Geschäftsräim.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Wéi den Här Polfer gesot huet kréie mer dat jo all Joer vum Minettkompost geschéckt. Vun all den Uliwwerer aus dem Süden, déi Member sinn an deem Syndikat, si mer effektiv déi Gemeng, déi am mannste Reschtoffäll huet. Dat ass awer och dorop zeréckzeféieren, datt mer bei eise Bierger Sensibilisierungscampagnen esou wéi och zousätzlech Kontrollen duerch eise Service maachen.

**Gira Carlo (CSV):**

Just eng Fro viraus: behandele mer déi Punkten all mateneen?

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

All mateneen.

**Gira Carlo (CSV):**

D'Madame Schaaf huet eis deen Tableau hei presentéiert. Ech wëll virausschécken, datt ech mech op dat baséieren, wat mir an dem Dossier virfonnt hunn. Erlaabit mer, datt ech zu dësem Thema e bësse méi detailiéiert Stellung huelen an och op eng etlech Onkloerheete wëll agoen. Als Member vum Climateam bedaueren ech, datt dës komplex an déif gräifend Matière an enger Rekordzäit huet müssen evakuéiert ginn. Engersäits ass et ze verstoen, well émsou méi séier d'Donnéë virleien, émsou méi séier kenne mer aktiv ginn. Hätte mer eis méi Zäit gelooss, dann hätte mer déi Subsiden e Joer méi speit kritt fir an den Émweltschutz ze investéieren. Ech hoffen, datt dës Reuniounen an Zukunft esou kenne sinn, datt dat ganz Team kann drun deelhuelen. Ech hunn op alle Fall groussen Intressi dorunner.

Als éische konkrete Punkt féiere mer elo als Gemeng déi nei Primen a bei Sanéierungsaarbechte vu Privathaiser am Sënn vun der Émwelt an der Nohaltegekeet. Geet een elo d'Verbesserungsvirschléi duerch, da kann ee feststellen, datt mer als Gemeng bei verschidde Punkte gutt bis optimal opgestallt sinn. Et sinn och Punkten do, wou mer ofhängig si vun anere Partner, esou datt hei en Agéiere schwéier bis onméiglech ass. Grouss Ustrengunge musse mer an de Bilanzen nach bei den Indicateure maachen.

Bei der Mobilitéits- a Verkéiersplanung am Punkt 2.2. vun der Bilanz schéngt mer e Rechnungsfeeler virzeleien. Ech kommen op 9 Punkte vun 10 an do stinn der just 7.

Bei der innovativer städtischer a landwirtschaftlecher Entwicklung si mer schlecht quotéiert. Hei wollt ech froen, op de Projet An Atzéngen net berücksichtegt gouf, well mer jo awer do eng Planung no ökologesche Critérë festgehalen hunn. Wat fir Moosname sinn hei ze huelen?

Déi Engagemerter, déi mer huelen, zéien sech bis 2020 hin. Eng allgemeng Fro: sinn eis Engagemerter fir deen nächste Gemengerot bindend? Ënner Punkt 2 vun de Beschreibunge vun de Moosname steet eng Reduzéierung vum Gemengeverbrauch vu minimum 2%. Op wat fir ee Verbrauch bezitt dat sech?

Dat Gemengereglement, wat ënner Punkt 5 beschriwwen gëtt, kann esou virbildech sinn ewéi et wéll. Do si mir awer als Gemeng op de gudde Wällen an och op d'Finanzkraaft vun de Bierger ugewisen.

Punkt 6, Verdichtung vun der aktueller Bausubstanz, kënnt mer staark ewéi Lastik vir. Wat heescht hei verdichten? Zielt dat op Baulücken hin, déi ze félle sinn, oder sinn awer méi Appartementshaiser gewënscht?

D'Etude iwwer d'Potential vum Holz bezitt sech jo ausschlisslech op d'Gemengebëscher. Bei der Reduktioun vum Offall an de groen Dreckskëschten ém 3% bis 2020 si mer nees op de gudde Welle vun eisen Awunner ugewisen. Et ass jo och schonn ugeschnidde ginn, datt mer do Ustrengunge musse maachen a Punkto Sensibiliséierung.

Wéi ginn déi ënner Punkt 20 opgelëschte Moosnamen, déi di finanziell Méiglechkeete festleeën, akzeptabel gemaach?

Wat ass ënner dem Punkt 25, d'Foussgängerweeër laanscht d'Haaptachsen, ze verstoen?

Op de Bau vun engem P&R, dee jo realiséiert soll ginn, hu mer keen direkten Afloss.

Ënner Punkt 29 gëtt eng Etude ernimmt zum "Model split". Do wollt ech wéissen, ob déi vun der Gemeng muss realiséiert ginn? Do hat d'Madame Schaafljo och scho gesot, mer géifen do probéiere fir bei den Awunner erauszfannen, vu wou se hierkommen. Dat schéngt jo da vun der Gemeng gemaach ze ginn.

Wéi schonn am Ufank gesot, kréie mer duerch d'Erreeche vum 2. Grad eng substantiell Ënnerstëtzung. Mä ënner Punkt 30 gëtt et däitlech, datt mer duerch déi séllech Etuden, déi mer an nächster Zukunft musse realiséieren, an och duerch d'Ëmsëtze vun dësen Etudë gewéss Onkäschten ufale wäerten. Duerno ginn d'Formatiounen ugeschwat, déi musse gemaach ginn. Et si verschidde Broschüre virgesinn, et müssen nei Schëlter opgestallt ginn. Bei engem Minimum vu 7 Artikelen, déi an der nationaler Press verëffentlecht musse ginn, si mer och nees op baussen ugewisen. Et muss ee Logo geschaf ginn, deen och nach op d'Waasserrechnung an den Offalkalennner kënnt. Weider Onkäschte lieie bei engem Internetsite mat diverse Linken, déi ze erstelle sinn.

Da proposéieren ech nach déi geplangte Klimawoch, déi an de Schoulen ugeschwat ass, déi do ze gestalten ass, esou datt mer nees op esou eng Woch an der Gemeng zeréckkommen. Mat all deenen opgeférerte Moosnamen, déi hei opgefouert sinn an déi müssen an Zesummenaarbecht mat de Bierger émgesat ginn, hätte mer genuch Programm an Diskusiounsstoff.

Erlaabt mer nach e puer Bemerkungen zu deem, wat an den Zesummeaassungen eraus ze liesen ass. Bei der Energieplanung steet, datt keng Etude iwwer d'Potential vun der Biomass realiséiert ginn ass. Ech géif mengen, datt de Gros vun deem, wat als Biomass ufält, duerch déi gréng Dreckskësch entstuert ka ginn. Och gëtt dat, wat op der

Kläranlag ufält, weider verschafft. Ënner anerem entsteet hei jo och Biogas. D'Potential aus eise Bëscher ass jo laut eisem Fierschter ze kleng fir eng Holzhackschnëzelanlag, esou datt mat deem, wat ee vu méi Offall aus der groer an déi gréng Dreckskësch mécht, d'Potential vun der Biomass erschöpft ass. D'Holz, wat ufält, kann ee jo weider u Privatstéit verkafe fir datt si dat fir d'Hétze benotzen. Fir weidert Potential ze notze bleiwe jo eng Rei Etuden duerchzeféieren. An do schéngt mer jo dach déi vun der thermescher Notzung vun der Wäermt bei den Industriebetieber, déi um „Grand Bis“, am dréngendsten.

Bei der Verbesserung vun der Beliichtung fir d'Foussgänger op de Foussgängerweeër, déi fir 2017 geplant ginn, verstinn ech net ganz wat domatter gemengt ass. Mer si jo schonn derbäi, d'Foussgängerweeër méi sécher a méi hell ze maachen. Ech huelen un, datt déi energetesch Verbesserung geménzt ass. Wünsche géif ech mer, datt den ernimmte Management vu Gréngfläche wierklech kéint am Senn vun der Ëmwelt gemanaged ginn. Wéi wäit ass et eis als Gemeng méiglech, Virschrëfte fir Energieklasse vun Haiser ze maachen? Gëtt et am Lotissement „An Atzéngen“ net méi Oploen ewéi déi, déi ënner dem Punkt 1.3.2. opgefouert sinn?

Mir hunn et elo bei der Afféierung vun den Tempo 30-Zonen, déi hei zu Péiteng a Virbereedung ass, a bei den éischte Versich, eng Vélospist anzezechen, gemierkt, datt ee grousst Émdenken néideg ass. Wat eise Fuerpark ugeet, esou ass och sécher nach Potential fir elektresch Mobilitéit dran. Ech hunn héieren, datt scho geplant ass fir dat anert Joer en éischten Elektroauto ze kafen. Och d'Parkméiglechkeete muss een esou andämmen, datt et e Reiz fir d'Leit gëtt, op den éffentlechen Transport émzeklammen oder déi kuerz Strecken zu Fouss oder mam Vélo ze maachen. Et ass dëst sécher e Prozess, dee sech iwwer eng laang Zäit zitt. An deenen neie Lotissementer müssen d'Jalone gesat ginn. Fir dëst ze fördere misst onbedéngt d'Mobilitéitswoch ausgebaut ginn.

Bei den erneierbaren Energien hu mer wéineg Potential. Maximal 2 Gebaier losse sech mat Holz aus eise Bëscher hëtzen. Beim Stroum hu mer ewell komplett op gréng Stroum émgestallt. An Zukunft gëllt et just nach fir de Verbrauch vun deenen eenzellen Energiequellen an eise Gebaier ze drosselen an ze optiméieren. Och duerch baulech Moosnahmen.

Eis éffentlech Beliichtung ass schonn zu 80% efficace. D'Produktioun vu Stroum aus erneierbaren Energien um Gebitt vun der Gemeng Péiteng mécht 0,2% aus, dat léisst sech sécher nach drastesch steigeren.

D'Chance fir d'Wandkraaft ze notzen ass duerch déi kleng Fläch vun der Gemeng an doduerch, datt d'Héichte mat Bëscher bedeckt sinn, sécher schwéier ze realiséieren. Am Senn vun der Sensibiliséierung vun eise Jéngste ginn ech net midd drop hinzeweisen, wéi wichteg et ass, déi pädagogesch Aktivitéiten an der Natur auszebauen ewéi dat mat enger Bëschcrèche oder och mat den Aktivitéiten an der Naturschoul oder déi vun eise Schoulen a Maisons Relaisen am Naturaart vum CIGL méiglech ass. Dat kann net dacks genuch énnerstrach ginn.

Ech hunn elo emol festgehalen, datt d'Oplëschte vun 2 Punkten net komplett sinn, well och de Kuerbuttek vun der Gemeng och Bioprodukter ubitt a bei den Trëppelweeër feelen der op d'mannst 3, wouvunner 1 duerch d'Groussregioun féiert.

Erlaabt mer ofschléissend, allgemeng och nach eng Bemerkung hei ze maachen. Och wann et huet musse séier goen, wier et vläicht ubruecht fir deen däitschen Text an eng

uerdentlech Form ze bréngen oder ganz ewech ze loossen. Dái Computeriwwersetzung ass nämlech deelweis net nozevollzéien.

Nach e puer Wiederer zu de Primen. Hei handelt et sech eigentlech ém eng Upassung an Erweiderung, well déi Primé si jo da fir déi hermetesch Isolatioun an d'Promotioun vun erneierbaren Energien. Mir bezuelen déi aus no de Critèrë vun deem, wat vum Staat bezuelt gëtt an och, wéi och elo erklärt gouf, no deene Primen, déi duerch Privatorganisatiounen ugebuued ginn. U sech eng luewenswäert Initiativ. Fir déi Leit, déi sech hirer Verantwortung a Saachen Émwelt bewosst sinn an agéieren, ass dat en Ureiz. Kierzlech stoungen an der Dagespress d'Zuele vum STATEC vum deene Leit, déi un der Aarmutsgrenz stinn. Där hu mer der ganz vill an der Gemeng, a fir déi sinn dës Primé just eng Dréps op e waarme Steen. Meng Fro: a wéi wäit ginn déi Leit, déi sech Haiser gënschteg kafen, a Saachen Émwelt beroden a kréien se virgerekent, wéi sech eng ökologesch Sanéierung fir hire Portmonni bezuelt mécht. Dacks héiert een, datt d'Leit soen, et géif sech fir déi puer Su, déi se dofir kréien, net lounen. Wéi gesäit et mat enger Virfinanzéierung fir männer gutt gestallte Bierger aus? Mir müssen eis awer och bewosst sinn, datt déi Haartschaumisolatioun, déi haut ubruecht gëtt, sécher eng Problematik duerstellt, déi nach net bis zum Schluss diskutéiert ass. Well wa se sanéiert ginn, stellen dës jo och Problemer duerch déi Stoffer, déi benutzt ginn, duer. Wéi ass et hei mat ökologeschen Dämpfstoffer? Kann een déi net méi staark énnerstëtzen oder ass dat schonn de Fall?

#### Mertzig Romain, Schäffen:

A verschidde Saachen hutt der ganz Recht, Här Gira. Dofir hu mer eis jo och déi Aufgab ginn, déi net an engem Joer ze bewältegen ass. Dat ass e „plan d'action“, dee bis 2020 geet. Wat ech awer bedaueren ass, datt dir als Member vum Klimateam dat éischter méi negativ interpretéiert. Ech hätt mer gewünscht, datt der och méi positiv Saachen do erausgehuewen häfft. Mä wéi gesot, ech verstinn dat awer. Déi laang Zäit, wou dir dat interpretéiert hutt, hunn ech bal némmen negativ Saachen eraushéieren. Wou der Recht hutt, dat ass mat de Versammlungen. Do ware mer effektiv énner Drock. Dir sidd jo schonn eng gutt Zäit an der Politik dran. Et war eis wichteg, wou mer schonn esou no um Zil waren, net nach e Joer ze waarden. Dir wésst och selwer datt, wa mer keng Suen hunn, et schwéier ass, verschidde Saachen ze realiséieren. Eis war et wichteg fir déi Suen ze kréien, esou datt mer och kënnen a Moossnamen investéieren an datt mer och Leit, déi dat wélles hunn ze maachen, kéint direkt énnerstëtzen an hinnen net soen, si sollten et schonn emol maachen an da spéider eppes kréien. Dat war eis immens wichteg.

Wat mer awer och hu musse kucken ass, datt eise Klimaberoder, den Här Koch, och disponibel war. Dat war u sech eng vun den Haaptsaachen an eisem Klimateam.

Bei der Bausubstanz ass et bestëmmt net virgesinn, datt mer heiduerch wëllen erreechen, datt méi Appartementer solle kommen. Et ass u sech esou geduecht, datt Moossname virgesi gi fir net némme vu baussen z'isoléieren, well do sinn immens vill Moossname virgesi fir déi Saachen och vu bannen ze maachen.

Wat d'Offäll respektiv d'Holznotzung ugeet, do wäerte mer dat an eise Projete virgesinn, déi nach kommen. Ech wéll do einfach Gemengenateliere soen, wou mer och virgesinn, esou eng Anlag ze installéieren, esou datt mer dat och kënnen notzen. Mer wëssen awer och, datt mer am Moment net genuch Holzschnëtt an der Gemeng hu fir dat komplett kënnen domatter ze versuergen. Mä och do si mer gewëllt, dat ze maachen. Mer hunn och virgesinn, dee Prozentsaz, dee mer elo hunn, nach substantiell an d'Luucht ze setzen.

Et war eis och wichteg, d'Subside kënnen auszebezuelen an och duerch déi Suen, déi mer duerch de Klimapakt kréien, verschidden Onkäschten ze decken.

Informatiounen, selbstverständlich sinn op eise Pabeieren d'Logoen och virzegesinn. Um Internetsite och. Wat d'Klimawoch ugeet, esou ginn ech iech Recht. Dat kann een alles nees virgesinn. Ech mengen, mat deenen heite Moossnamen ass de Klimapakt jo net eriwwer. De Klimaberoder ass jo net do bis den 1. Januar 2016. An da geet et nees u mat neien Aufgaben. An ech si frou, datt der esou vill Saache matbréngt, wou mer da geziilt kënnen dru schaffen.

D'Biomass an déi gréng Dreckschéchten. Do ginn et vill Méiglechkeeten an et muss een dat och émmer konkret festhalen. Op d'Foussgängerweeër wéll ech net drop agoen, well dat jo net onbedéngt mäi Ressort ass. Do kënne vläicht aner Leit iech drop äntwerten. Tempo 30 och net. Wéi dir richteg gesot hutt, hu mer beim Fuerpark konkret am Budget virgesinn, datt mer op Weeër gi mat Elektrogefierer, esou datt déi Saach sech och wäert konkretiséieren. Och all Iddi ass émmer wéllkomm, esou datt d'Mobilitéitswoch ausgebaut gëtt. Ech wollt elo net op all Punkt vun ärre Froen agoen, mä all Fro ass nach wéllkomm. Ech wäert iech drop äntwerten an dir wésst jo, wou der mech fannt. Dat ass kee Problem. Ech wéilt awer och nach d'Madame Schaaf froen, ob si nach wéilt verschidden Äntwerten op d'Interventioun vum Här Gira ginn.

#### Schaaf-Haas Adèle, Gemengenarchitektin:

Also ech hunn net alles konnten opschreiwen. Dir hutt awer déi energetesch Isolatioun vun den Haiser ugeschwat. Vun 2017 u muss een A-Klass baue fir Privathaiser. Bei éffentleche Gebaier ass dat net de Fall, esou datt mer eis do wéi all aner Gemengen do drun hänken. Mer hunn iwwerhaapt kee Spillraum.

Wat d'Sanéierung ugeet, do ware mer elo och zu zwee op Biekerech kucken, wou se Albausanéierung gemaach hunn. Do kann ee ganz gutt al Gebaier vu bannen isoléieren. Dat müssen omtungsaktiv Materialie sinn. An dësem Fall war et Holzfaserplacke mat Lehmbotz. Et muss just fachgerecht gemaach ginn. Dat geet alles. Dat wier och e Potential. Allerdéngs muss ee kucken, well et kascht einfach vill wann et net vill genotzt gëtt. Mer hunn eis beim Paschtoueschhaus d'Fro gestallt, ob et Senn mécht wann ee weess, datt dat Gebai éischter owes wéi am Dag genotzt gëtt. Do musse mer kucken, ob mer net ze vill investéiere wann et sech net rentabiliséiert. Och déi Froe muss ee sech stellen. Et kann een natierlech eng Holzchaudiére huele wann een Holzhackschnitzel kann organiséieren. Dann hätt een an der Energieproduktiou e Kompromëss gemaach, deen ökologesch wier. Et gi vill Méiglechkeeten. Et ass och net esou, datt et just schwaarz a wäiss gëtt, do gëtt et och eng Grozon. Do muss ee Fall fir Fall kucken.

Wat d'Vitesse ugeet, wou mer geschafft hunn, do ass et effektiv esou, datt d'Subsiden erofginn. Wa mir dat nächst Joer déi 2. Zertifikatioun ugefrot hätten, dann hätte mer just d'Halschent vun de Subside kritt. Mer hu vläicht – an do ginn ech iech och net onbedéngt Onrecht – e béissen ze vill séier geschafft. Mä op där aner Säit war den Énnerscheid vun de Subsiden esou substantiell, esou datt mer gesot hunn, mer gi Gas a mer ginn et of, well mer och dat nächst Joer nach Zäit hu fir alles am Detail ze kucken.

#### Breyer Roland, Schäffen:

Dir hutt 2 Saache vum Verkéier ugeschwat oder wat haut „mobilité active“ genannt gëtt. Dat war fréier d'„mobilité douce“. Et ass vun der Regierung lancéiert ginn. Énner anerem ass Tempo 30 agefouert ginn an och d'Vélospistë si

komm, déi mer jo amgaange sinn ze realiséieren an der ganzer Gemeng. Fir den Tempo 30 kommen dat anert Joer och d'Uertschafte Rodange a Lamadelaine derbäi. Et kommen och nach Vélospisten derbäi. Mä et ass alles geduecht, datt de Verkéier net méi esou séier soll lafen a méi sécher soll ginn. E gétt och net méi esou hektesch. Bei der „mobilité active“ maache mer eng Etude, déi parallel leeft zu där iwwer d’„accessibilité des lieux publics“, wou de Foussgänger och nees eng Kéier méi berücksichtegt gétt an net némmen d’Kanner. Dofir gi mer jo och op déi sougenannte „shared space“-Zonen iwwer. Mer wäerten hei an der Parkstrooss zu Péiteng och eppes maache fir de Verkéier ze berouegen. Et ass e ganze Koup énnerwee an deem Senn.

Wat d’Biomass ugeet, do ginn ech als SIACH-President just eng Erklärung. Mir verwäerte schonn e ganze Koup vum Schlamm fir Energie op der Plaz ze produzéieren. Mer wäerten awer och eng nei Initiativ lancéieren – op Initiativ vum SIACH hin – fir sämtlech Kläranlagen dozou ze kréien, datt mer global ofliwwere bei Intermoselle, fir do eng sénvvoll Notzung vun där Energie ze maachen, déi de Moment do ass a wou och en Deel an d’Landwirtschaft geet. Also et si schonn e ganze Koup Projeten énnerwee.

**Gira Carlo (CSV):**

Ech wollt dat awer e bësse relativéieren, wat ech gesot hunn. Ech hu mäi Bäitrag gesinn als e konstruktive Bäitrag, wou ech mer Froe gestallt henn. Wann ech elo all dat Positiivt opgezielt hätt, dann hätt ech d’Rumm hei gesprengt an dann hätt ech net 3 Säite mä 30 Säite gehat. Huelt et einfach a wierklech als e konstruktive Bäitrag un. Mer hunn och sécher am Klimateam d’Geleenheet dorriwwer ze schwätzen. Ech hu jo och gesot, datt ech just bedauert hunn, datt et esou séier huet musse goen an ech mer och bewosst sinn datt, wa mer dat elo net esou séier evakuéiert hätten, mer déi Suen och net grad kritt hätten an ee Joer méi spéit ukomm wieren. Dat wier jo och am Senn vun der Ëmwelt net grad positiv gewiescht.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Dofir hunn ech jo och ofschléissend gesot, datt et flott ass, datt dir esou vill Saachen hutt. Dann hu mer, wéi een esou schéi seet „du pain sur la planche“, och fir nach weider Initiativen am Klimapakt ze huelen, esou datt mer do weiderkommen.

**Patrick Arendt (CSV):**

Déi Leit ronderëm den Dësch, déi den Dossier kucke gaange sinn, déi wëssen datt, wann ech soen, datt dat hei e Punkt ass, wou ee stonnelaang kéint driwwer diskutéieren, ech och Recht hunn. Dat hu mer jo elo schonn um éischte Beispill gesinn.

Als éischt wollt ech emol de Leit aus deene Servicer Merci soen, déi un dësem Dossier geschafft an d’Zilsetzung mam Schäfferot zesummen definéiert hunn. Ech fannen et eng ganz gutt Saach, datt dës Aarbecht am Senn vun engem lokal an nationale Kampf géint de Klimawandel ass. D’Primen dierf een net aus den A loissen an déi erreecht ee just, wann een Deliberatiounen an dësem Gremium fixéiert. Well si gäre Bewäiser hätten a mer wëssen, datt mer am Moment bei 232,3 vu méigleche 445 Punkte leien, da wësse mer, datt mer bei 52% ukomm an um richtege Wee sinn. Mä et ass awer nach Loft no uewen do, ewéi zum Beispill an deem Punkt, wou mer am schlechtesten ofschneiden, an zwar mat der Versuergung an Entsuerung, wou mir just 28% erreecht hunn.

Mer leien z.B. just bei 0,2% Ökostroum aus Fotovoltaik-Solaranlagen. Do kéint een effektiv virgesinn, wa mer

groussflächeg Diech hunn, déi no Süden hi geriicht sinn, fir där ze installéieren. Weiderhi gétt gesot, datt eis Gemeng kee Leitbild fir d’Ureegung vum Bierger beim Thema Waasserspueren huet. Wou awer nach 2015 dru geduecht gétt fir dat ze änneren.

Beim Thema Energieeffizienz vum Proppermaache vum Ofwaasser, komme mer op 27%, woubäi z.B. gesot gétt, datt d’nächst Joer d’Potential un dem méiglechen Zeréckkréie vun der Wäermt vum Ofwaasser duerchgezu soll ginn.

An aneren Dossiere leie mer scho ganz héich. Wéi z.B. bei der Energie aus Offall, wou mer 88% erreechen. Net némme wéinst der Memberschaft am Syndikat Sidor zu Leideleng, wat jo eng Verbrennungsanlag fir d’Produktioun vu Stroum ass, mä och wéinst dem Matschaffen am Minettkompost, wou Biogas produzéiert gétt.

Alles an allem, eng ganz interessant Etude fir eis Bierger an d’Liewen an der Gemeng, wou awer regelméisseg misst gekuckt ginn, wou mer an all Dossier dru sinn. An dat misst dem Gemengerot an alle Bierger transparent matgedeelt ginn, esou wéi dat hei de Fall ass.

Duerch dës Aktivitéit hu mer elo ganz konkret Mëttele fir eisen Energiebedarf nozekucken, méi ze kontrolléieren an ze evaluéieren. Mir ware scho laang am Stand ze soen, wéivill Energie an egal wat fir engem Gebai an der Gemeng gebraucht gétt. Haut kënne mer awer Vergläicher zéien. Wa mer z.B. nei Fénstere kréien, da kënne mer iwwer d’Joere vergläichen, wat eis dës Investitioun konkret un Zuele bruecht huet.

Als Gemengerot a Member vun der Ëmweltkommissiouen plädéieren ech dofir an invitáieren och den Ëmweltschäffen, sech eng Kéier Zäit ze huelen an dës Saachen an déi lokal Ëmweltkommissiouen virstellen ze kommen. Net méi spéit wéi de 25. September 2015 hu mer schonn en Deel duerch den zoustännege Beamten a Sekretär vun der Kommissiouen virgestallt krt, mä et geet ganz einfach dorën fir no der éischter Zertifizéierung kuerz d’Aarbechte virgestallt an de Wee mat allen ugepeilten Ziler an der noer Zukunft erkläert ze kréien. Da kann nämlech och all Member d’Zilsetzung dobaussen un de Mann oder d’Fra bréngen.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Ech mengen, ech kann deene Saachen, wou den Här Arendt virbruecht huet, zoustëmmen. Et gétt nach Loft no uewen, an dofir widderhuelen ech mech och. Mer hunn eis bis 2020 en Zil gesat, an do ass eis och all Hëllef vun der Ëmweltkommissiouen wichteg. Ech stinn iech gären zur Verfügung. Do musse mer awer eis Terminer zesummen ofklären. Wann esou Veranstaltungen oder Kommissiouunsätzunge sinn, da gétt no der Kommissiouen gekuckt. An dacks ass et esou, datt déi Persoun, déi do soll sinn, virun e „fait accompli“ gestallt gétt an da geet et net op mat dem Agenda. Bei deene ganze Moosname si mer natierlech émmer nees op d’Mathëllef vun eise Bierger ugewisen, esou wéi den Här Gira dat och gesot huet. Dofir wäerte mer och nach méi Mobilisatioun maachen.

Bei deem Punkt vun der Versuergung, do ass et haaptsächlech duerch eisen Akaf bedéngt. Do hu mer awer elo och virgesi fir dat ze koordinéieren, esou datt mer och beim Bürosmaterial wäerten ökologesch akafen, esou datt dann och do de Prozentsaz wäert substantiell an d’Luucht goen.

Wat d’Solaranlagen respektiv déi erneierbar Energien ugeet, esou si mer émmer op der Sich no adaptéierte Plazen. Mä mer hunn déi net onbedéngt, well mer och eng Rei eeler Gebaier hunn. Do ass dat net esou ze realiséieren ewéi mer

wëllen oder fir datt et wierklech ganz wierksam gëtt. Do wäerte mer awer och nach zousätzlech Ustreuungene maachen. A bei eisen neie Projete wäerte mer déi Saachen doudsécher émmer a Betruecht zéien an och mat eran zéien.

#### Rosenfeld Romain (CSV):

Et war ganz interessant fir dat nozelauschteren an och déi Statistiken, déi gemaach goufen, esou datt ee geziilt kann erausfannen, wat duerch wat besser ginn ass. Dat ass eng ganz gutt Saach. Et ass och wichteg fir d'Leit, datt ze wëssen, datt een och bei Sudgaz eng Prime kritt wann een eng nei Heizung mécht. Et kann een och déi Prime iwwer Sudgaz ufroe wann ee Fénstere mécht.

Elo gouf hei vum Här Gira vun de finanzielle Mëttele geschwat. Sudgaz ass amgaange mat 1 oder 2 Banken ze kucken, esou datt d'Leit – wa se eng nei Heizung maachen – spezial Konditiounen kréie wat d'Kreditter ugeet. Do gi mer dann och e bëssen énnerstëtzzt wat Sugaz ubelaangt.

Als Member vu Sudgaz vun der Gemeng Péiteng kann ech, wat déi erneierbar Energien ugeet, soen, datt mer eng Etude opginn hunn - wou déi 14 Gemenge sinn, déi am Sudgaz zesumme sinn – fir e Wandmillepark hei am Süden. Et muss een natierlech kucken, ob dat iwwerhaapt méiglech ass an ob Plazen do si fir dat ze maachen. Dat ass op alle Fall an Aussicht gestallt ginn a si wéilten dat och realiséieren. Et ass keng bëlleg Affär. 3 Wandmille mat der Infrastruktur ronderëm, dat sinn esou ongefíer 17 oder 18 Milliouenen Euro. Dat ass net wéineg. Wann een dat dorëmmer stoe gesæit, da géif een dat net mengen. Mä dat ass awer an Aussicht. A wann och d'Akzeptanz bei de Leit do ass an där Géigend, wou se sollen hikommen – dat ass net émmer esou einfach -, da kéint dat 2020 dréinen.

Et ass vill vun Elektroautoe geschwat ginn. Dat ass och interessant. Mer hu scho vill nei Autoe kaf, mä et kéint een och emol deen een oder anere Gasauto kafen. Dat wier och eng Saach, déi ee kéint an d'A faassen.

Et war vill Aarbecht, an ech géif deene Leit, déi un deem Dossier geschafft hunn, e grousse Merci soe well et ass wierklech eng ganz minutieís Aarbecht gewiescht.

#### Mertzig Romain, Schäffen:

Ech soen dem Här Rosenfeld Merci, datt si och vu Sudgaz – wou mer jo Member sinn - déi Initiativen huelen. Dat gëtt eis zougedroen, an dat kënne mer och mat an eise Moossnamekatalog huele fir d'Kommunikatiounen. Mir wëssen awer datt, wa mer d'Autoe spezifesch uschwätzen – egal ob elektresch oder mat Gas bedriwwen -, mer automatesch Méikäschte bei der Uschafung kréien. Do hu mer dann awer och heiansdo budgetär Constrainten, och wann et keng allze grouss sinn. Mä, wéi gesot, mer ginn op dee Wee fir datt mer déi Saach och duerno an d'Gläichgewiicht kréien. Wat d'Wandmille ugeet, esou gesinn ech net onbedéngt en Terrain an der Gemeng. A mer wëssen, datt, wa mer da opriichten, mer émmer eng Noperschaft wäerten hunn, déi do Stuerm dergéint lafe wäert.

#### Rosenfeld Romain (CSV):

Mir hunn der awer nobäi, z.B. zu Tiercelet stoen. Dat ass net wéit ewech. Also wa se um Roudenhoff oder um PED géife stoen, da géifen se och kengem wéi doen.

#### Brecht Guy (LSAP):

Ech hunn eng Fro un den Här Rosenfeld. Dir hutt vun der Prime geschwat, déi ee vu Sudgaz kritt. Ass déi onofhängeg vun där, déi ee vum Staat kritt? Et ass jo bei verschidde Saachen esou datt, wann ee vun enger Säit eng Prime kritt, ee vun där aner Säit näischt méi kritt.

#### Rosenfeld Romain (CSV):

Déi Prime gëtt vun den Installateuren ugefrot. Si maachen also d'Demande a se soen z.B. et gëtt der Enovos zugeschriwwen oder Sudgaz. A wann se Sudgaz dat zouschreiwen, da muss Sudgaz déi Prime och bezuelen. Do ass da keen aneren, dee se bezillt. Dat eenzegt, wat ass, et kann ee se béidsäiteg zegutt schreiwe loassen. Am Klimapakt ewéi och an der Energieeffizienz an der Firma. Bei Sudgaz hu mer och Oploe kritt. Et muss een esou vill Energie an engem Joer aspueren, well soss ginn et Strofen.

#### Becker Romain (déi gréng):

Fir d'éischt géif ech der Madame Schaaf Merci soe fir déi Presentatioun, wat net evident ass. Virun allem well mir hei ënnen am Sall déi Zifferen an dee ganzen Text net kënne liesen. Wann een eng Powerpoint weist an d'Leit kënnen et net liesen, da gëtt et och do eng „best practices“ fir Powerpoint an et wier net schlecht gewiescht, wa mer dat hätte kéint novollzéien. Doriwwer eraus wéilt ech froen, ob een déi Presentatioun als Gemengeconseiller eng Kéier kéint kréien ewéi se do virgestallt gouf, esou datt mer dat och kënnen anstänneg liesen.

Eng aner Saach ass déi, datt mir als 5-gréisst Gemeng aus dem Land esou laang gebraucht hu fir de Klimapakt ze énnerschreiwen, wou aner Gemengen eis wáit vírus sinn an déi éischter ugefaangen hunn. Déi sinn an der Tëschenzäit och scho vill méi wáit. Alles wat hei gesot gouf ass net nei. Et sinn e ganze Koup Saachen, op déi mir scho Joerzéngten drop hiwiesen. Eng vun deene Saachen ass déi, datt mer viru laange Joere gefrot hu fir en Energieberoder an der Gemeng anzestellen. Dat ass mer nees an de Kapp komm wéi den Här Mertzig gesot huet, datt de Beroder net disponibel wier bis Januar 2016. Dat ass normal, well dee gudde Mann, dee muss 3 Gemenge beroden. Wa mir een agestallt hätten – e Klima- oder Bioberoder -, da bräichte mer net émmer ze waarde bis dee Mann disponibel wier.

Mir hunn och schonn éiweg e Solarkadaster gefrot. Den Här Mertzig huet elo drop higewisen, datt mer Plazen hunn, wou et net esou ubruecht wier fir Photovoltaikanlagen anzerichten. Dat misst een erausfannen a kucken, wou a wat. Wa mer eng Kéier e Solarkadaster maache loissen, dann hätte mer direkt um Schiern oder um Pabeier Plazen definéiert, wou een dat ka maachen ouni Aschränkungen.

Da wéll ech och nach eng Kéier drop hiwiesen – et steet esou léif am Text, datt eis Gemeng een elektresche Vélo huet, mä et géif kee Ménsch e benotzen -, datt mer esou net kënne virgoen. Wann ee bedenkt, datt 97% vum Personal mam Privatauto kënnt, da musse mer awer nach eng Schépp bâileeën. Virun allem och fir elektresch Gefierer unzeschafen. Dat wier awer e Minimum, wou mer kéinte bâidroen.

Ech wéll net op alles agoen. Mir schwätzte jo och an der Fraktioun mateneen a mer hu jo och e Vertriebler am Klimateam, een deen an all Versammlung do war. Ech mengen, ech brauch elo net dee ganze Pabeier hei auserneen ze piddelen. Well eise Vertriebler huet jo och do matgeschafft. Den Här Gira ass jo och Member am Klimateam, an dann hätt hie seng gutt Iddie jo och am Klimateam mat abréngé kënnen an dann net hei am Sall duerno dem Schäfferot déi Saachen erundroen.

Wéi gesot, mir sinn als 5-gréisst Gemeng am Land relativ spéit un. Dofir musse mer elo Gas ginn. Ech fannen, datt alles, wat d'Ëmwelt ugeet, do hätte mer kënnen eegestänneg Saachen op de Wee ginn ewéi aner Gemengen. Wuel wéssend, datt dat net grouss subsidiéiert ginn ass, mä am Sënn vun der Ëmwelt hätte mer awer schonn e Pak Saache kënne realiséieren. Et ass elo relativ schlecht wa mer soen, mer mussen elo Gas gi

fir esou vill Suen ewei méiglech erëmkréien. Wann et fir d'Ëmwelt ass, dann ass et fir eis an haaptsächlech fir déi zukünfteg Generatiounen. An do soll een net émmer no de Sue kucken. Dat ass dat, wat ech hei wollt soen. Ech denken awer, datt mäi Kolleg, den Här Scheuer, nach op aner Saachen ageet. Wéi gesot, hie war Member am Klimateam an huet do scho Saache mat afliisse gelooss.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Merci fir déi positiv Approche, déi Dir zu däri ganzer Saach hutt. Wat ech awer bedaueren – Dir hutt grad gesot, datt den Här Scheuer am Klimateam war – ass, datt hien déi Saachen all zoustallt kritt an iech dat net weiderginn huet. Den Här Scheuer hat awer déi Donnéeën zur Verfügung. Bon, et ass och egal. Et ass och net esou, datt mer iech déi wollte virentthalen. Et ass onglécklech elo, mä wéi gesot, Dir hätt se kéinten zur Verfügung hunn.

**Becker Romain (déi gréng):**

Net all.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Dach. Se sinn zwar net alleguer zesummen erfaasst, mä ech hunn zwar alleguer déi Dokumenter kritt respektiv se sinn iwver Mail un d'Membere verschéckt ginn. Mä kommt, mer verhedderen eis net doranner!

Klimaberoder jo an neen. Mir mussen och kucken, änner wat fir engem Statut mer dee kéinten astellen. Do stellt sech émmer d'Fro, ob déi Leit émmer ausgelaascht si wa se bis agestallt sinn. Mä dat ass eng Diskussioun wäert wéi een déi Saach kann upaken. Et kann een awer net einfach esou jo oder nee soen.

Photovoltaikanlage gesi mer effektiv vir, wann d'Méiglechkeet sech géif erginn. Da gi mer och op dee Wee.

Mam Elektrovélo hutt der Recht, do hu mer een. Mä ech stellen einfach d'Fro zeréck: „Hätt dir Loscht elo an deem Wieder mam Elektrovélo ze füeren“? Ech net. Mä mir faassen awer och an d'A fir en zweeten Elektrovélo ze kafen. Ech kann iech awer soen datt, wa gutt Wieder ass, gëtt en awer net wéineg benutzt. Dofir gesi mer eventuell en zweete vir.

Dir hat gesot, mer wierte spéit u mam Klimapakt. Ech gesinn dat net onbedéngt esou, well mir hunn och eng vun eisen Nopeschgemengen, déi engagéiert ass an déi och schonn d'Scheld „Klimapaktgemeng“ opgestallt huet, mä nach iwverhaapt keng Zertifikatioun huet. Dofir mengen ech net onbedéngt, datt mer esou spéit u sinn.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Wa mer elo scho vun der zweeter Zertifikatioun schwätzen, dann hu mer vläicht méi spéit ugefaangen, mä mer sinn awer och 6 Mol méi séier wéi déi aner. Dofir hu mer och kennten e bësse méi spéit ufänken.

**Gira Carlo (CSV):**

Ech wollt just dorop äntwerten. Ech muss mir net vun „déi gréng“ virschreiwe loosse wéi ech meng Politik ze maachen hunn. Et gëtt een Ënnerscheid. Mer hunn e Punkt op der Dagesuerdnung, deen am Gemengerot soll diskutéiert ginn. Ech ka meng Iddien am Klimateam soen an ech ka meng Iddien och hei am Gemengerot soen. Dat maachen ech net a mengem eegenen Intressi, mä am Senn vun de Bierger. Ech hu Virschléi fir d'Bierger gemaach, an ech géif mengen, dat géif mer zoustoen.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Merci och der Madame Schaaf fir d'Presentatioun obschonn ech am Klimateam derbäi war. Ze bedaueruen ass, datt den

Här Koch haut net konnt kommen, well en eng aner Verfluchtung hat. Obwuel et laang gedauert huet bis mer mam Klimateam ukomm sinn, hate mer scho 5 Versammlungen, woubäi ech bei enger leider net konnt derbäi sinn. Dozou wëll ech och soen, datt d'Kommunikatioun net émmer mat dem Klimateam geklappt huet. Ech hat mam Här Linden geschwat, well do sollt eng Reunioun gemaach ginn, déi awer dunn net gemaach gouf. Do hu mer eng Mail kritt. Da ware verschidde Leit an der Vakanz a konnten dofir net do sinn.

Et ware 7 Leit am Klimateam. Obwuel den Här Gira elo eraus aus dem Sall ass, muss ech awer dozou soen, datt mer zu 7 Leit gestëmmt goufe fir dat Klimateam, mä et waren émmer déi selwecht do. Den Här Berg war och am Klimateam, mä e war awer ni do. Ass hien ugeschriwwen ginn oder huet hie sech ofgemellt. Esou vill wéi ech weess, war dat net de Fall. Dat bedaueruen ech, well als Fierschter wier et jo awer gutt gewiescht wann hien dobäi wier an hien eis och heiansdo eng Äntwert hätt kéinte gi wat de Bësch betréfft.

Zu den elektreschen Autoen hu mer hei och scho vill geschwat, och wat de Vélo ugeet, an dofir wier et gutt wa mer Bornë géifen an d'Gemeng kréien, esou datt d'Leit eng Méiglechkeet kréiche fir hiren Auto oder hire Vélo do drun ze hänken.

D'Holzhackschnitzelheizung: dat hate mer schonn e puer Mol ugeschwat. Ech hat dat och am Klimateam ugeschwat, mä do hunn ech géantwert kritt, mer hätten net genuch Holz am Moment. Et kéint een och op dee Wee goen a mat de Bierger schwätzen, well et si vill Bierger, déi hir Beem schneiden oder entsuergen wëllen. An dat Holz kéinte mer och recuperéieren, esou datt mer och mat deem Holz kéinten hétzen.

Vélospisten, dat Thema ass jo elo ganz bekannt an der Gemeng. Et gesäßt ee jo iwverall, wou mer Vélospisten zeechnen. Et kéint een eng Kéier eng Informationsversammlung ofhale wa mer dat ganzt Konzept fäerdegg hunn. Net direkt. Da kéint een de Leit erklären, wéi dat mam Verkéier funktionéiert, well momentan gëtt ee schonn drop ugeschwat wéi mir eis dat virstellen, datt d'Leit eemol op esou enger Vélospist kéinte fueren. D'Leit fueren elo an der Mëtt vun der Strooss, well se fäerten, si wieren am Feeler. Dofir wier et interessant, wann d'Leit dobasusse matgedeelt kréie wéi mir eis dat virstellen. Mer begréissen zwar, datt nach méi Vélospiste solle gezeechent ginn – den Här Breyer huet jo elo grad gesot, datt et kee Feeler wier – obwuel et verschidde Leit en Dar am An ass wann e Vélo op der Strooss ass. Mir fannen dat awer gutt.

Et ass zwar schued, datt den Här Gira nees dobaussen ass, mä dat Thema vum Lotissement zu Rolleng hate mer och am Klimateam ugeschwat, an zwar wéi mer dat sollen hétzen. Dat war leider ze spéit, well do war d'Ausschreiwung scho gemaach. Do hat ech jo virgeschloen, mer sollten en anere Wee aschloe wéi mat Gas ze füeren. Ech hoffen, datt mer an Zukunft bei anere Gebailechkeeten, déi mer maachen, de Promoteure kenne mat op de Wee gi fir iwver en anere Wee ewei Gas ze goen.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Merci fir är gutt Mataarbecht, och am Klimateam. Dir waart effektiv émmer do an hutt ären Input ginn. Wéi gesot, och déi Saachen, ewei dem Här Gira seng Suggestiounen, huele mer och mat. Den Här Koch konnt haut leider net hei sinn, mä ech mengen d'Madame Schaaf huet eis dat awer gutt interpretéiert. Wat den Här Berg ugeet, an esou wäit ech informéiert sinn, misst och hie mat geruff gi sinn. Ech wäert dat awer nokucken. Menges Wéssens misst hien als Member vum Klimateam mat invitéeiert gewiescht sinn.

Wat d'Bornë fir d'Vëloen oder fir d'Autoen opzelueden ugeet, esou ass dat eng Fro vun der Zäit, esoubal mer och en Elektroauto hunn. Mä gutt, dat musse mer och plangen, esou datt se zougänglech ass. Dat sinn déi Saachen, wou een am Virfeld muss kucke fir ze gesinn, wou een se strategesch gutt kann hisetzen.

Selbstverständlech kann een déi Iddi fir d'Offäll – och vu Privatleit – mat an d'Verbrennungsanlag eran ze huelen an d'A faassen.

Wat d'Vélospisten ugeet, do kann den Här Breyer eis drop äntwerten.

Wat d'Lotissement An Atzéngen ugeet, esou ass et bedauerlech, datt dat verpasst gouf. Mä mer haten esou vill Saachen ze dinn. Op där enger Säit soe mer, datt et ze séier gaangen ass well mer änner Drock waren. An doduerch sinn eis vläicht e puer Saachen entgaangen. Mä eist Klimateam ass „multicolore“ an dofir ass alles wëllkomm a mer wäerten an Zukunft kënne Saachen ausschaffen, déi mer dem Schäfferot zoukomme kënne loessen an déi mer dann och wäerten afléisse loessen.

#### Breyer Roland, Schäffen:

Just fir op déi Suggestioun vun der Informatiou un iwwer d'Vélospisten ze äntwerten, wëll ech soen, datt et virgesinn ass fir Ufank Dezember eng gréisser Informatiou un all Stot auszedeelen. Do weise mer déi Changementer bildlech, an zwar och d'Gebrauchsweisung vun esou enger Vélospist. Bis dohinner misst och alles bis an de Zoning an eventuell och den Uschloss un déi normal touristesch Piste fäerdegen sinn.

Am Dezember wäerte mer dann och d'Zone 30 definitiv lafen hunn, esou datt een déi Informatiou och un d'Leit ka ginn. An zwar wat fir Changementer antrieben. Et kommen och nach 2 direktionell Saachen, déi änneren. D'rue de la Gendarmerie wäert als Einbahnstrooss funktionéieren. Mer denken och drun, fir eng Proufzäit fir d'rue Neuve an d'rue Bommert lafen ze losse fir de Verkéier och do anesch lafen ze loessen, well do eng Geforequell ass fir op der Haaptstrooss erauszfueren. Dat alles gëtt an enger Dezembereditiou – net am Meng Gemeng -, eventuell an enger spezieller Informatiou un d'Leit erugedroen.

#### Scheuer Romain (déi gréng):

Merci datt dir déi Informatiounsversammlung wëllt maachen. Ech wollt just zum Vélo eppes soen. Dir hutt gesot, et wier e bësse problematesch mat de Vëloen an ob mir an déser Zäit wéilte mat dem Vélo fueren. Mä wa mer elo vläicht géifen an nächster Zukunft ufänken, da géif och vläicht d'Gemengepersonal se huele wann se vu Lamadelaine oder Rodange d'Méiglechkeet hätte fir ze kommen an och eng Borne hätte fir en ofzeseten. Da wier dat eng logesch Saach. Dann hu mer d'Leit och vläicht motivéiert. Et ass e bëssen ze bedaueren, datt 97% mam Auto kommen. Et ginn ebe Leit, déi verflucht si mam Auto ze komme well se e Kand mussen anzwousch féieren oder och no der Aarbecht nach anzwousch hifueren. Mä mat deem Vélossystem kéint ee se vläicht motivéieren, op dee Wee ze goen. Si wieren och bestëmmt gewëllt, op dee Wee ze goe wann se eng Méiglechkeet hätte fir hire Vélo ofzestellen. D'Sécherheet ass jo och e Problem wann een hei e Vélo ofstellt. VLäicht kéint ee mat deem Boxesystem fueren, esou datt e sécher ofgestallt kéint ginn.

Ech hat nach eppes vergiess. Der hat virdru gemengt, datt ech dem Här Becker d'Informatiounen net weiderginn hätt. Mir hunn iwwer alles geschwat, wat mer hei am Klimateam haten. Et war just eng Versammlung, wou ech net derbäi war

a wou ech och keng Donnéeën hat. Déi konnt ech dem Här Becker dann och net weiderginn.

#### Mertzig Romain, Schäffen:

Ech hunn net gesot, dir hätt him se net ginn, mä et wier eppes schif gaange well dir als Member vum Klimateam am Besétz vun deenen Donnéeë misst sinn. Méi hunn ech net gesot. Ech hunn iech kee Virworf gemaach, ech hu just eng Feststellung gemaach.

Déi aner Saach ass déi. Mir hunn en éischte Schratt mat de Vélospiste gemaach. Och do musse mer ee Schratt nom anere goen. D'„mobilité douce“ wäert sech da verbesseren, mä mer kënnen awer och keen dozou zwénge fir mam Vélo ze fueren. Wéi gesot, do kënne mer just sensibiliséieren an op d'Matschaffe vun eise Leit hoffen. Op där aner Säit maachen ech eng aner Feststellung. Egal wat fir eng Fuerf hei am Gemengerot sëtzt, ech hunn nach kee gesi mam Vélo heihinner kommen.

#### Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Zu deem Thema wollt ech awer nach eppes soen. Wann ech héieren, datt 97% vun de Leit mam Auto op d'Schaff musse kommen, da sinn ech awer mat ärer Ausféierung guer net averstanen. Mir hunn hei TICE-Bussen, déi duerch déi ganz Gemeng fueren. An ech géif soen, 97% vun deenen, déi hei zu Péiteng an der Gemeng wunnen, missten net mam Auto kommen. Och wa mer nach keng Vélospisten hunn. Se kéint och mam Bus kommen, an do hätten se vill Méiglechkeeten, déi ugebueden awer net gebraucht ginn. An ech fäerte ganz, datt och déi Vélospiste d'Welt net verännere wäerten. Well wann ee wéilt mam Éffentlechen Transport kommen, dann huet een um Gebitt vun der Péitenger Gemeng ganz vill Méiglechkeeten.

#### Scheuer Romain (déi gréng):

Et war net némme fir d'Gemengepersonal geduecht, et ass am Allgemenge fir d'Leit alleguer. Wann déi, di heibanne sinn, net wëlle mam Vélo kommen, dann ass dat jidderengem iwwerlooss. Ech kommen zum Beispill zu Fouss hei erof. Net all Mensch huet d'Méiglechkeet zu Fouss ze kommen. An da wëll ech derbäi soen, datt Leit, déi hei schaffen, mech ugeschwat hunn op de System vum Bus. An dir sidd jo selwer am TICE mat dran. Do sinn elo d'Horairé versat ginn, esou datt een haut net 8 mä 16 Minutte brauch fir op d'Aarbecht. Fir verschidde Leit ass dat vill. Mä haut muss ee flexibel sinn. Vill Leit maachen e wäite Wee fir schaffen ze fueren, déi huelen dat net a Bet्रeucht. Mä hei sinn awer Zäiten, wou Leit, wéi et schéngt, e Problem mam Horaire vum TICE hunn. Ech weess och net firwat. Mer hu jo awer e Minuttentakt. Et kann ee scho bal soen, d'Busse fuere quasi hannereneen. Ech ginn iech net Onrecht wann der sot, datt een aner Méiglechkeeten huet fir heihinner ze kommen. Hei muss een d'Leit dozou bewegen, datt se de Bus sollen huelen.

#### Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Also dat vun deenen 8 bis 16 Minutte weist dir mer dann awer.

#### Scheuer Romain (déi gréng):

Ech froe gären no wou dat ass, well ech dat gesot krut. D'Busse fuere jo bal hannereneen, also misste jo bal genuch Bussen do sinn.

#### Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Et muss een och vläicht dee richtege Bus huelen. Wann ee fir d'éisch a Richtung Lonkeh fiert fir op Péiteng ze kommen, dann ass dat do méiglech.

**Scheuer Romain (déri gréng):**

Et ass scho schwéier fir jidderengem alles richteg ze maachen. Mä d'Leit misste sech awer och kënnen émstellen.

**Thein Joe (adr):**

Ech wëll och der Madame Schaaf an der Energie-Agence fir hir interessant Presentatioun Merci soon. Als adr bedauere mir natierlech, datt d'Opposition alt nees keng Dokumenter a keng Presentatioun zur Verfügung gestallt kritt wou een déi Saach am Detail hätt kéinten analyséieren.

Mir als adr vertrieben eng méi differenzéiert Approche wat d'Natur ugeet. Mir sinn och fir d'Natur, mä mir kucken dat émmer aus engem ganz kritesche Bléckwénkel. Dofir wëll ech och virun deem extremen Optimismus warnen, well hei gouf iwwerhaapt net de Populationswuesstem a Betruecht gezunn. An d'Gemeng huet och bis haut keng Limite konnten nenne wat dee Sujet hei ubeet. Mir müssen awer wëssen datt, wat méi Leit heihinner wunnen kommen, wat méi Leit duerch d'Gemeng fueren a wat och de Waasserverbrauch an d'Mobilitéit an der Gemeng wäerten an d'Luucht goen. Ech verstinn och net firwat hei Leit gezwonge ginn op de Vélo ze klammen oder zu Fouss ze kommen. Wéini versti mer endlech, d'Mobilitéit als Konzept vum 21. Jorhonnert ze begräifen? Bon, 106 Émfroe sinn net ganz representativ, mä se hunn awer bestätigt, datt 97% mam Auto fueren. Also muss een och den Auto an dat Konzept integréieren, an zwar richteg.

Déi Leit, déi fir d'Vélospiste plädéieren, dat sinn dacks Politiker, déi mengen, si misste géint den Auto sinn a selwer fueren se awer net mam Vélo op déi Plazen, wou se wëllen higoen. Ech mengen, den Här Bausch als Minister ass do dat beschte Beispill. Hien ass dacks um Vélo wann et drëm geet op enger Foto ze sinn, mä net an der Realitéit dermat fier. Dir wäert gesinn, datt d'Vélosweeër an d'Zone 30 wäerte scheiteren, well se eng schlecht Planung sinn. Dat Konzept, émmer méi géint den Auto ze schaffen, ass dee falsche Wee am 21. Jorhonnert.

Da muss een och wëssen datt, wa mer vun Energie spuere schwätzten, mer och iwwer de Steierzueler müssen diskutéieren. Iwwer deen ass kee Wuert gefall. Mä dat ass deen, deen d'Energiespuere muss bezuelen. Dee kritt iwwer d'Gemengsteieren, iwwer Taxen an iwwer sonsteg Politiken d'Suen aus der Täsch gezunn. Ech mengen, mer musse wëssen, datt deen och säin Deel dozou bïdréit. Mir hate schonn deemoools d'Diskussiounen iwwer déi émstridden Energiepass, gréng Stroum z.B. wäert och vill méi deier sinn ewéi anere Stroum, an ob Sonnekollektoren oder Wandrieder letztendlech wierklech esou rentabel sinn, dat ass nach guer net festgestallt oder richteg analyséiert ginn.

Mir schwätzten awer hei besonnesch net némmen iwwer Net-Gemengebaier, mä och a besonnesch dorriwwer. Mer hu jo an der Presentatioun gesinn, datt d'PiKo z.B. do déi gréisser Roll spilt. Wat ass letztendlech d'Zil vun deem Klimapakt? Ass et fir géint de Klimawandel virzegoen? Wa jo, firwat da just Lëtzebuerg, a firwat da just Péiteng? Wat ass da mat China oder anere Länner, déi absolut guer keen Effort an deem Sujet do maachen? Musse mir dann als klengt Land d'Virreiderroll spille wann aner grouss Länner kee Fanger krommaachen?

Ech wëll iech och soen, datt dee Klimawandel diskutabel ass. Dacks gëtt gesot, datt den CO2 fir d'Äerderwäermung schélleg ass. Mä den CO2 ass ee vum Problem, den CO2 ass niett dem Methan an den FCKWen – dat si Chloratomer – en Deel vun deem Ganzen. D'CO2 sinn nämlech 0,035% Bestanddeel vun deem Problem. An et muss een och wëssen, datt den CO2 en natureegene Bestanddeel vun der

Loft ass. Dir gesitt also, mat 0,035% spilt den CO2 e ganz minimale Wäert an därf Fro. Dat gesot well ech och nach derbäi soen, datt Wëssenschaftler elo festgestallt hunn, datt d'Äis an der Antarktis nees zougeholl huet. Et ass ze rechne mat enger klenger Äiszäit, déi op eis duerkéñnt. Ech hunn op jiddwer Fall emol Schal a Mutz kaf, de Wanter gëtt kal, also denkt och dir drun, iech richteg anzekleeden.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Ech gesinn, am Géigesaz zu iech, datt mer um gudde Wee sinn. Mer hunn deen 2. Sprass schonn erreecht fir déi 2. Zertifikatioun. Dat beweist och, datt mer och virdru schonn eng gutt Aarbecht geleescht hunn. Ech mengen, hei ass nach ni ee gezwonge ginn an et gëtt och kee gezwonge fir eppes ze maachen. Ob dat mam Vélo fueren ass oder eppes anesch. Dat si just Recommandatiounen, do ka jidderee maache wéi e wëll. Mir hunn eis Aufgab eescht geholl an eis Virgabe ginn. An dorop wäerte mer och an Zukunft opbauen.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ech géif virschloen, datt mer déi 3 Punkten, déi jo méi oder manner mateneen ugeschwat gi sinn, der Rei no ofstëmmen. Wann dir domatter averstane sidd. Fir d'éisch d'„Leitbild“, dann den Avenant zum Klimapakt an zum Schluss déi kommunal Subventiounen, déi mer vum nächste Joer u wëllen ausbezuelen.

**Accord avec 14 voix et 1 abstention (adr).**

**5.2.**

**Environnement.**

Avenir relatif au contrat du «Pacte Climat» - approbation.

**Approbation avec 14 voix et 1 abstention (adr).**

**5.3.**

**Environnement.**

Octroi de subventions communales aux particuliers dans le domaine de l'utilisation rationnelle de l'énergie et des énergies renouvelables – décision.

**Accord avec 14 voix et 1 abstention (adr).**

**6.1.**

**Administration générale.**

Approbation des titres de recettes au montant total de 14.364.393,00 euros, dont

- Dotation de l'État, avance 2e semestre (8.070.654,00 €)
- Dotation de l'État, avance 3e semestre (6.037.803,09 €)
- TVA – déclaration exercice 2014 (88.251,63 €)
- Elections – Remboursement par le fonds de dépenses communales (23.912,91 €)

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

**Approbation à l'unanimité.**

**6.2.**

**Administration générale.**

Fixation du taux multiplicateur à appliquer en matière d'impôt commercial pour l'exercice 2016 – décision.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Hei geet et, wéi èmmer am Oktober, drëm fir den „taux multiplicateur“ festzeleeën. Engersäits vun der Gewerbesteier an am Punkt 6.3. vun der Grondsteier. Wat de Punkt 6.2. ugeet, esou wëlle mer do eng kleng Ännérung erabréngent. Mer hu festgestallt, datt mir mat eisem Prozentsaz zimlech niddereg stinn – och am Verglach mat Déifferdeng a Käerjeng. Och am Verglach mat anere Gemengen am Prosud, déi elo alleguerte bei 350% leien. Käerjeng wëll esouguer vun 350% op 400% eropgoen, esou datt mir eis awer deene Gemenge ronderëm upasse wollten a vun 325% op 350% erop wollte goen. Beetebuerg, Diddeleng oder Schëffleng hunn dat schonn. Déi eenzeg Gemengen, déi dat nach net hunn, sinn Esch a Suessem. Mir géifen iech als Schäfferot virschloen, eisen „taux multiplicateur“ op 350% ze hiewen.

**Conzemius-Holcher Josette (CSV):**

Mécht dat da schrecklech vill aus fir d'Gemeng?

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Dat kann een net esou richteg ausrechnen. Et ass net, datt mir op eisem Site vill Sue géifen erakréien. Mä wa mir wäit ènner deem Niveau si vun deenen aneren, dann huet dat och en Afloss op dat, wat mir aus deem Gesamtpott kréien. Een Deel gëtt jo an dee Gesamtpott gesat, an de Rest kréie mer jo direkt vun eise Betriber, déi bei eis sinn. Dee gréissten Deel kënnt aus deem Gesamtpott. Wa mir also méi niddereg wéi déi aner leien, dann ass eis Participatioun och méi niddereg un deem, wat am Gesamtpott ass. Richteg aschätze kann een dat net, mä et kann een awer, wann een eng gewësse Gréissenuerdnung huet, rechnen, datt et tëscht 300.000 a 500.000 Euro sinn, jee nodeem, wéi d'Gemenge lénks a riets am „taux“ leien.

**Conzemius-Holcher Josette (CSV):**

Mer hu jo awer net esou vill Betriber hei, déi Aarbeitsplätze schafen. Wa mer deenen awer geschwënn den Hals zoudréinen, da kommen der och èmmer manner. Och kleng Betriber spieren dat awer. Nujee, wann déi aner et alleguerten hunn, da solle mer dat och maachen. Mä ech mengen, mer sollen awer och déi kleng Betriber ènnerstëtzen. Ech sinn net ganz domatter averstanen.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Déi kleng Betriber bezuelen näisch. De groussen Deel vun de Betriber bezuele keng Gewerbesteier well se déi Schwell do net erreechen. Dat heescht, e klenge Betrib ass heivunner net beträff.

**Conzemius-Holcher Josette (CSV):**

Da sinn ech frou.

**Thein Joe (adr):**

Ech hu virdrun a menger Interventioun dofir gewarnt, datt mer Steierherhéjunge maachen. Wat ass am nächste Punkt komm? Steierherhéjungen! Dir hutt selwer gesot, datt mer 300.000 bis 500.000 Euro Steierherhéjunge mat dëser Augmentatioun maachen. D'adr stëmmt dogéint.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Dat ass falsch interpretéiert. Dat hutt dir da ganz falsch verstanen. Et si keng 300.000 bis 500.000 Euro. D'Ëmverdeelung gëtt vun deem, wat am Gesamtpott ass, gemaach. An déi eenzeg, déi hei beträff sinn, dat sinn e puer gréisster Betriber. Ènner anerem eis Tankstellen op der Grenz. Fir all déi aner huet dat kee Afloss. Et kann een also net vun enger Steierherhéjung schwätzen, dat ass komplett falsch.

**Accord avec 14 voix et une voix contre (adr).**

**6.3.**

**Administration générale.**

Fixation du taux multiplicateur à appliquer en matière d'impôt foncier pour l'exercice 2016 - décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre:*

Impôt foncier A:

<i>Propriétés agricoles</i>	400%
-----------------------------	------

Impôt foncier B1:

<i>Constructions industrielles et commerciales</i>	640%
--	------

Impôt foncier B2:

<i>Constructions à usages mixtes</i>	400%
--------------------------------------	------

Impôt foncier B3:

<i>Constructions à autre usage mixte</i>	200%
--	------

Impôt foncier B4:

<i>Maisons unifamiliales, maisons de rapport</i>	200%
--	------

Impôt foncier B5:

<i>Immeubles non bâties autres que les terrains à bâtir à des fins d'habitation</i>	400%
---	------

Impôt foncier B6:

<i>Terrains à bâtir à des fins d'habitations</i>	600%
--	------

**Accord à l'unanimité.**

**6.4.**

**Administration générale.**

Démission et nomination dans la commission de la culture – décisions.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

**Votes secrets:**

**La démission de M. Jos Engel comme membre de la commission de la culture est accordée avec 13 voix.**

**Avec 13 voix, Mme Valérie Lemaire de Lamadelaine est nommée comme nouveau membre de la commission de la culture.**

**6.5.**

**Administration générale.**

Convention avec le Groupement d'Intérêt Economique régissant l'accès par la voie électronique des administrations et des établissements publics aux informations du Registre de commerce et des sociétés – approbation.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

**Approbation à l'unanimité.**

**6.6.**

**Administration générale.**

Contrat d'autorisation de reproduction par reprographie d'œuvres protégées au profit des Communes/Villes du Grand-Duché de Luxembourg avec la société LUXORR – approbation.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

**Approbation à l'unanimité.**

## 7.

### Enseignement.

Affectation du personnel enseignant pour l'année scolaire 2015/2016 – décision.

#### Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Hei ass e Punkt, dee mer schonn den 21. September op der Dagesuerdnung haten, mä dee mer do kuerzfristeg reportéiert hu well mer gehofft hunn, fir haut eng Léisung ze henn. Mir hunn awer de Moment nach keng Léisung. D'Ursaach vum Report vun där Entscheidung war déi, datt op der Lësch fir d'Affectatioun vum Léierpersonal fir d'Joer 2015-2016 dräi Persoune stoungen, déi de Schwammunterrecht sollten halen, déi den „Junior Life Saver“-Brevet net haten. An där Sëtzung war och festgehale ginn, datt mir e Bréif sollten un den Educatiounsmister schécken an deem mer hie sollte froen, datt en esou séier wéi méiglech eng Léisung géif virschloen, esou datt mer nees an eiser Gemeng de Schwammunterrecht kéinten halen. Well ech mengen, et ass jo allgemeng gewosst, datt 24 Klasse betraff waren, déi deemoos an och haut nach kee Schwammen hunn.

De Ministère huet eis och geäntwert. Den 1. Oktober ass e Bréif erausgaangen, deen awer eréischt den 12. Oktober hei an der Gemeng gestempelt gouf an an deem de Ministère schreift: «Les dispositions légales et réglementaires en vigueur ne permettent pas que des instructeurs de natation peuvent être engagés comme remplaçants des titulaires de classe.» De Gemengerot kéint awer am Kader vun der Schoulorganisatioun entscheeden a wann e Bedierfnes besteet „... pour assister des titulaires de classe ou leurs remplaçants lors de l'instruction de natation prestée dans un tel contexte“. Déi 3 Chargé de cours, déi an eis Gemeng affektéiert goufen an déi och betraff sinn, kéinten esou séier wéi méiglech an engem Schnellkurs vun 12 Stonnen déi Formation duerchzéien. Si sinn de Moment domatter amgaangen.

De Ministère schreift och, datt dat – an eisem Intressi - esou séier wéi méiglech iwver d'Bühn soll goen. An der Limite vun eise Mëtteli sollten d'Autoritéiten natierlech dat weiderdreiven, a si hoffen, datt dat bis d'Allerhellegevakanz iwver d'Bühn wier. Falls dat net de Fall wier, dann, wann et onméiglech wier, géif sech dem Minister sain Departement sech deem unhuele fir déi Formation esou séier wéi méiglech op en Enn ze bréngen.

Mir hunn nach eng Kéier mat eisem Inspekteur iwver déi Problematik geschwat an hien ass do och eiser Meenung. Mir hunn an deem Punkt nach émmer keen „titulaire de classe“, deen déi do Formation ofgeschloss huet. Mer hu keen, deen den „Junior Life Saver“ huet. Et ass jo awer allgemeng gewosst, datt een, fir déi Performancé kënnen ze maachen, allgemeng schonn e gudde Schwëmmer muss sinn. Well et ass gewosst, datt een e ganze Baseng muss duerchdauchen, datt een an enger gewësser Zäitlimite muss eng gewëssen Unzuel u Metere schwammen an een dann och nach eng Persoun kann aus dem Waasser retten. Dat ass net esou einfach. Mir hoffen op alle Fall, datt bis d'Allerhellegevakanz deen een oder aneren de Brevet huet. Wann dat net esou ass, dann hänke mer natierlech nach émmer esou do. Den Inspekteur huet eis natierlech gesot, hie kéint drun denke fir deen een oder anere Chargé auszetausche well et net esou evident ass, datt déi 3 Chargé de cours do, déi de Moment amgaange sinn de Brevet ze maachen, dat bis deen Datum packen.

Wann dat esou sollt sinn, da kéinte mer op dëse Wee goen. Mir verschiben et noutgedrongenermoosseen nach eng Kéier,

well mer awer net kënnen higoen a soen, mir loosser d'Kanner nees schwammen, well mer jo kee Chargé hunn, deen op deen dote Punkt gesat ass an de Brevet huet. De Minister kritt eventuell nach eng Kéier geschriwwen a mir géifen him soen, datt eis Kandidate bis deen Datum de Brevet net gepackt hunn a mer géifen hien och froen, ob hie kéint virschloen, eng Intensivausbildung ze maachen, déi vlächt méi Chancen huet.

Wann de Gemengerot haut mat där Propose averstane wier, da géif ech dëst virschloen:

- d'ajourner par la force des choses encore une fois l'affectation du personnel enseignant pour l'année scolaire 2015/16;
- de charger le collège échevinal d'informer sans tarder le ministre de l'Education Nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse sur la situation telle qu'elle se présente actuellement à Pétange, tout en le priant de charger son département de faire organiser une formation accélérée le plus rapidement possible, telle qu'il l'a proposée dans sa réponse envoyée à la Commune.

#### Becker Romain (déi gréng):

Ech hu just eng Fro: wat geschitt elo momentan mat deene Klassen, déi hätte solle schwamme goen, mä elo net schwamme ginn. Mir ass zougedroe ginn, datt déi an de Klasse sätzen a Filmer kucken. Ass dat esou?

#### Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Also ob se Filmer kucken, dat ass dem Chargé, deen de Cours jo awer ofhält – natierlech an der Klass – iwwerlooss. Mir kënnen eis do net amëschen. Dat ass eng Saach vum Programm, déi dann och mam Inspekteur ofgeschwat ass. Mir hunn op alle Fall drop gehalen, datt d'Kanner net beim Basseng solle sätzen, datt se net sollen an der Schwämm sinn. Wa schéi Wieder ass, esou hate mir hinne virgeschloen, kënnen se erausgoen a Sport maachen. Mä de Rescht vum Programm, dat ass eng Affär téscht dem Inspekteur an dem Chargé.

#### Becker Romain (déi gréng):

Sport dobaussen oder och dobanne maachen, dat wier méi logesch ewéi an der Klass ze sätzen a Filmer ze kucken.

#### Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Här Becker, ech ginn iech komplett Recht. Dofir hu mer jo als Gemengerot 2 grouss Schwämme gebaut, esou datt d'Kanner kënne Sport maachen. Mä de Problem läit elo net um Niveau vun der Gemeng.

#### Conzemius-Holcher Josette (CSV):

Ech fannen, datt dat, wat de Minister eis geäntwert huet, mat den Hoer erbäi gezunn ass. Aus menger Siicht ass et eng „mauvaise volonté“. Mer hate jo awer eng Tëscheléisung fonnt an eis Schwammmeeschteren hunn dat dach jorelaang gemaach. Ech verstinn datt, wann een den Examen net packt, d'Schwammmeeschteren dat elo op eemol net méi kënnen maachen. Dat verstinn ech einfach net an ech kann dat och net énnertëtzten. Sport ass jo awer wichteg. Wa se, wéi den Här Becker dat gesot huet, an där Stonn Filmer kucken, dat géif ech dat och net gutt fannen. Da sollen se eben erausgoen an d'Natur oder anere Sport maachen. Mä dat ass um Chargé fir dat ze maachen. Dat ass awer net un eis fir dat ze entscheeden.

#### Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Eis Schwammmeeschtere si jo de Moment amgaangen, deene Leit Courses ze gi fir datt se kënnen dee Brevet

kréien. D'Exame solle jo ausgangs Oktober ofgehale ginn, an ech hoffe jo, datt se déi packen, fir datt eis Kanner nees kenne schwamme goen.

**Stoffel Marco (LSAP):**

Mech huet déi Reaktioun vum Minister schockéiert. Mir als Péitenger géife jo émmer eng Extrawurscht kréien, esou huet dat geklungen. Et ka jo net sinn, datt mir dat einfach esou iwwer eis ergoe loessen. OK, Gesetz ass Gesetz, mä mir dierfe jo awer wéinstens eng Reaktioun dorop kenne gi fir ze weisen, datt mir domatter net averstane sinn. A fir dat dann esou duerzestellen ewéi wa mir émmer eng Ausnam wéilten, dat fannen ech och net richteg. Wa se higaange wieren an eng Ouverture gemaach hätten – et geet jo ém déi „sécurité double“ – andeems se 2 Schwammmeeschteren am selwechte Cours géife plazéieren, da wier et jo dat selwecht gewiescht. Mä datt dat emol net an enger Iwwergangphas méiglech ass, dat fannen ech ganz schlëmm.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Neen, de Minister behaapt sech ganz stor dorop, datt et net méiglech ass fir en Ersatz ze kréien. Mir mussen awer dann och un d'Sécherheet vun de Kanner denken. Stellt iech vir, do géif eng geschéien. Da géif et heeschen, mir hätte Leit bei de Kanner gelooss, déi de Brevet net hunn, an eis Schwammmeeschteren dierfe just nokucken. Mir sinn och amstand fir ze soen, datt mir eis och wëllen un d'Gesetz halen a mir hätten och gären, datt mir Leit beim Basseng hunn, déi den Titulaire vun der Klass sinn, mä och de Brevet hunn.

**Gira Carlo (CSV):**

Ech bedaueren et weider, datt eng Rëtsch vun eise Kanner, déi jo bis d'Fuesent nees Schwammunterrecht sollten hunn, dësen net benotzen an dést Joer kaum nach richteg schwamme wäerte léieren. Mir schwätzen hei vun deem Brevet. Dat ass e Rettungsbrevet. Domatter hu mir nach net garantéiert, datt deen Titulaire de Kanner d'Schwamme bai ka bréngen. Dir hutt jo selwer elo gesot, datt déi Leit, déi dëse Brevet elo maachen, eng gewësse Konditioun mussen hunn. Een, dee schwamme kann an engem och schwamme ka bai-bréngen, dee misst awer eng gewësse Formatioun an och eng gewëssem Ausdauer hu fir de Kanner dat bai-zébréngen.

An da wéll ech nach eng Kéier drop agoen, wat dem Minister säi Vertrieder owes op RTL vu sech ginn huet. Hien huet gesot, datt d'Schwamme géif zum Sport gehéieren, an dorënner géif och d'Ernährung gehéieren. An do kéint een och interessant Course maachen. Do wollt ech wëssen, ob esou Course fir d'Kanner ugebueude gi sinn.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Menges Wëssens net. Op jiddwer Fall ass mir näisch bei eis an der Gemeng bekannt. Ob dat an aner Gemenge leeft, dat kann ech hei net esou beuertelen. Mä fir nach eng Kéier op är éischt Bemierkung zeréckzekommen, do läit et och an der Hand vum Minister, deen zoustänneg ass, fir ze entscheeden, wat gefrot ass fir kennen de Schwammunterrecht ze halen. Wann elo vum Ministère derbäi kënnt, datt de „Life Saver“-Brevet gefrot ass, dann ass et esou. Dat si Suggestiounen, an d'Ministeren hu jo och hir Inspektieren a Spezialiste ronderëm sech, déi si berode fir datt eng uerdentlech Schwammstonn ka gehale ginn esou datt eis Kanner dat optimal bai-bruecht kréien. Dat läit net an der Hand vun der Gemeng.

**Gira Carlo (CSV):**

Wat een awer muss festhalen ass d'Tatsaach, datt déi Kanner net schwamme geléiert hunn.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Dat ass richteg. De Moment op jiddwer Fall net.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ech ginn dem Här Gira Recht. D'Kanner hunn net nämmen net schwamme geléiert, mä mir kënnen eis net un dee Programm halen, dee mir eis virgeholl haten. Dat ass richteg.

**Thein Joe (adr):**

Ech fannen et schued, datt ech esou spéit opgeruff ginn. Ech hat mech eigentlech éischter gemellt. Net all Gesetz ass e gutt Gesetz. Dat hei ass esouguer e grotteschlecht Gesetz. Ech verstinn déi Nervositéit an Opreegung hei am Gemengerot net. Am leschte Gemengerot hu mir hei eng kloer Positioun bezu fir d'Schwammmeeschteren. Dann ass et elo um Gemengerot, géint déi do Propositioun ze proposéieren. Mir hunn eng gewësse communal Autonomie, déi mer hei kënnen exekutéieren. A fir däi Positioun fir d'Schwammmeeschtere gerecht ze ginn, musse mir déi dote Schoulorganisatioun refuséieren.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Et ass jo dat, wat mir haut virschloen. Eng Nervositéit hu mer net, mä mer gesinn et awer och net ganz geloossen, well mer och dem Wunsch wëllen nokommen, datt et uerdentlech soll hei zu Péiteng iwwer d'Bühn goen an datt déi Kanner an de Genoss solle komme vun deem Schwammunterrecht, dee jo an der ganzer Schoulorganisatioun virgesi war. Mir hunn dem Minister geschriwwen a mir wäerten dem Minister nach eng Kéier schreiwen. An domatter weise mer jo schlisslech eise Protest. Ech mengen, dat soll och iwwer d'Bühn goen. Zwar mat deem néidege Respekt fir all Mënsch, mä et soll gewosst sinn.

**Brecht Guy (LSAP):**

Ech gesinn dat och esou wéi d'Madame Conzemius an den Här Stoffel virdrun. Ech fannen dat einfach eng Frechheet, wat mer do als Äntwert kréien, well si jo awer net ganz onschéllleg un däi ganzer Situations sinn. Bon, si hunn d'Recht fir op eemol e Gesetz do auszegruewen, dat ass an der Rei. Et war ebe just den Zäitpunkt. Mer si jo kuerzfristeg domatter iwwerfall ginn. Wa se eis do virdrun an d'Bild gesat hätten, dann hätte mer och kéinten éischter op déi Situations reagéieren. Da wier et vläicht net esou wäit komm.

Da muss ech awer och soen, datt mir Engagemerter hei hu mat Betreier, déi d'Schüler encadréieren, mat engem Bus-transport, wou mer och musse bezuelen, an déi fueren elo eidel oder guer net. A mir mussen et awer trotzdem als Gemeng bezuelen.

Da wollt ech och nach froen, wien déi Formatiounen do hale kann. Muss de Ministère elo op déiselwecht Leit zeréckgräifen, déi och elo d'Formatiounen halen?

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Also déi Formatiounen gi vun eise Schwammmeeschtere gehalen. Si hu jo e Meeschertitel a déi halen d'Courses. Et ass e bësse komesch wann een dat seet, well si selwer kee Schwammunterrecht kënnen halen. Mä si forméieren dann elo déi Leit, déi dann duerno de Schwammunterrecht halen.

Fir elo op d'Käschten zeréckzekommen, esou hu mir däi. An dat fir eng Saach, vun däi mer net këinne profitéieren. Natierlech hoffe mer, datt et duerno an d'Rei geet. Och wa mir virdrun an d'Bild gesat gi wieren, mer wieren awer, nodeems wat d'Gesetz virgesäit an no der Äntwert vum Minister, net méi weider virukomm ewéi bis elo. Well de Minister bleift jo op senger Positioun, wou e seet, datt den

Titulaire vun der Klass de Schwammunterrecht muss halen. Op dat am Juli wier oder am September, do komme mer net weider. Wann awer elo op deem Punkt keng Ännierung kënnt, da si mer blockéiert.

**Brech Guy (LSAP):**

Mer hätten awer kéinten éischter mat eise Formatiounen sinn. Da wiere mer vläicht gutt gewiescht wann d'Situatioun komm wier. Mä gutt, hätten, haten an hunn.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Et dierf een och net vergiessen, datt d'Vakanzenzäit dertësch war an och kee vun deene Leit hei war. Ech weess och net, ob ee gewëllt gewiescht wier fir während senger Vakanzenzäit eng Formatioun ze maachen.

**Brech Guy (LSAP):**

Et ass jo awer keen zwee Méint fort, Madame Conter.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Ech hoffen op alle Fall, datt mer an nächster Zäit esou séier wéi méiglech déi Leit heihinner kréien, déi eis dee Brevet kënne virweisen.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ech wëll och dorop agoe wat den Här Brech elo gesot huet. An zwar, datt mir Käschten hunn. Net némmen eleng d'Leit, déi do derbäi sinn, mä och d'Schwammmeeschteren, déi de Moment keng Aarbecht hunn an déi jo awer sollte bei de Bassenge si fir op d'Kanner opzepassen. Mir hëtzen déi Schwämme komplett, mä déi Schwämme stinn eidel do. Dat sinn alles Käschten, déi mer hunn a wou mer eiser Bevölkerung, eise Kanner net dat kënnen zur Verfügung stelle well op där aner Säit de Ministère seng Hausaufgab net gemaach huet.

**Pofler John (CSV):**

Ech ka mer net virstellen, datt eng Persoun, déi esou en „Junior Life Saver“ huet, engem richtege bëibréngt fir ze schwammen. Ech hunn emol nach ni eppes vun esou engem Brevet héieren. Dat misst dann deen alen zweete Rettungsbrevet sinn. Engem richtege schwamme bëibrénggen a sech iwwer Waasser halen, dat sinn awer fir mech zwee Puer Schung.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Et ass, wéi ech virdru gesot hunn. Dat kënnnt vum Minister, dat gouf esou festgeluecht an dorunner musse mir eis halen.

**Rosenfeld Romain (CSV):**

Ech faassee mech zimlech kuerz. Wann e Minister op der Télee seet, déi Péitenger Gemeng misst èmmer eng Extrawurscht gebrode kréien, da wollt ech awer froen, ob mir eleng an deem Fall hei am Land sinn oder sinn nach Gemengen an deem Fall, datt se kee Schwammunterrecht kënnen garantéieren?

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Et sinn nach Gemengen an deem Fall. Mir sinn net eleng. Déi hu vläicht net esou eng héich Zuel vu Klassen, mir hunn der schliisslech 24. Esou wéi ech et ka soen, mir müssen net eng Extrawurscht gebrode kréien.

**Rosenfeld Romain (CSV):**

Wéi kann dat da sinn? Mer hu jo awer nach Stied hei am Land wéi Esch oder d'Stad. Hunn déi dann esou vill Leit, déi dee Brevet hu fir dat kënnen ze garantéieren?

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Dat hänkt dovunner of, wie vum Ministère dohinner affectéiert ginn ass. Mir hunn der 3 heihinner kritt, déi de Brevet net hunn.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ech hunn och kee Versteedemech wann hie seet, mir hätte gären eng Extrawurscht gebrode wa mir gären hätten, datt d'Kanner Schwammunterrecht solle kréien. Mir erwaarde just dat, wat am „Plan d'études“ drasteet fir de Grondschoulunterrecht.

**Gira Carlo (CSV):**

Ech wëll nach just bemierken, datt et net eis Aufgab ass fir dem Minister seng Aufgaben ze maachen. Déi Schéfflenger Gemeng ass op dee Wee gaangen, datt se selwer gefrot hunn, ween d'Titulairë sinn, an do hu si selwer an der Summervakanz déi Coursen organiséiert, esou datt se kéinten d'Schwammen halen. Dat ass jo awer net eis Aufgab fir dat ze maachen, wa mer vun uewen erof gesot kréien, datt mer déi Titulairë kréien. Da musse mer och Titulairë kréien, déi dee Schwammunterrecht kënnen halen.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Et ass jo dat, wat mer gären hätten.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Domatter géife mer nach eng Kéier ofstëmme fir dat nach eng Kéier zeréckzestelle bis datt mer Leit hunn, déi am Fong déi Course kënnen hale fir déi si affectéiert sinn. Den Inspekteur huet jo och an Aussicht gestallt datt, wann dat mat deene Leit net géif klappen, hien eng aner Proposition géif maachen. Mer si gudden Déng, a mer hoffen, datt eis Kanner no der Allerhellegevakanz kënnen schwamme goen.

**Accord à l'unanimité d'ajourner par la force des choses encore une fois l'affectation du personnel enseignant pour l'année scolaire 2015/16.**

**8.**

**Enseignement musical.**

Organisation scolaire pour l'année 2015/2016 de l'Ecole de musique - décision.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

D'Madame Raymonde Conter-Klein gëtt Explikatiounen zu der provisoirescher Schoulorganisatioun 2015/2016. An der Musekschoul sinn am ganze 478 Schüler a Schülerinnen ageschriwwen. Pro Woch ginn 839 Course gehalen, an dat vun 31 Chargé de Coursen.

Folgend Ännierung gi géintiwwer dem viregte Schouljoer virgeschloen.

Et verschwannen:

- Ensemble à cordes intermédiaire
- Ensemble à cordes avancé

Et kënnnt derbäi:

- 1 Ensemble Jazz (combo)

**Becker Romain (déi gréng):**

Et gëtt èmmer gesot, datt Blosinstrumenter gefrot gi vun eise lokale Museksgesellschaften. Mä do këint ech awer eppes mat op de Wee gi, an zwar datt de Schäfferot – a virun allem

de Ressortschäffen – beim Chargé de direction vun der Musekschoul a bei de Chargés de Coursë soll interveniéieren.

Déi Leit sti jo bei eis an der Paitut. Mir organiséieren déi ganz Musekschoul. Mir schreiwen d'Leit aus a mir stellen se och an. Do ass et awer méttlerweil esou, datt eenzel Chargéen hir Leit - haaptsächlech bei de Blosinstrumenter - mat an en anert Duerf huelen, an zwar mat an déi Dierfer, wou si nun emol Dirigent sinn. Dat heesch, déi Kanner a Jugendlech ginn der lokaler Museksgesellschaft verluer. Ech mengen, déi lokal Museksgesellschaften hunn eng Flicht fir d'Gemeng ze representéieren, fir eenzel Aktivitéiten duerch hir Musik ze verschéineren. Kéinte mir oder kéint de Schäfferot net eng Kéier dem Chargé de direction dat eng Kéier un d'Häerz leeën - selbstverständlech och de Chargé de Coursen -, datt se e bësse méi Promo maache fir datt déi Péitenger Jugendlech, déi duerch d'Musekschoul ginn, an deene lokal Museksgesellschaften kéinten énnerdaach kommen?

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Dat ass eppes, wat mir émmer promouvéieren. Mir hu jo elo schonn an d'Organisatioun ageschriwwen, datt déi Kanner, déi hei zu Péiteng an der Musekschoul ageschriwwen sinn, och hei sollen hir Coursen huelen. Wann awer elo e Schüler an eng Museksgesellschaft aus enger anderer Uertschaft geet, dann hu mir dorop awer keen Impakt. Mir können deem Kand oder deem Schüler dat net verbidden. Da müssen eis Museksgesellschaften och e klengen Effort maachen.

**Becker Romain (déi gréng):**

Dir wäert gesinn, datt dat an nächster Zäit geschitt, well do sinn eenzel Chargé de Coursen, déi dat absichtlech maachen. Déi huelen hir Schüler mat. Dat ass an der Klarinette esou – haaptsächlech bei den Holz- an och de Blechinstrumenter –, déi huelen hir Schüler mat dohinner wou si dirigéieren. Dat heesch, si soe bewosst hire Schüler, datt se solle matgoe well si do némme Virdeeler hätten, well de Chargé do Dirigent ass. An déi Leit bezuele mir. Mir bezuelen déi an eiser Musekschoul, mir hunn déi Leit agestallt. Da misste mir awer och fäheg si fir hinnen ze soen, se sollen déi Schüler an der lokaler Musekswelt loassen a se net ewechhuelen an hir Musek.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Jo, ech verstinn dat ganz gutt. Mir können dat och émmer nees priedegen. Mä wann et émmer nees virkénnt, da kenne mer dat net verbidden.

**Becker Romain (déi gréng):**

Neen, mä mir kennen et soen.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Mir können et soen a mir hunn et jo schonn emol hei dokumentéiert. Da muss een awer och, wéi ech jo och virdru wollt präziséieren, soen, datt eis Museksgesellschaften Aktivitéite müssen organiséiere fir déi jonk Leit hei ze halen. Wann ech awer heiansdo gesinn, wat an aneren Uertschaften - wat kleng Uertschafte sinn - fir d'Jugend gemaach gëtt a wat fir Programmer op d'Bees gesat ginn, da kann een dat némme begréissen. Dat misst awer och emol bei eis méiglech sinn. An dat ass awer och eng Saach, wat mir eise Museksgesellschaften musse soen. Ech erhoffe mer, datt eis Museksgesellschaften, déi jo op de Wee gaange si fir ze fusionéieren, dann och e wéineg méi e Potential hunn a se dann och e wéineg méi ze bidden hunn. Wann ech eng Museksgesellschaft hunn, wou just nach 2 oder 3 Jonker sinn, dann ass et och net flott fir als Schüler dohinner spiller ze goen.

**Becker Romain (déi gréng):**

Oh, et sinn der awer méi wéi 2 oder 3 do.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Ech weess awer vun enger Schülerin, dat stoung awer emol eleng do.

**Becker Romain (déi gréng):**

Ech weess net, ob dir dat wësst, mä ech sinn am Comité, an ech kann iech soen, datt der méi wéi just 2 oder 3 do sinn. Wat mir wierklech um Häerz läit, dat ass, datt mir zu deene Leit, déi mir bezuelen, soen, datt se d'Kanner hei solle loussen. Well déi maachen dat bewosst. An d'Kanner denken natierlech datt, wann deen dat seet, da wieren se do gutt ugesinn a ginn dann och mat dohinner.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Ech weess, et ass e ganze Rateschwanz hannendrun. Wéi gesot, mer kunnen hinnen dat soen, mä mer kunnen hinnen dat net verbidden. Well dat ass Fräzäit a gehéiert net zu der Musekschoul. A wann déi Persoun e gudde Cours an der Musekschoul hält a bréngt seng Schüler bei se, dann ass dat jo an der Rei.

**Brech Guy (LSAP):**

Ech kommen op eppes zeréck, wat d'Madame Conter gesot huet. Dir hutt gesot, mer missten an deenen 3 Uertschafte Coursen halen. Wollt der do net soen, datt mer Chance hu fir an deenen 3 Uertschafte kenne Coursen ze halen?

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Neen, mir si gezwungen an deenen 3 Uertschafte Coursen ze halen. Dat heesch, mir sätzen zu Péiteng, zu Rodange an zu Lamadelaine. Mir hätte jo léiwer en neit Gebai wou mer alles zesummen hätten. Dann hätte mer och aner Méiglechkeeten. Et ass natierlech eng Erausfuerderung – och fir d'Chargé de Coursen dee Moment. Mä mer hätte vill méi Méiglechkeete wa mer eng nei Musekschoul hätten, an dat well mer jo wëssen, datt et elo net optimal ass. Dann hu mer an deem enge Gebai e Piano stoen an an engem aneren net, mä do géif en awer gebraucht ginn. An dann ass vill Geplénners.

**Brech Guy (LSAP):**

Lo hu mer jo nach Chance, datt mer 3 Musekssäll hunn. Ech kommen awer nach séier op eng aner Saach zeréck. Dir hutt och éinescht gesot, de Gesank wier ganz gutt besicht. Mir konnten eis och e Freideg dovunner iwverzeegen, wat fir Choralle mer hei an der Gemeng hunn. Eis auslännesch Gáscht hunn dat och géschter nach eng Kéier bemierkt. Si ware ganz erstaunt, wat se gebuede kruten. Do ass et och esou: Wann een kuckt, wat den Altersduerchschnëtt ass, da muss ee sech froen, wéi een déi Jonk do erubréngt. Mer hunn eben de Pech, datt d'Léiweckercher net méi bestinn. D'Sänger vun der Bich, dat weess ech net.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Mer hu jo awer zimlech vill Kanner, déi bei eis an d'Musekschoul kommen an an de Gesank - och Erwuessener, déi e ganz gudden Niveau hunn -, mä dat hänkt och ganz vill vum Chargé of. Wann dir e Chargé hutt, dee seng Kanner ka begeeschteren, dee se mat eraus hält a wou d'Kanner kunnen op enger Bühn stoen, da geet dat. Mä et ass wéi iwverall. D'Fréindin geet, déi aner Fréindin och, an dann hu se d'Flemm an da ginn se net méi. Doriwwer eraus hu mer och nach duerno domatter ze kämpfe wa se an de Lycée oder op d'Uni ginn. Mä fir de Moment sti mer gutt do.

**Accord à l'unanimité.**

## 9.1.

### Propriétés.

Acte relatif à l'échange de terrains à Lamadelaine, lieu-dit «Um Bremtgen» avec la société Rollenger Weiheren sàrl – approbation.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

**Approbation à l'unanimité. M. Thein, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.**

## 9.2.

### Propriétés.

Acte relatif à l'échange de terrains à Rodange, lieu-dit «rue Nicolas Biever» avec la société C.V.R.N. Réalisations S.A. – approbation.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

**Approbation à l'unanimité. M. Thein, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.**

## 9.3.

### Propriétés.

Acte relatif à l'acquisition de terrains dans le lotissement «A la Croix St. Pierre» et aux lieux-dits «A la Wissi», «A la Siole» et «Route de Longwy» de la part de la société V.R.D. Toni Rante sàrl – approbation.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

**Approbation à l'unanimité. M. Thein, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.**

## 9.4.

### Propriétés.

Acte relatif à l'acquisition d'un terrain à Lamadelaine, lieu-dit «Rue des Prés» de la part de la société Neo Design sàrl – approbation.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

**Approbation à l'unanimité.**

## 10.

### Propriétés.

Nouveau lotissement à Lamadelaine: avenant n° 1 à la convention de coopération signée avec la Société Nationale des Habitations A Bon Marché dans le cadre du projet de lotissement «An den Atzéngén» à Lamadelaine – approbation.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre:*

*Il est proposé de modifier l'article 6 de la convention dans le sens que tout acquéreur ne pourra vendre son logement sur le marché libre qu'après un délai de 25 ans autant pour les maisons que pour les appartements et non plus 19 ans pour les maisons, respectivement 15 ans pour les appartements.*

**Accord à l'unanimité.**

## 11.

### Infrastructures routières.

Décompte relatif à la mise en souterrain et du renouvellement des réseaux de l'antenne collective et de l'électricité à basse tension dans une partie de la rue du Clopp à Rodange (phase 1) – approbation.

*Explications par M. Roland Breyer, échevin:*

Total du devis approuvé:	295.000,00 euros (ttc)
Total du crédit approuvé:	295.000,00 euros (ttc)
Total de la dépense:	281.116,91 euros (ttc)

### Conzemius-Holcher Josette (CSV):

Ech hat jo scho reklaméiert a se hu jo schonn emol Lächer geflickt. Dat gesäit jo schrecklech aus. Mä wann de Rescht jo dat anert Joer gemaach gëtt, da wiere mer zefritten. Da kann een nees normal driwwer fueren, well elo ass dat problematesch.

### Breyer Roland, Schäffen:

Ech hoffe just, datt elo keen aneren eppes wëll verleeën. Déi meesch hu mer jo derbäi, an de Rescht dat si mir. Ech hoffen, datt mer dann den Deckel kënnen zoumaachen.

### Stoffel Marco (LSAP):

Meng Saach goung an déiselwecht Richtung. Et si Leit u mech erugtruede well dee Stroossebelag an engem schlechten Zoustand wier. Se musse sech leider nach e bësse gedëllege bis dat esou wäit ass. Wat awer och nach an deem Kontext ass, dat ass, datt zénter d'TICE-Linne geännert goufen, och méi Bussen iwver de Klopp fueren. Bon, déi eng si vrou, datt se méi Méiglechkeeten hu fir e Bus ze huelen. Et sinn der awer och net vrou, well dat natierlech méi Kaméidi a méi Vibratiounen an den Haiser bedeit. Gutt, ech ginn dat just weider, wat d'Leit u mech erugdroen hunn. Ech wunnen net an däär Strooss a kann dat och net beuerteelen. Mä et fueren awer elo eng 30 Busser méi duerch déi Strooss. Dat ass leider esou. Fir de System ass et besser, well se bei der Sportshal fortfueren, mä et sinn natierlech Leit, déi net vrou doriwwer si well se schonn duerch d'Lächer an der Strooss Vibratiounen an hiren Haiser hunn. An elo sinn et der nach méi. Dofir hoffen ech, datt et esou séier wéi méiglech mat de Schantercher fäerdeg ass an datt d'Leit e Belag hunn, esou datt wéinstens déi Situatioun besser gëtt an d'Leit zefridde sinn.

### Breyer Roland, Schäffen:

Also et kann némme besser goe wann de Belag bis do ass. Mir hu wëlles, dee Reprofilage an de Budget ze setzen. A wann e gestëmmt ass, de Budget erëm ass an d'Wieder et erlaabt – et musse 5 Grad dobausse sinn -, da gëtt dat direkt virgezunn.

**Approbation à l'unanimité. M. Becker, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.**

## 12.

### Voirie vicinale.

Décompte relatif aux travaux d'adaptation et de renouvellement du captage des eaux superficielles et de l'aquadrain sur la Place du Marché à Pétange – approbation.

*Explications par M. Roland Breyer, échevin:*

Total du devis approuvé:	50.000,00 euros (ttc)
--------------------------	-----------------------

Total du crédit approuvé: 50.000,00 euros (ttc)  
 Total de la dépense: 41.822,50 euros (ttc)

**Approbation à l'unanimité.**

**13.**

**Urbanisation.**

Dénomination d'une rue dans le nouvel lotissement à Rodange à proximité de la rue Fontaine d'Olière – décision.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Mer hunn dat neit Lotissement festgehale vun 10 Bauplazen, wou ee vun der rue Fontaine d'Olière erafiert. Mir proposéieren – aus aktuellem Ulass – fir déi Strooss „rue de Schiffweiler“ ze nennen. Mer hu jo och do derbäi d'rue Schio an d'rue Maribor, an dann hätte mer déi 3 Partnerstied do beieneen.

**Stoffel Marco (LSAP):**

Ech begréissen dat do an hunn och domatter kee Problem. Ech wollt proposéieren - nodeems hei gesot gouf, datt, wann een eng Kéier eng Iddi häft fir eng Strooss ze benennen, ee sech sollt mellen -, eng Strooss nom Raymond Sarti ze benennen. Hien hat jo awer vill Verdéngschter fir eis Gemeng. Dat kéint ee vlächt zeréckbehale wann nees eng Kéier eng Strooss benannt soll ginn.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Als Gemengenentrepreneur huet en och vill Sue verdéngt. Et muss ee kucken. Mer hu jo och schonn d'rue Nangeroni. Mä et wäert awer nach e Strapp dauere bis mer déi nächst Strooss benenne wäerten.

**Accord à l'unanimité.**

**14.**

**Culture.**

Décompte relatif aux travaux de remise en état de la salle de musique au Centre de loisirs à Lamadelaine – approbation.

*Explications par M. Roland Breyer, échevin:*

Total du devis approuvé: 124.000,00 euros (ttc)  
 Total du crédit approuvé: 124.000,00 euros (ttc)  
 Total de la dépense: 85.210,28 euros (ttc)

**Approbation à l'unanimité.**

**15.1.**

**Sports et loisirs.**

Décompte relatif aux travaux de remise en état du terrain de football au stade Jos Philippart à Rodange – approbation.

*Explications par M. Romain Mertzig, échevin:*

Total du devis approuvé: 45.000,00 euros (ttc)  
 Total du crédit approuvé: 45.000,00 euros (ttc)  
 Total de la dépense: 32.488,30 euros (ttc)

**Approbation à l'unanimité.**

**15.2.**

**Sports et loisirs.**

Décompte relatif aux travaux de fourniture et de remplissage de granulats en caoutchouc au terrain de football synthétique à Rodange – approbation.

*Explications par M. Romain Mertzig, échevin:*

Total du devis approuvé: 55.000,00 euros (ttc)  
 Total du crédit approuvé: 55.000,00 euros (ttc)  
 Total de la dépense: 53.843,00 euros (ttc)

**Approbation à l'unanimité.**

**16.**

**Sécurité.**

Remplacement d'appareils recherche-personne du service d'incendie et de sauvetage et vote d'un crédit spécial de 17.510,48 euros – décision.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Mer hunn eng Circulaire (N° 3241) vum Ministère kritt wou mer gesot kréien, mer solle verschidden Apparater ersetzen. Mir hätten zwar Zäit bis 2017 gehat, mä well déi Apparater, déi eise Pompeescorps zur Verfügung huet, al sinn a mer forcéiert sinn, déi ze ersetzen, hu mer gemengt, et wier besser wa mer se direkt an esou séier wéi méiglech géifen ersetzen. De Käschtepunkt beleeft sech op 17.510,48 Euro. Mer kréien d'Halschent vum Inneministère erém. Mir proposéieren dem Gemengerot, dëst Material direkt ze kafen an dann och e Spezialkredit ze stëmmen an dat an de Budget 2015 ze setzen, well mer d'Mëttelen hunn an déi extra Ausgab elo scho kënne finanzéieren.

**Becker Romain (déi gréng):**

Ech hunn eng Virwëtzfro. Wat geschitt mat deenen 52 Apparater, déi schonn do sinn?

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Do hutt der mech um falsche Fouss erwëscht. Dat muss ech nofroen, dat kann ech iech net esou soen. Mir froen de Pompeeskommandant.

**Accord à l'unanimité.**

**17.**

**Dépenses diverses.**

Octroi de cadeaux de service – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre:*

**Accord à l'unanimité.**

**18.**

**Vie associative.**

Nouveaux statuts de l'asbl «Aarbechter Ënnerstëtzungsverän Rodange» - décision.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Mir hunn am leschte Gemengerot matgedeelt krut, datt den Aarbechterënnertëtzungsverän Rodange hir Aarbecht als Mutuelle agestallt huet. Si hunn eng Modifikatioun vun de

Statuten eragereecht, wou si dann elo méi de Souvenir vun der Helleger Barbara wëllen erhalten. Dat zesumme mat deene Leit, déi bis elo émmer gehollef hunn. Och wat den Hellegen Eloi ueget. Mir huelen d'Statuten zur Kenntnis a wollten iech virschloen, si op der Lëscht vun de subventioniéierte Veräiner ze halen.

elo mat an d'Boot huelen. Wat nach méi flott wier, dat wier, wann dat zesumme mat de Pompjeeën, déi jo och eng Barbel hunn, gemaach kéint ginn. Mä ech mengen, déi hunn eng aner. Do si mer op engem geféierlechen Terrain.

**Accord à l'unanimité.**

**Conzemius-Holcher Josette (CSV):**

Ech kann dat do némme begréissen a fannen dat eng flott Saach wann de Souvenir esou virugeet. Och datt se den Eloi

## Gemeinderatssitzung vom 19. Oktober 2015

**Anwesend:**

**Mellina Pierre**, Bürgermeister (CSV)

**Breyer Roland**, 1. Schöffe (CSV)

**Conter-Klein Raymonde**, 2. Schöffe (CSV)

**Mertzig Romain**, 3. Schöffe (LSAP)

**Arendt Patrick** (CSV)

**Conzemius-Holcher Josette** (CSV)

**Gira Carlo** (CSV)

**Polfer John** (CSV)

**Rosenfeld Romain** (CSV)

**Brecht Guy** (LSAP)

**Pierre Norbert** (LSAP)

**Stoffel Marco** (LSAP)

**Becker Romain** (déi gréng)

**Scheuer Romain** (déi gréng)

**Thein Joe** (adr)

**Abwesend und entschuldigt:**

**Gonçalves Cátia** (LSAP)

**Tockert Claude** (DP)

**1.bis 3.**

Die Punkte 1 bis 3 der Tagesordnung wurden in geheimer Sitzung behandelt.

Der Gemeinderat hat jedoch beschlossen, folgende Entscheidungen zu veröffentlichen:

**Antrag auf Pensionierung:**

Dem Antrag auf Pensionierung ab dem 1. November 2016 von Frau Marguerite Wagener verh. Schlessner wurde stattgegeben. Darüber hinaus wird ihr, in Anerkennung ihrer Verdienste, der Ehrentitel ihrer Funktion zugestanden.

**Ratifizierung von zwei Lehrkontrakten:**

Die Lehrkontrakte mit Kevin Ricciardi (Lehre als Landschaftsgärtner) und Eris Sabotic (Lehre als Gebäudezeichner) wurden ratifiziert.

**Ernennung eines Diplomerziehers (m/w) für die Maisons Relais (40 Stunden/Woche):**

Frau Mélanie Pevergne aus Athus (B) wurde als Diplomerzieherin eingestellt (Vollzeitbeschäftigung und auf unbegrenzte Zeit).

**4. - Mitteilungen des Schöffenrates.**

Romain Mertzig, Schöffe, teilt mit, dass bei den letzten Luftqualitätstests im Rahmen des Überwachungsplanes 2015 die Grenze der maximal erlaubten Werte bei weitem unterschritten wurde.

**5.1. - Umwelt.**

Leitbild, welches die verschiedenen Ziele definiert, die im Rahmen des Klimapaktes zu erreichen sind - Beschluss.

**Beschluss mit 14 Stimmen und 1 Enthaltung (adr).**

**5.2. - Umwelt.**

Abänderung bezüglich des Klimapakt-Vertrags - Bewilligung.

**Beschluss mit 14 Stimmen und 1 Enthaltung (adr).**

**5.3. - Umwelt.**

Zuerkennung kommunaler Subventionen an Privatleute im Bereich des rationalen Energieverbrauchs sowie der erneuerbaren Energien.

**Beschluss mit 14 Stimmen und 1 Enthaltung (adr).**

**6.1. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.**

Einnahmen in Höhe von 14.364.393,00 Euro – Bewilligung.

**Bewilligung einstimmig.**

**6.2. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.**

Festlegung des Multiplikatorsatzes, welcher im Bereich der Gewerbesteuer im Rechnungsjahr 2016 anzuwenden ist - Beschluss.

**Beschluss mit 14 Stimmen und 1 Gegenstimme (adr).**

### 6.3. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Festlegung des Multiplikatorsatzes, welcher im Bereich der Grundsteuer im Rechnungsjahr 2016 anzuwenden ist  
- Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 6.4. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Rücktritt und Ernennung im Kulturausschuss - Beschluss.

#### Geheime Abstimmungen:

Der Rücktritt von Herrn Jos Engel als Mitglied des Kulturausschusses ist mit 13 Stimmen angenommen.

Frau Valérie Lemaire aus Lamadelaine wird mit 13 Stimmen als neues Mitglied des Kulturausschusses ernannt.

### 9.3. - Liegenschaften.

Akt bezüglich des Kaufs von Grundstücken in der Wohnsiedlung „A la Croix St Pierre“ sowie an den Standorten „A la Wissi“, „A la Siole“ sowie „route de Longwy“ von der Gesellschaft „V.R.D. Toni Rante sàrl“ – Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

### 9.4. - Liegenschaften.

Akt bezüglich eines Grundstückkaufs am Standort „rue des Prés“ in Lamadelaine von der Gesellschaft „Neo Design sàrl“ - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

### 6.5. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Konvention mit dem „Groupement d'Intérêt Économique“ bezüglich des elektronischen Zugangs der Verwaltungen sowie der öffentlich-rechtlichen Anstalten zwecks Informationen aus dem Handels- und Gewerberegister – Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

### 10. - Liegenschaften.

Neue Wohnsiedlung in Lamadelaine: Abänderung Nr. 1 der Zusammenarbeitskonvention mit der „Société Nationale des Habitations à Bon Marché“ im Rahmen des Wohnsiedlungsprojektes „An den Atzéng“ in Lamadelaine – Bewilligung.

Beschluss einstimmig.

### 11. - Straßenbau.

Abrechnung bezüglich der unterirdischen Verlegung sowie der Erneuerung des Gemeinschaftsantennenennetzes und des Niederspannungsnetzes in einem Teilstück der rue du Clopp in Rodange (Phase 1) - Bewilligung.

Bewilligter Kostenvoranschlag:	295.000,00 Euro
Bewilligte Kredite:	295.000,00 Euro
Effektive Ausgabe:	281.116,91 Euro

Bewilligung einstimmig. Herr Becker hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

### 6.6. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Vertrag bezüglich der Erlaubnis zum Replikat durch Reprographie geschützter Werke zugunsten der Gemeinden und Städte des Großherzogtums Luxemburg mit der Gesellschaft LUXORR - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

### 7. - Schulwesen.

Zuteilung des Lehrpersonals für das Schuljahr 2015/2016 - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig bezüglich der erneuten zwangsläufigen Vertagung der Zuteilung des Lehrpersonals für das Schuljahr 2015/16.

### 8. - Musikunterricht.

Schulorganisation der Musikschule für das Schuljahr 2015/2016 - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 12. - Nebenstraßen.

Abrechnung bezüglich der Anpassungsarbeiten sowie der Erneuerung der Oberflächenwasserfassung sowie der Flächendrainage auf dem Marktplatz in Petingen - Bewilligung

Bewilligter Kostenvoranschlag:	50.000,00 Euro
Bewilligte Kredite:	50.000,00 Euro
Effektive Ausgabe:	41.822,50 Euro

Bewilligung einstimmig.

### 9.1. - Liegenschaften.

Akt bezüglich eines Grundstücktauschs am Standort „Um Breitgen“ in Lamadelaine mit der Gesellschaft „Rollenger Weiheren sàrl“ - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig. Herr Thein hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

### 13. - Stadtplanung.

Benennung einer Straße in der neuen Wohnsiedlung in der Nähe der rue Fontaine d'Olière in Rodange - Beschluss.

Bewilligung einstimmig.

### 14. - Kultur.

Abrechnung bezüglich der Instandsetzungsarbeiten des Musiksaales im Freizeitzentrum in Lamadelaine - Bewilligung.

Bewilligter Kostenvoranschlag:	124.000,00 Euro
Bewilligte Kredite:	124.000,00 Euro
Effektive Ausgabe:	85.210,28 Euro

Bewilligung einstimmig.

### 9.2. - Liegenschaften.

Akt bezüglich eines Grundstücktauschs am Standort „rue Nicolas Biever“ mit der Gesellschaft „C.V.R.N. Réalisations S.A.“ - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig. Herr Thein hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

**15.1. - Sport und Freizeit.**

Abrechnung bezüglich der Instandsetzungsarbeiten des Spielfeldes im Stadion Jos. Philippart in Rodange - Bewilligung .

Bewilligter Kostenvoranschlag:	45.000,00 Euro
Bewilligte Kredite:	45.000,00 Euro
Effektive Ausgabe:	32.488,30 Euro

Bewilligung einstimmig.

**15.2. - Sport und Freizeit.**

Abrechnung bezüglich der Lieferung sowie der Ausfüllung mit Gummigranulat auf dem synthetischen Spielfeld in Rodange - Bewilligung .

Bewilligter Kostenvoranschlag:	55.000,00 Euro
Bewilligte Kredite:	55.000,00 Euro
Effektive Ausgabe:	53.843,00 Euro

Bewilligung einstimmig.

**16. - Sicherheit.**

Auswechselung der Funkmeldeempfänger der Feuerwehr- und Rettungsdienstes sowie Abstimmung über einen Spezialkredit über 17.510,48 Euro - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

**17. - Unterschiedliche Ausgaben.**

Zuerkennung von Geschenken - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

**18. - Vereinswesen.**

Neue Statuten der asbl „Aarbechter Ênnerstëtzungsveräin Rodange“ - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

## Questions des conseillers communaux

### Réponses du collège des bourgmestre et échevins

#### Question écrite du 13 septembre 2015 de M. Joe Thein (adr):

Betréfft: Flüchtlingswell

Nodeems op europäeschem Plang e Verdeelungsschlüssel fir d'Flüchtlingsproblematik decidéiert gouf, muss Lëtzebuerg mat +/- 955 Flüchtlingen op säi Staatsterritorium rechnen.

Rezent si schonns 50 syresch Krichsflüchtlingen hei am Land empfaange ginn. D'adr steet fir eng méi restriktiv Asylpolitik, déi eise System fir déi "éierlech Flüchtlingen" korrekt garantéiert an den Asyltourismus streng bekämpft. D'adr schléit Léisunge vir, déi si getrei dëser Philosophie, och op kommunalem Niveau, vertrëtt. Well sech, bedéngt dëser Massenimmigratioun vu Flüchtlingen no Europa, a spezifesch och op Lëtzebuerg, gewësse Froe stellen, ass dëst Schreiwas eng éischt Initiativ déi d'adr hëlt, fir dem Schäfferot seng Pläng op déi kommend Problematik gewuer ze ginn. Wuelwëssend ass dës Fro och eng Precautioun, fir net nees virun e "fait accompli" gesat ze gi wéi am Joer 2011, wou d'Gemeng schonns eemol gewësse politesch Feeler an deem Dossier gemeet huet.

1. Huet d'Gemeng e "Flüchtlingskonzept" parat, wa lues awer sécher, och Lëtzebuerg an d'Gemeng Péiteng, mat der Problematik konfrontéiert ginn?
2. Wéi steet de Schäfferot zur Décisioun, fir ronn 955 Flüchtlingen op Lëtzebuerg opzehuelen, a wéi vill vun hinnen, a fir wéi laang, wäert d'Gemeng Péiteng betreien? Wéi eng finanziell Ênnerstëtzung kritt d'Gemeng Péiteng fir sou eng Aktioun?
3. Mellt d'Gemeng Péiteng sech fräiwëllegr fir Flüchtlingen op Gemengenterritoire opzehuelen, oder waart si fir d'éischt d'Décisioun vum Ministère of? A béide Fäll, huet d'Gemeng Péiteng eng Zuel am Kapp, déi si verhandelt? Wäert Péiteng sech och u geltend Recht halen, a kloernofroen, ob et sech hei ëm "Wirtschaftsflüchtlingen" oder "Flüchtlinge getrei Genfer Konventioun", handelt?
4. Huet Péiteng déi néideg Infrastruktur, finanziell a materiell Ressourcen, fir d'Opnam vun all deene Flüchtlingen? Wa Jo, kënn dir Beispiller, Zuelen an Iddie nennen?
5. Kann de Schäfferot garantéieren, datt d'Bierger aus der Gemeng dës Kéier, anescht ewéi 2011, iwwer éffentlech Informatiounsversammlungen iwwer alles informéiert ginn?
6. Kann de Schäfferot d'Garantie ginn, datt déi aktuell Flüchtlingen, net ewéi 2011, nicht Primär- oder Spillschoule logiéiert ginn?
7. Wat sinn d'Sécherheitsmesuren déi de Schäfferot envisagéiert, fir méiglech Kriminalitéit oder Gesetzesbréch énner Kontroll ze halen, an d'Hygiène an d'Rou vum Uert ze garantéieren?
8. Kann de Schäfferot no intensiver Récksprooch mam Ministère an de néidegen Instanzen dat eendeitegt Vertraue ginn, datt all dës Flüchtlinge keng Relatioun mam Islamesche Staat (IS) hunn?
9. Kann de Schäfferot de Gemengerot regelméisseg iwwert d'Situatioun um Courant halen?
10. Wat hält de Schäfferot vun enger nationaler Léisung um "Centre de rétention" um Findel oder militäresch protegéierten "Zonen", a kann de Schäfferot ons matdeelen, datt keen Asylantheem an noer oder spéider Zukunft, an der Gemeng Péiteng geplant ass?

## **Réponse écrite du 12 octobre 2015 du collège des bourgmestre et échevins:**

Den 11. November 2011 ass de Schäfferot vum Ministère de la Famille an dem OLAI schrëftlech informéiert ginn, dass eng 70 Demandeurs d'asile de protection internationale zäitweileg an zwee Schoulcontaineren um Site vun ale Lycée Technique Mathias Adam zu Péiteng ènnerbruecht solle ginn. D'Gemeng ass virun e Fait accompli gestallt ginn.

D'Awunner aus eiser Gemeng sinn duerch een offiziellen Avis de 14. November 2011 doriwwer informéiert ginn.

No e puer Startschwieregkeeten, well d'Gemeng wéi gesot net vun Ufank u richteg vun de verantwortlechen Instanzen agebonne gouf, huet sech d'Saach awer duerno schnell op dësem Site normaliséiert.

Verschidde Membere vum Corps Enseignant a verschidden Elteren hunn eng Demande gemaach, fir dass de Sécherheitsbeamten, dee bei de Container stoung, nees kéint ofgezu ginn. Hirer Meenung no war déi Präsenz iwwerflësseg, well um Site ass alles beschteens verlaf.

Wat elo d'Problematik vun der neier "Flüchlingswell" ugeet, wëll de Schäfferot och hei seng Responsabilitéit huelen. Dofir versicht hien zesumme mat de responsabelen Autoritéiten eng Léisung ze fannen.

Et ass och nach ze bemierken, dass de Schäfferot am Joer 2011 dem OLAI verschidde Siten an Terraine proposéiert huet, déi awer vun den Autoritéiten net berücksichtegt gi sinn.

Bis elo ass eis Gemeng nach net vum Ministère de la Famille respektiv dem OLAI kontaktéiert ginn. Eise Schäfferot ka sech virstellen, fir an der 2. Phase, d.h. wann d'Flüchtlingen de Statut kritt hunn, konkret matzehëlfelen.

Soubal weider Detailer bekannt sinn, gëtt de Gemengerot mat dem Dossier befaast.

# **Séance publique du 16 novembre 2015**

**Durée de la séance:** 14.30 à 17.15 heures

## **Présents:**

Mellina Pierre, bourgmestre (CSV)	Breyer Roland, 1 <sup>er</sup> échevin (CSV) Conter-Klein Raymonde, 2 <sup>é</sup> échevin (CSV) Mertzig Romain, 3 <sup>e</sup> échevin (LSAP)
Arendt Patrick (CSV) Conzemius-Holcher Josette (CSV) Gira Carlo (CSV) Polfer John (CSV) Rosenfeld Romain (CSV)	Brecht Guy (LSAP) Gonçalves Cátia (LSAP) Pierre Norbert (LSAP) Stoffel Marco (LSAP)
	Becker Romain (déi gréng) Scheuer Romain (déi gréng) Tockert Claude (DP)

## **Absent et excusé:**

Thein Joe (adr)
-----------------

# **ORDRE DU JOUR**

## **Séance à huis clos (14.30 heures)**

1. Personnel
  - 1.1. Application d'une mesure disciplinaire – décision.
  - 1.2. Ratification d'un contrat de travail – décision.
2. Enseignement musical
  - 2.1. Nomination d'un chargé de cours (m/f) pour la classe de violon – décision.
  - 2.2. Nomination d'un chargé de cours pour la classe de théorie-jazz – décision.
  - 2.3. Ratification des contrats de travail avec des chargés de cours – décision.
3. Affaires sociales
  - 3.1. Démission volontaire d'une éducatrice diplômée – information.
  - 3.2. Nomination d'un éducateur diplômé (m/f) pour les Maisons Relais à une tâche de 35 heures par semaine – décision.

- 3.3. Nomination de deux éducateurs diplômés (m/f) pour les Maisons Relais à une tâche de 30 heures par semaine – décision.

**Séance publique (15.00 heures)**

4. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
5. Administration générale
  - 5.1. Décompte portant sur le renouvellement de l'installation de détection d'incendie et d'intrusion dans la Maison Pesch à Pétange – décision.
  - 5.2. Décompte portant sur le renouvellement de l'installation de détection d'incendie et d'intrusion dans l'ancienne Maison Fisch à Pétange – décision.
  - 5.3. Décompte portant sur la numérisation des registres du conseil communal – décision.
6. Propriétés
  - 6.1. Contrat de bail avec l'Association Foyer du Jour Kordall pour la Crèche Kordall de Pétange et ses alentours – décision.
  - 6.2. Contrat de bail avec M. René Kertz pour l'exploitation temporaire du Restaurant Brasserie Wax à Pétange – décision.
  - 6.3. Compromis avec M. Jean Schlungs pour l'acquisition d'une emprise dans la rue de la Gare et dans la rue de l'Hôtel de Ville à Pétange – décision.
  - 6.4. Compromis avec Mme Jeannine Stoffel pour l'acquisition d'une emprise dans la rue de la Gare à Pétange – décision.
  - 6.5. Compromis avec les copropriétaires de la Résidence Bohème pour l'acquisition d'un terrain sis à Pétange, dans la rue de la Gare – décision.
  - 6.6. Compromis avec les copropriétaires de la Résidence Belle-Vue pour l'acquisition d'un terrain sis à Pétange dans la rue de la Gare et la rue du Chemin de Fer – décision.
  - 6.7. Compromis avec les copropriétaires de la Résidence Anemone pour l'acquisition d'un terrain sis à Pétange dans la rue de la Gare et la rue du Chemin de Fer – décision.
  - 6.8. Compromis avec la Gestion Générale Immobilière SARL pour l'acquisition d'un terrain sis à Pétange dans la rue de la Gare – décision.
7. Enseignement
  - 7.1. Affectation du personnel enseignant pour l'année scolaire 2015/16 – décision.
  - 7.2. Organisation des classes de neige 2016 – décision.
  - 7.3. Décompte portant sur la remise en état de la façade de l'École préscolaire « An Eigent » Pétange – décision.
  - 7.4. Décompte portant sur les travaux de remise en conformité de l'aile B de l'École « An Eigent » Pétange – décision.
  - 7.5. Décompte portant sur le renouvellement de la centrale d'incendie à l'École Fonderie à Rodange – décision.
  - 7.6. Décompte provisoire et vote d'un crédit supplémentaire portant sur le réaménagement de la cour de récréation de l'École « Am Park » à Pétange – décision.
  - 7.7. Décompte portant sur l'installation de serrures électroniques sur les portes d'entrée principales des écoles communales – décision.
  - 7.8. Décompte portant sur la construction d'un bâtiment pour l'éducation précoce à Pétange – décision.
  - 7.9. Décompte portant sur la construction de quatre salles de classe pour le premier cycle scolaire à Rodange – décision.
8. Affaires sociales
  - 8.1. Organisation des après-midi de loisirs « Vakanzaktioun » pour l'année 2016 – décision.
  - 8.2. Décompte portant sur la réfection de la terrasse de la Crèche Villa Bambi à Rodange – décision.
  - 8.3. Aide en faveur des victimes de l'exode de Syrie – décision.
9. Sylviculture: Approbation des devis et plan de gestion des forêts communaux pour l'année 2016 - décision.
10. Ordre public: Prorogation de l'heure de fermeture des débits de boissons publics à l'occasion de certaines fêtes ou festivités en 2016 - décision.
11. Sports et Loisirs
  - 11.1. Décompte portant sur le renouvellement de la centrale d'intrusion au Centre de Loisirs à Lamadelaine – décision.
  - 11.2. Décompte portant sur le renouvellement de la centrale d'intrusion à la Piscine PIKO à Rodange – décision.
  - 11.3. Décompte portant sur la modification du système de remplissage du chlore et acide dans la piscine PIKO à Rodange – décision.
  - 11.4. Décompte complété portant sur la mise en conformité du Centre sportif Bim Diederich à Pétange – décision.
12. Canalisation: Décompte portant sur la construction d'un bassin d'orage au rond-point Porte de Lamadelaine – décision.
13. Voirie vicinale
  - 13.1. Décompte portant sur le redressement de la rue de la Gare et d'une partie de la rue du Chemin de Fer à Pétange – décision.

- 13.2. Décompte portant sur les travaux de réparation, tassement et mise en place d'une signalisation tricolore dans la rue des Ateliers à Pétange – décision.
- 13.3. Décompte provisoire et vote d'un crédit supplémentaire portant sur la réalisation de l'interconnexion par fibre optique des sites communaux – décision.
- 13.4. Décompte provisoire et vote d'un crédit supplémentaire portant sur le renouvellement des feux de signalisation le long de la route RN5 à Pétange – décision.
14. Cimetières: Décompte portant sur l'acquisition d'un container de stockage avec WC public intégré au cimetière de Lamadelaine – décision.
15. Circulation: Confirmation de règlements d'urgence à caractère temporaire à Lamadelaine et à Rodange – décision.
16. Dépenses diverses: Membre du personnel à ajouter sur la liste des candidats ayant droit à l'octroi d'un cadeau de service – décision.
17. Vie associative
  - 17.1. Dissolution de l'association « Kanner a Jugendkouer d'Léiweckercher aus dem Kordall Péiteng ASBL » – décision.
  - 17.2. Dissolution de l'association « Nordic Walker aus der Gemeng Péiteng » - information.
  - 17.3. Statuts de la nouvelle association de jeux de quilles « KCC Keng Ahnung » - information.

## COMPTE RENDU

### 1. à 3.

**Les points 1 à 3 de l'ordre du jour ont été traités en séance à huis clos.**

Cependant, le conseil communal a décidé de rendre public les décisions suivantes:

Nomination d'un chargé de cours (m/f) pour la classe de violon à l'Ecole de musique:

Mme Kolb Gesine ép. Uden de Saarbrücken (D) est nommée chargée de cours pour la classe de violon à tâche partielle et à durée indéterminée avec effet du 1<sup>er</sup> décembre 2015 sous le statut de l'employé communal.

Nomination d'un chargé de cours (m/f) pour la classe de théorie-jazz à l'Ecole de musique:

M. Belardi Pol de Crauthem est nommé chargé de cours pour la classe de théorie-jazz à tâche partielle et à durée indéterminée avec effet du 1<sup>er</sup> décembre 2015 sous le statut de l'employé communal.

Nomination d'un éducateur diplômé (m/f) pour les Maisons Relais (35 heures/semaine):

Mme Peiffer Angélique d'Entrange (F) est engagée comme éducatrice diplômée à tâche partielle (35 heures par semaine) sous le statut du salarié et à durée indéterminée.

Nomination de deux éducateurs diplômés (m/f) pour les Maisons Relais (30 heures/semaine):

Mmes Moreira Vieira Liliane Kim de Rodange et Streff Tamara de Differdange sont engagés comme éducatrices diplômées à tâche partielle (30 heures par semaine) sous le statut du salarié et à durée indéterminée.

### 4.

**Communications du collège des bourgmestre et échevins.**

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Op Grond vun deenen trageschen an dramateschen Evenementer de leschte Freideg zu Paräis an a Gedanken un déi onschëlleeg Affer an hire Familljen, wollt ech proposéiere fir am Ufank vun dëser Gemengerotssëtzung

eng Gedenkminutt anzeleeën an an aller Stëll un déi onschëlleeg Affer vu Paräis ze gedenken.

(Minute de silence)

**Breyer Roland, Schäffen:**

Et gëtt een dobausse scho gefrot, wat lass ass mat deene ville Schëlter, déi zu Péiteng opgestallt si ginn. Fir direkt Kloertext ze schwätzen, sief gesot, datt nach eng Informatioune un all Haus geet. Et sinn dat Décisiounen, déi de Gemengerot geholl huet am Kader vun den 30er Zonen, an déi elo èmgesat ginn an déi elo am Dezember a Kraaft trieden.

Wéi gesot geet et èm d'Zone 30, déi mer am gaange sinn ze realiséieren. Do ass d'Prozedur schrecklech komplizéiert, mä mir hu se net erfonnt a mussen eis just drun halen.

Et muss ee fir d'éischt emol soe wat ee wélles huet ze maachen. A wann een dee ganze Modell vun Text fäerdegt huet, da muss deen der Commission nationale virgeluecht ginn. Nodeems déi Texter da vun hinne begutachtet gi sinn, kann et eréischt an de Gemengerot kommen. Déi Prozedur hu mer hannerun eis, well am Juli hu mer et hei am Gemengerot guttgeheescht. Duerno gëtt et dann exekutéiert.

D'Exekutioun ass awer net, datt een dat ouni weideres esou kann èmsetzen, esou wéi et decidéiert gouf. Et muss fir d'éischt préparéiert ginn, well d'Commission nationale de la cirulatioun kënnnt dann erém eng Kéier op d'Plaz kucken, ob et conforme zu den Décisiounen am Gemengerot èmgesat ginn ass. An eréischt da kréie mer de Seege vun uewen, datt mer et kënnen definitiv maachen.

Dat heescht, fir de Moment gesi mer e ganze Koup Schëlter, déi schonn opgeriicht goufen a wou nach eng Kaputz driwwer hänkt, déi eréischt erofgeholl gëtt wann et definitiv soll fonctionnéieren. Et si Schëlter dobäikomm, anerer goufen ewechgeholl. D'Virfaartsschëlter, déi kee Senn méi maachen, ginn ewechgeholl, well se duerch Rietsvirfaart ersat ginn. Et kommen och Schëlter dohinner, fir drop opmiersam ze maachen, datt Rietsvirfaart ass. An och wa se fir de Moment nach net effektiv ass, esou kënne sech d'Leit awer scho lues dru winnen. An et mussen nach e puer kleng Inseelen op verschidde Plaze gebaut gi fir d'Strooss ze verengen.

All déi Aarbechte solle bis Enn November ofgeschloss sinn. Da gëtt d'Commission nationale invitíert fir erofzekommen

an dat ze begutachten. A wa se da keen Hoer an der Zopp fannen, da gëtt et effektiv, esou datt mer unhuelen, datt Mëtt Dezember d'Zone 30 effektiv kéint fonctionnéieren. An deem Sënn geet och nach eng Informatiou un all Haushalt.

Et kommen awer och nach zwou aner Saachen zur Exekutioun, wat de Verkéier ubelaangt. Et sinn dat zwee nei „sens uniques“, déi an der Gemeng agefouert ginn. Dat eent ass d'rue de la Gendarmerie zu Rodange. Do dierf nëmmen nach a vun der Lonkescher Strooss Richtung Kierch gefuer ginn.

Eng zweet Strooss ass zu Lamadelaine d'rue de Luxembourg, wou een nëmme méi vun der Porte Lamadelaine a Richtung fréier neoapostolesch Kierch däarf fueren.

Als Testphase wollte mer awer och en neie „sens unique“ probéieren, an dat fir 6 Méint. Dat ass d'rue Bommert hei zu Péiteng. Mir hu festgestallt, datt ganz vill Accidenter geschéien op der Kräzung mat der Lonkescher Strooss. Wann een aus der Bommert Strooss wëll an d'Lonkescher Strooss erausfueren, dann ass dat ganz oniwwersiichtlech an d'Police huet eis matgedeelt, datt op där Plaz scho relativ schro Accidenter geschitt sinn. Dofir wollte mer de „sens unique“ emol als Testphase während 6 Méint émdréinen. Dat heescht, aus der Lonkescher Strooss dierf een dann nëmmen nach an d'Bommert Strooss erafueren. Doduerch muss dann och de „sens unique“ an der rue Neuve émgedréint ginn, an zwar a Richtung rue des Romains.

Déi Ännérungen trieden an der Chrëschtvakanz a Kraakt an do geet och nach eng Informatiou un all Haushalt.

#### Mertzig Romain, Schäffen:

An enger viregter Sëtzung hate mer schonn driwwer geschwat, datt mer eng Ëmfro gemaach haten iwwer de Repas sur roues. Déi Ëmfro hu mer elo ausgewäert an hunn d'Resultater virleien.

Am Virfeld kann ee soen, datt an der Moyenne 45 lesse pro Dag ausgeliwwert ginn. Bei der Ëmfro hu 37 Leit eis geäntwert, a folgend Resultat ass dobäi erauskomm:

1. Fro: Sidd dir mam lessen zefriddien?

Ëmmer:	11
Meeschents:	20
Net esou oft:	6
Guer net:	0

2. Fro: a) Ass d'lesse waarm genuch?

Jo:	34
Neen:	3

b) Ass d'Zopp waarm genuch?

Jo:	36
Neen:	1

3. Fro: Ass genuch Ofwiesselung am lessen?

Jo:	28
Neen:	9

4. Fro: Sidd dir mat der Aarbecht vun eisen Dammen zefriddien?

Ganz zefriddien:	34
Zefriddien:	3
Net zefriddien:	0

Mir wäerten och versiche fir op d'Doléancë vun de Leit anzegoen. Et kann een awer soen, datt d'Leit am grousse ganze mat der Prestatioun vum Repas sur roues zefridde sinn. Natierlech sinn esou Saachen èmmer verbesserungsfäeg a mir ginn eis och vill Méi fir de Service èmmer besser ze maachen.

## 5.1.

### Administration générale.

Décompte portant sur le renouvellement de l'installation de détection d'incendie et d'intrusion dans la Maison Pesch à Pétange – approbation.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre:*

Total du devis approuvé:	17.235,58 euros (ttc)
Total du crédit approuvé:	17.235,58 euros (ttc)
Total de la dépense:	17.235,58 euros (ttc)

**Approbation à l'unanimité.**

## 5.2.

### Administration générale.

Décompte portant sur le renouvellement de l'installation de détection d'incendie et d'intrusion dans l'ancienne Maison Fisch à Pétange – approbation.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre:*

Total du devis approuvé:	20.000,00 euros (ttc)
Total du crédit approuvé:	20.000,00 euros (ttc)
Total de la dépense:	19.238,82 euros (ttc)

**Approbation à l'unanimité.**

## 5.3.

### Administration générale.

Décompte portant sur la numérisation des registres du conseil communal – approbation.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre:*

Total du devis approuvé:	23.306,40 euros (ttc)
Total du crédit approuvé:	25.000,00 euros (ttc)
Total de la dépense:	23.986,94 euros (ttc)

**Approbation à l'unanimité.**

## 6.1.

### Propriétés.

Contrat de bail avec l'Association Foyer du Jour Kordall pour la Crèche Kordall de Pétange et ses alentours – approbation.

*Explications par Mme Raymonde Conter-Klein, échevine:*

*Le bail prend effet à partir du 1er septembre 2015 et est conclu pour une durée d'une année. Il se renouvelle automatiquement d'année en année, sauf résiliation de part et d'autre moyennant un préavis de trois mois. Le prix de location annuel est fixé à 1€ symbolique à l'encaissement duquel le bailleur renonce.*

**Approbation à l'unanimité.**

## 6.2.

### Propriétés.

Contrat de bail avec M. René Kertz pour l'exploitation temporaire du Restaurant Brasserie Wax à Pétange (du 1<sup>er</sup> novembre 2015 au 1<sup>er</sup> janvier 2016) – approbation.

*Explications par M. Roland Breyer, échevin.*

**Becker Romain (déi gréng):**

Kann de Schäfferot eis soen, wéi et mat dem Restaurant an der Brasserie virugeet? Well et wier wünschenswäert, wann do ém de 15. Januar e fléissenden Iwwergang téscht deem alen an deem neien Exploitant kéint geschéien. Émsou méi de Schäfferot de Site èmmer als „site extraordinaire“ verkeeft. Well et wier net gutt, wann dee Site fir eng länger Zäit net disponibel oder zou wier.

**Breyer Roland, Schäffen:**

De 15. Januar wäert d'Remise des clés geschéien. De Kontrakt mat deem neien Exploitant ass nach net ènnerschriwen, well nach Saachen opstinn. Haut – mengen ech – sinn nach Rendez-vousen op der Plaz fir dat ze klären. A wann do alles kloer ass, dann dierft dee Kontrakt och geschwenn dem Gemengerot kenne virgeluecht ginn. Et ass awer net ausgeschloss, datt während 14 Deeg oder 3 Wochen näischt op dem Site wäert sinn, well jo och e bësse muss frësch gemaach an e bëssen adaptéiert oder opgefrëscht muss ginn.

**Approbation à l'unanimité.**

**6.3.**

**Propriétés.**

Compromis du 25.04.2007 avec M. Jean Schlungs pour l'acquisition d'une emprise dans la rue de la Gare et dans la rue de l'Hôtel de Ville à Pétange – approbation.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

**Approbation à l'unanimité.**

**6.4.**

**Propriétés.**

Compromis du 06.08.2015 avec Mme Jeannine Stoffel pour l'acquisition d'une emprise dans la rue de la Gare à Pétange – approbation.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

**Approbation à l'unanimité.**

**6.5.**

**Propriétés.**

Compromis du 26.08.2015 avec les copropriétaires de la Résidence Bohème pour l'acquisition d'un terrain sis à Pétange, dans la rue de la Gare – approbation.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

**Approbation à l'unanimité.**

**6.6.**

**Propriétés.**

Compromis du 26.08.2015 avec les copropriétaires de la Résidence Belle-Vue pour l'acquisition d'un terrain sis à Pétange dans la rue de la Gare et la rue du Chemin de Fer – approbation.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

**Approbation à l'unanimité.**

**6.7.**

**Propriétés.**

Compromis du 26.08.2015 avec les copropriétaires de la Résidence Anemone pour l'acquisition d'un terrain sis à Pétange dans la rue de la Gare et la rue du Chemin de Fer – approbation.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

**Approbation à l'unanimité.**

**6.8.**

**Propriétés.**

Compromis du 26.08.2015 avec la Gestion Générale Immobilière SARL pour l'acquisition d'un terrain sis à Pétange dans la rue de la Gare – approbation.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

**Approbation à l'unanimité.**

**7.1.**

**Enseignement.**

Affectation du personnel enseignant pour l'année scolaire 2015/16 – approbation.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Mir kommen hei zu engem Punkt, dee mer schonn zweemol op der Dagesuerdnung haten, an dee mer awer hu missten eroefhuelen, well mer dee Moment nach Chargéen haten, déi hire Certificat, fir Schwammunterrecht ze halen, nach net haten.

Dat ass awer elo de Fall. An der Allerhellegevakanz war et esou wäit, den Exame gouf ofgehalten an déi Leit hunn hire Certificat kritt. Esou datt fir de Moment d'Schwammtonne kënnen normal gehale ginn. An déi Leit stinn dann och elo op der Lëscht vun der „Affectation du personnel enseignant“.

Et sinn awer nach 2 Punkten op d'Urode vum Här Ney, dem Inspekteur dobäi komm. An zwar ass et en Tosch vun den Tâchë vun der Madame Olinger an der Madame Freylinger an den Tosch vun der Klasse vun der Madame Lorent an der Madame Greiveldinger.

Dës 2 Punkte vum Här Ney solle mer mat gutheeschen. Desweidere kënnen mer och zefridde sinn, datt mer déi Lëscht vun den Affektatiounen haut esou kënnen stëmmen an eise Schwammunterrecht normal kënnen fonctionnéeieren loessen.

**Gira Carlo (CSV):**

Ech ka mech deene Wieder vun der Madame Conter nëmmen uschléissen, datt mer frou sinn, datt mer endlech déi Schoulorganisatioun kënnen ènner „Dach und Fach“ bréngen an datt mer de Kanner de Schwammunterrecht dann och kënnen ubidden. Mä d'Garantie ass awer nach net do, datt mer net dat nächste Joer erém dee selwechte Problem hunn. Oder besteet do eng Méiglechkeet, datt d'nächst Joer déi Coursen éischter kënnen gehale ginn?

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Dat kënnen mer haut jo nach net soen. Wann dat Personal, wat elo hei affektéiert ass, och hei bleift an et geet op mat de Coursen, da kënnen mer soen, datt et normal weider leeft. Wann awer Klasse sollte bäikommen an Horairë misste geännert ginn, da schielt sech dat eréischt d'nächst Joer bei

der Klassenopdeelung eraus. Fir d'éischt musse mer wëssen, wéi vill Kanner hei an d'Schoule ginn, wéi vill Schwammcourse gehale ginn. Mir hoffen awer, datt et gutt geet an datt mer ee fir allemol bai wieren.

#### Approbation à l'unanimité.

### 7.2.

#### Enseignement.

Organisation des classes de neige 2016 – décision.

*Explications par Mme Raymonde Conter-Klein, échevine:*

*Les classes de neige 2016 sont organisées par l'association sans but lucratif «Classe de Neige de la Commune de Pétange» et auront lieu du 21 au 30 janvier 2016 à Sigmundsberg/Mariazell en Autriche. Le nombre des participants sera de quelque 200 élèves et de 34 adultes (13 titulaires de classes, 13 moniteurs, 1 enseignant assurant la coordination, 1 médecin et 6 chauffeurs de bus). Le déplacement s'effectuera avec un maximum de six autocars.*

#### Approbation par 14 voix et 2 abstentions (déri gréng).

### 7.3.

#### Enseignement.

Décompte portant sur la remise en état de la façade de l'École préscolaire «An Eigent» Pétange – approbation.

*Explications par Mme Raymonde Conter-Klein, échevine:*

*Total du devis approuvé: 35.000,00 euros (ttc)  
 Total du crédit approuvé: 35.000,00 euros (ttc)  
 Total de la dépense: 31.454,69 euros (ttc)*

#### Approbation à l'unanimité.

### 7.4.

#### Enseignement.

Décompte portant sur les travaux de remise en conformité de l'aile B de l'École «An Eigent» Pétange – décision.

*Explications par Mme Raymonde Conter-Klein, échevine:*

*Total du devis approuvé: 170.000,00 euros (ttc)  
 Total du crédit approuvé: 200.000,00 euros (ttc)  
 Total de la dépense: 184.420,87 euros (ttc)*

*Comme les travaux de rénovation de l'aile B de l'École «An Eigent» à Pétange ont avancé plus vite qu'initialement projeté il y a lieu de relever le crédit prévu pour l'exercice 2015 de 250.000 à 400.000 euros.*

#### Accord à l'unanimité.

### 7.5.

#### Enseignement.

Décompte portant sur le renouvellement de la centrale d'incendie à l'École Fonderie à Rodange – approbation.

*Explications par Mme Raymonde Conter-Klein, échevine:*

*Total du devis approuvé: 25.000,00 euros (ttc)  
 Total du crédit approuvé: 25.000,00 euros (ttc)  
 Total de la dépense: 24.934,39 euros (ttc)*

#### Approbation à l'unanimité.

### 7.6.

#### Enseignement.

Décompte provisoire et vote d'un crédit supplémentaire de 79.000 euros portant sur le réaménagement de la cour de récréation de l'École «Am Park» à Pétange – décision.

*Total du devis approuvé: 500.000,00 euros (ttc)*

*Total du crédit approuvé: 500.000,00 euros (ttc)*

*Total de la dépense prévisible: 579.000,00 euros (ttc)*

#### Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Well beim Reaménagement vum Schoulhaff verschidde Supplémente komm sinn, géif sech d'Gesamtdépense vun den Aarbechten elo op 579.000 Euro belafen. Déri Suppléante si komm op Grond vun Doléancé vun Awunner aus der Parkstrooss. Mir hunn eng Mauer weider gebaut mat engem Gelänner, well d'Leit gemengt hunn – an deem klenge Wee, deen do laanscht d'Schoul wier -, datt do ze vill Leit géife laanscht goen a si doduerch manner Liewensqualitéit hätte wéi virdrun. Mir hunn och nei Uplanzunge gemaach. Mir hunn och Dieren dohinner gemaach, déi ee kann zouspären, fir datt einfach an deem Wee keen Traffik méi ass. Mir hunn och déi ganz Beplazung vergréisst, fir datt d'Kanner net méi esou no bei den Haiser kenne spiller. Mä dat alles huet zousätzlech Käschte mat sech bruecht, esou datt mer haut iwwer e supplementare Kredit vun 79.000 Euro mussen ofstëmmen.

#### Becker Romain (déri gréng):

Esou wéi de Schoulhaff elo ass, ass et eng ganz fei Saach. En ass ganz flott an interessant, virun allem well d'Kanner net op där riseger Bétongsfläch méi musse spiller. Op där anerer Säit huet et natierlech och Nodeeler. Stëmmt et, datt d'Ambulanz scho véier mol huet missten intervenéieren, well Kanner vun de Gerüster gefall sinn?

#### Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Et ass effektiv esou, datt sech Kanner wéi gedoen hunn. Ob se awer elo vun de Gerüster erofgefall sinn, kann ech lech net soen, well dat steet net émmer an de Certificater dran, déi mer kréien. An de Pause geschéien émmer emol kleng Accidenter. Déi eng Kanner falen, wa se lafen, oder si kommen emol eng Kéier mat den lelebéi widdereneen a schloe sech emol en Zand aus. Et sinn émmer emol esou Saachen, déi geschéien.

Mir hunn awer énner deene Gerüster, déi do stinn – an déi ofgeholl si gi vu Luxcontrol -, de Buedem esou adaptéiert, datt et keng Gefor soll duerstellé fir déi kleng Kanner vu 6 bis 12 Joer. Wéi gesot, déi Gerüster si vu Luxcontrol fir gutt befonnt ginn. Mä op Spillplazen ass émmer emol deen een oder aneren, dee fält, an dat kann een och ni virausgesinn. Mä, wéi gesot, déi Gerüster si konform zu de Virschréften a goufen och vu Luxcontrol ofgeholl.

#### Becker Romain (déri gréng):

Dat hunn ech jo net bezweifelt, well soss hätte mer d'Spillplaz jo net kënnen opmaachen. Mä et steet awer fest, datt d'Leit a Péiteng zielen, datt et geféierlech wier an d'Ambulanz wier schonn esou vill mol op der Plaz gewiescht. Virdru wier et net esou geféierlech gewiescht.

Eng aner Fro ass déi mat den Awunner aus der Parkstrooss. Déi wollten, datt de Schoulhaff géif berouegt ginn an deem Sénn, datt owes kee Basket méi do gespilt soll ginn. Si wollten, datt de Passage sollt zougemaach ginn. Mä déi Leit sinn elo nach émmer net zefritten. Si soen, datt elo bal nach méi Gejäiz do wier, well méi kleng Kanner do géife spiller. Ass dat schonn un iech erugedroe ginn?

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Ech hat déi Leit och schonn erém bei mir am Büro. Et ass eng ganz speziell Zort Leit, déi do wunnt. Ech mengen, dat kann ech hei och emol fräi soen. Et ass natierlech esou, datt owes um 10 Auer kee Klenge méi do spillt. Wann owes Leit am Schoulhaff oder am Park sinn, déi owes spéit Kaméidi a Remmidemmi maachen, dann ass et net un der Gemeng, mä éischter un der Police, fir do ze intervenéieren. Mir hunn donidden e Schéld gesat, wou drop steet, datt net dierf mam Ball gespillt ginn. Et ass natierlech och émmer esou, datt déi eng émmer en Hoer an der Zopp fannen – wa se iergendwou wunnen. Et ass wéi wann ee bei e Flughafe wunne geet a wann een dann d'Fligeren héiert, da ginn ech reklaméieren. Esou ass et och bei enger Schoul. Wann ech bei enger Schoul wunnen a mëttes kommen 200 Kanner eraus, da weess ech, datt Kaméidi ass.

Mir hunn och Personal, wat owes an der Schoul botzt. A wann déi an hirer Paus an deem klenge Wee matenee schwätzen, dann héiert een dat och emol. Mä wéi ass et da soss dobaussen. Ab 10 Auer owes soll et roueg sinn. A wann no 10 Auer nach Kaméidi ass an et ass ze haart, da muss ech d'Police ruffen. Mä bis 10 Auer kann een awer kengem verbitte fir an engem Passage ze schwätzen.

Och eis Musekschoul huet Coursé bis 8 oder hallwer 9. Dat ass deene Leit anscheinend och ze haart. Mir können awer elo net higoen an iwverall Cloisone maachen, fir datt gewësse Leit näischt méi héieren. Et muss een émmer wëssen, datt een am Zentrum vun enger Stad wunnt. An dann huet ee méi Autosverkéier oder och emol deen een oder anere Café. Hei ass et eben eng Schoul mat engem Schoulhaff. Mir si jo och higaangen an hunn de Schoulhaff owes manner beliicht, wat jo u sech och e bësse géint eise „plan local de sécurité“ geet. Well d'Police huet eis u sech un d'Häerz geluecht, datt mer gewësse Gebailechkeete solle méi hell beliichten, fir datt manner Vandalismus soll sinn. Mir sinn awer higaangen an hunn d'Luucht e bëssen am Schoulhaff gedämmt, fir datt esou mann ewéi méiglech Circulatioun do soll sinn.

An nach eng Kéier, wann nuets zevill Kaméidi sollt sinn, da muss een d'Police ruffen.

**Becker Romain (déi gréng):**

Dat ass scho richteg esou. Well vereenzelt Leit, déi do wunnen, hu mech och drop ugeschwat. An deenen hunn ech och gesot, datt – wann ee bei eng Schoul wunne geet – dat dann eben esou ass an een dat da muss mat a Kaf huelen. A wann déi Leit dann och nach Kanner hunn, da sinn déi och do an d'Schoul gaangen, respektiv si selwer sinn och do an d'Schoul gaangen.

Wat elo dat Schéld ugeet, datt et verbueden ass fir mam Ball ze spilen, esou kann ech dat net émmer novollzéien. Mir bauen eng Spillplaz an da schreiwe mer dohinner, datt et verbueden ass fir mam Ball ze spilen.

Et ass awer genee dat, wat een de Leit émmer kann äntworten. Well si kommen émmer erém mat där selwechter Geschicht. Et ass wéi eng Gebietsmillen. All déi Leit, déi do wunnen, kommen émmer erém mat där selwechter Geschicht.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Wat dat Schéld ugeet, esou ass et esou, datt an deem Haff zum Park zou, dee mer elo nei gemaach hunn, net dierf mam Ball gespillt ginn. An deem hënneschten Haff ass et weiderhin awer erlaabt.

**Conzemius-Holcher Josette (CSV):**

Elo hu mer haut erém e Supplément vun 79.000 Euro virleien. An ech sinn elo erém bei där aler Leier: Wie kritt elo

erém déi 10% dovunner? Et ass gutt, datt op d'Leit e bësse gelauschert ginn ass, mä et kann een och net alles fir d'Leit maachen. Mä wat awer och u mech erugedroe ginn ass – an ech sinn elo net vu Péiteng – dat ass, datt dat Gestell fir d'Kanner ze héich wier. Mä ech huelen un, datt déi Leit, déi dat ofgeholl hunn, mat hirem Gewëssen och gutt duerchkomm sinn. Ech froe mech awer, ob dat Gerüst esou grouss huet missste sinn. Op anere Spillplazzen hu mer och Saachen, déi awer net esou héich sinn, an do hu mer manner Komplikatiounen, datt eventuell ee kéint eroffen.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Also, wéi gesot, ze héich ass dat Gerüst jo net. Well et ass jo esouguer fir Kanner vu 6 bis 12 Joer. Et läit och vläicht un eise Kanner, déi net méi gewinnt sinn ze klammen. Et gétt jo och émmer gesot, datt eis Kanner sech emol erém solle bewegen. Si sollen net nëmmen do sëtzen a mat de Computere spiller. Hei – mengen ech – gi mer hinne jo d'Geleeënheet dofir.

Wat elo de Supplément vun 79.000 Euro betréfft, wou mer elo de Bierger – also och deenen Erwuessen – e wéineg Rechnung droen, esou fält dat natierlech an dee ganze Pak eran, vun deem e gewëssene Prozentsaz och un d'Architekten an d'Ingenieursbüroé geet. Dat ass nun eben esou an do komme mer net derlaanscht.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

D'Madame Conter huet gesot, datt Luxcontrol déi Saachen ofgeholl huet. Mä esou wäit ech weess, ginn all déi Projeten och vun der Schoukkommissioun aviséiert, wou énner anerem och Léierpersonal, Elteren an den Inspekte dobäi sëtzen. Esou datt e Konsens do ass fir déi Saachen, déi do opgeriicht ginn. Selbstverständlech sollt een dat an Zukunft och vläicht emol kucken oder e bësse méi genee kucken. Mä dat do ass awer e Projet, dee vun alle Säiten aviséiert ginn ass an et ass mir net zoudedroe ginn, datt iergendee mat iergendeppes e Problem hätt.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Dat ass richteg. Et hat keen e Problem. Mir ware selwer bei d'Léierpersonal gaangen a si hunn dee ganze Projet virgedroe kritt. Dee Projet war och an der Schoukkommissioun an et huet keen en negativen Avis dozou ginn.

**Gira Carlo (CSV):**

Dat, wat elo gesot ginn ass, wëll ech dann net nach eng Kéier kommentéieren. Ech fannen et awer gutt, datt mer dru geduecht hu fir déi Ramp ze bauen a wat och net grad Peanuts waren. Esouwàit ech weess, ass awer elo de Problem bannen am Gebai nach net geléist. Et kënnst een elo ouni Problem an d'Schoul eran, an da sinn dobannen awer e puer Trapen. Ass e Kredit virgesi fir dat och nach ze änneren? Oder gétt dat eréischt gemaach, wa wierklech Bedarf ass? Well mer hu jo gesot, datt mer déi Kanner mat engem Handicap versiche fir op de Rez-de-Chaussée ze setzen. Mä et si jo awer och vläicht emol Elteren, déi en Handicap hunn an déi an d'Schoul missten erakommen.

Ech weess aus eegener Erfahrung, datt d'Kanner duerch d'Gemeng gi fir déi eenheemesch Planze méi no bruecht ze kréien. Déi nächste Kéier, wann ee bei eng Schoul esou Planze mécht, misst ee vläicht och drun denke fir eenheemesch Planzen dohinner ze maachen, esou datt den Anschauungsunterrecht direkt op der Plaz kéint gemaach ginn. Dat ass elo net als Kritik ze verstoen, mä et ass eng Ureegung fir een nächste Projet.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Effektiv hu mer bannen an der Schoul, wann een erakénnt, e puer Träppleker. Do ass awer schonn eng Ramp, wou een e

Rollstull kann erop drécken. Mir sinn awer émmer dovunner ausgaangen, datt – wann emol e Kand mat engem Handicap sollt ageschoult ginn – déi Klass op de Rez-de-Chaussée kënnnt. Wann elo Eltere kommen, déi en Handicap hunn, esou kënnen déi och énnen am Gebai émfaange ginn. Da muss einfach d'Léierpersonal erofoen an déi Leit dann énnen émfänken. Déi Méglechkeeten hu mer jo awer.

Wat elo d'Plazen ubelaangt, esou hu mir elo hei kee Gaart ugeplanzt. Mir hunn ugeplant mat Coniféren, déi relativ schnell solle wuessen an dat zu der Säit vun den Urainer, well jo vun do d'Doléancé komm sinn. An dofir wollte mer dat dicht maache fir datt de Schall net esou séier soll eriwwer goen. A bei deenen anere Beem hu mer gekuckt, fir eng Conformitéit ze hu mat deem, wat schonn do steet. A mir hunn eis deem dann ugepasst. An et geet ee jo net dat, wat schonn do steet, erausrappe fir erém alles nei ze maachen. Do ware Plazen, déi nach gutt waren an déi sinn och stoe bliwwen. A mat deem, wat bäikomm ass, hu mer eis deene Planzen ugepasst.

#### Gira Carlo (CSV):

Ech ginn lech do Recht. Mä wann ech awer héieren, datt mer e groussen Deel vun Aarbechte maache fir deenen Urainer gerecht ze ginn, a wat dann och nach vill méi deier gëtt, dann hoffen ech awer just, datt se dat och appreçieieren. Well et ass en décke Chiffer, dee mer do investéieren, just grad fir datt si hir Rou hunn. An ech fannen, datt an engem Schoulhaff d'Kanner missten d'Prioritéit hunn. Well d'Schoul war schonn do ier déi Leit dohinner wunne komm sinn.

#### Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Dat war och émmer meng Meenung an et ass am Schoulgesetz festgehalen, datt all Schoulkand esou vill Metercarré zegutt huet fir am Schoulhaff ze lafen. Et sinn och nach vum Ministère aus Ureeunge komm, fir kannerfréndlech Schoulhäff ze amenagéieren. Mir sinn natierlech och op dee Wee gaangen a mir hunn eis Schoulhäff an deem Senn ageriicht. Natierlech ginn et émmer erém Leit, déi eppes dorunner auszeseten hunn, mä ech géif mengen, datt mer um gudde Wee sinn.

#### Accord à l'unanimité.

## 7.7.

#### Enseignement.

Décompte portant sur l'installation de serrures électroniques sur les portes d'entrée principales des écoles communales – approbation.

*Explications par Mme Raymonde Conter-Klein, échevine:*

Total du devis approuvé:	20.000,00 euros (ttc)
Total du crédit approuvé:	20.000,00 euros (ttc)
Total de la dépense:	19.629,29 euros (ttc)

#### Approbation à l'unanimité.

## 7.8.

#### Enseignement.

Décompte portant sur la construction d'un bâtiment pour l'éducation précoce à Pétange – approbation.

*Explications par Mme Raymonde Conter-Klein, échevine:*

Total du devis approuvé:	7.284.805,00 euros (ttc)
Total du crédit approuvé:	7.383.440,54 euros (ttc)
Total de la dépense:	7.355.418,65 euros (ttc)

#### Approbation à l'unanimité.

## 7.9.

#### Enseignement.

Décompte portant sur la construction de quatre salles de classe pour le premier cycle scolaire à Rodange – approbation.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre:*

Total du devis approuvé:	3.300.000,00 euros (ttc)
Total du crédit approuvé:	3.400.015,72 euros (ttc)
Total de la dépense:	3.355.793,92 euros (ttc)

#### Approbation à l'unanimité.

## 8.1.

#### Affaires sociales.

Organisation des après-midis de loisirs «Vakanzaktiou» pour l'année 2016 – décision.

*Explications par Mme Raymonde Conter-Klein, échevine:*

*Les après-midis de loisirs «Vakanzaktiou 2016» auront lieu du 25 juillet au 5 août 2016, se dérouleront simultanément dans les trois localités et s'adresseront aux enfants de la commune fréquentant les classes de l'école fondamentale (cycles 1.1 à 4.2). Il y a lieu d'engager pour les après-midis de loisirs environ 72 moniteurs (m/f) âgés de 17 ans au moins et d'imposer des cours de formation pour aide-animateurs aux candidats n'ayant pas encore suivi des formations analogues.*

#### Scheuer Romain (déi gréng):

Bei der Vakanzaktiou si jo verschidden Aktivitéiten, déi am Ausland stattfannen. Um Ofschlossfest vun der leschter Vakanzaktiou huet een awer héieren, datt do verschidde Saachen dobäi waren, déi net esou gutt ukomm sinn, well et vläicht e béissen ze wäit war fir mam Bus ze fueren. A wa se da bis do waren, dann hu se scho bal erém an de Bus musse klamme fir zeréck. Ginn d'Moniteure gefrot, watfir Aktivitéiten se wëlle maachen?

#### Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Et ass esou, datt een ni ganz genee de Punkt trefft, datt jiddereen zu 100% averstanen ass mat deem wat ubeude gëtt. Et ass och esou, datt mer d'lescht Joer eis schonn drop ageriicht hate fir net méi esou wäit ze fueren. Mir hu gesot, datt mer nach e gewëssene Radius huelen an doriwwer gi mer net eraus. Et kann och emol sinn, datt Elteren hir Kanner fir Aktivitéiten aschreiwen, déi se net esou gäre maachen. Dat ass och emol de Fall.

D'Moniteure kréien de Programm dohinner geluecht. Mir kënne jo net higoen an 72 Moniteure froen, ob hinne de Programm gefält oder net. D'Organisatioun vun der Vakanzaktiou geschitt hei am Haus, si gëtt mat Educateuren aus der Maison Relais gemaach a si gëtt ofgestëmmt op verschidde Alterstranchen.

Wann elo d'Aktivitéiten deem engen oder aneren net passen, dann ass dat eben esou. Da muss en sech déi nächste Kéier an en aneren Atelier aschreiwen. Mir kënnen net ufänken fir d'Moniteuren ze froen, ob et hinne passt. Si schreiwe sech an a ginn agedeelt. An et ass eng Vakanzenaarbecht an et ass jo flott, datt se domatter Kanner kenneléieren, datt se Aktivitéite kenneléieren, an dobäi soll et och bleiben.

#### Gira Carlo (CSV):

D'Echoen, déi ech krut, sinn awer net esou wéi dem Här Scheuer seng. Ech hunn héieren, datt d'Vakanzaktiou

relativ gutt verlaf ass. Ech wollt awer just froen, ob no der Vakanzaktiouen och èmmer en Debriefing gemaach gëtt, fir ze kucken, wat een nach ka verbesseren?

Dann hätt ech nach ee Wunsch, an zwar, datt een – wann et némme geet – op Leit zeréckgräift, déi di néideg Formatiounen hunn. Well et ass jo awer eng gewësse Verantwortung do, fir déi Kanner – och wann et némme 14 Deeg sinn – anstänneg ze betreien.

#### Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Mir kucken och èmmer fir Leit ze kréien, déi di néideg Formatioun hu fir d'Kanner anstänneg ze betreien. Mir kucken och èmmer, wat gutt bei de Kanner ukomm ass a wat net esou gutt war. A mat deenen Erfahrungswärter organiséiere mer dann déi kommend Vakanzaktiouen.

**Accord à l'unanimité.**

## 8.2.

#### Affaires sociales.

Décompte portant sur la réfection de la terrasse de la Crèche Villa Bambi à Rodange – approbation.

*Explications par Mme Raymonde Conter-Klein, échevine:*

Total du devis approuvé:	34.000,00 euros (ttc)
Total du crédit approuvé:	34.000,00 euros (ttc)
Total de la dépense:	33.291,35 euros (ttc)

**Approbation à l'unanimité.**

## 8.3.

#### Affaires sociales.

Aide financière de 2.500 euros en faveur des victimes de l'exode de Syrie – décision.

#### Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Mir hunn an eisem Budget all Joer 10.000 Euro stoe fir am Fall vu Katastrofen oder Tragödien ze hëlfen. Mir hunn en Appell kruft vu Médecins sans frontières, fir deenen ze hëlfen, déi am Exode vu Syrien Affer gi sinn. Mir proposéieren dem Gemengerot fir an deem Kontext Médecins sans frontières en Don vun 2.500 Euro zoukommen ze loosse.

#### Gonçalves Cátia (LSAP):

Mir sinn op eng brutal an erschreckend Aart a Weis eis bewosst ginn, wat déi Leit a Syrien de Moment a scho sät Joeren erliewen. Et ass eng kleng «prise de conscience», déi hei statffonnt huet. D'Terroristen hunn den Doud grad esou gäre wéi mir hei d'Liewe gären hunn. Dat mécht engem wierklech Angscht.

Dat heiten ass wahrscheinlich e Geste, dee mer dëst Joer maachen an dee mer och wahrscheinlich müssen an deenen nächste Joere widerhuelen. Dat wäert net vun haut op muer en Enn huelen. Dat hu mer och gesinn. An ech denken, datt mer och am Beräich vun eiser Gemeng schonn e puer Leit hei hunn, déi entweder Flüchtling oder «demandeur d'asyle» sinn. An déi liewen zimlech isoléiert. An ech denken, datt et och flott wier, wann eis Gemeng, de Schäfferot, sech e puer Gedanke géif maachen, fir zum Beispill déi Leit e bëssen aus der Isoliatioun erauszehuelen, sief et duerch eng Internetconnexioun, déi se de Moment net hunn.

Dir wësst och, datt déi Leit net dierfe schaffe goen, dat heescht, datt hir Sozialisierung, hir Integratioun an der Gemeng, esou net richteg ka stattfannen. Dat ass

wahrscheinlich eppes, wat um nationale Plang geregelt muss ginn. Mä ech mengen, datt mer eis Leit, eise Benevolen, eise Veräiner och un d'Häerz kéinte leeën, fir si aus der Isoliatioun erauszehuelen. Dat heescht, bei Sportinfrastrukture kéint ee vläicht denken oder kucken, fir deene Leit e Pass ze gi fir zum Beispill kënne Fussball spilleren ze goen, an d'Schwämm ze goen, sech e bëssen énnert d'Leit ze bréngen, fir datt se net permanent an deem Haus musse bleiwen. Op déi Aart a Weis kéinte mer dann och eis Gaaschtfriéndschaff weisen. Dat hänkt natierlich och vun de Veräiner of. Mä do ass e Besoin do an dee gouf och wierklech ausgeschwat, fir sech ze engagéieren a se aus der Isoliatioun erauszehuelen.

#### Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Et steet eis sécherlech gutt zu Gesicht, fir déi eng oder aner Aktioun wéi déi doten ze maachen. A wa scho Kontakter do bestinn, da sollen se eis emol soen, wat hir Wënsch da sinn. An da kënne mer an deem Sënn déi eng oder aner Saach an d'WEE leeden. Mir fir d'éischt musse mer hir Wënsch a Besoîne kennen an da kann ee sécherlech esou Aktiounen wéi déi dote maachen. Honnertprozenteg.

**Accord à l'unanimité.**

## 9.

#### Sylviculture.

Approbation des devis et plan de gestion des forêts communaux pour l'année 2016 – décision.

*Explications par M. Romain Mertzig, échevin:*

*Le plan de gestion des forêts pour l'exercice 2016 comprend les positions suivantes:*

- 1) Protection de la Nature en milieu ouvert
- 2) Gestion durable et protection des forêts
- 3) Protection des ressources cynégétiques et de la faune sauvage
- 4) Sensibilisation et information du public
- 5) Surveillance et police
- 6) Logistique
- 7) Service aux tiers
- 8) Gestion du personnel

*Compte tenu des recettes (75.830 euros) et des dépenses (160.750 euros), le plan de gestion prévoit un déficit de 84.920 euros.*

#### Conzemius-Holcher Josette (CSV):

D'lescht Joer, wou de Fierschter eis de Bëschplang virgestallt hat, hat ech drop opmiersam gemaach, datt dee Wee um Clopp ganz schlecht wier an e gefrot, fir déi grouss Lächer an deem Wee zouzemaachen. Et ass awer nach näischt geschitt an dofir wollt ech den zoustännege Schäffe biede fir de Fieschter emol nach eng Kéier dorunner ze erënneren. Well elo gi mer schonn erém op der Wanter lass an d'Leit iergere sech èmmer, datt deen Trëppelwee an esou engem schlechten Zoustand ass.

#### Mertzig Romain, Schäffen:

Nach de leschte Freideg hat ech am Kader vun der «journée de l'arbre» de Fierschter op déi Problematik ugeschwat an hie sot mer, datt e sech d'Saach géif ukucke goen.

#### Scheuer Romain (déi gréng):

Bei de Coupen, déi gemaach ginn, wollt ech froen, ob dat dës Kéier fir de Gemengegebrauch ass oder op dat Holz u Firmaen ausgeliwwert gëtt?

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Dee klenge Schnëtt bleibt am Prinzip an der Gemeng. Op der anerer Säit gesi mer jo awer och, datt mer eng Recette vu 75.000 Euro hunn. Da wësse mer jo och, datt mer en Deel vun deem Holz verkafen. Dat ass u sech awer dat gutt Holz, wat gebraucht ka gi fir Miwwel hierzestellen. Mir stellen awer och fest, datt mer an de Béscher net méi esou vill schneide ginn, an dat well de Bészch esou verjéngt ass, datt net méi esou vill muss dra geschnidde ginn.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Da soll um Rouden Haff jo och e Parking écologique gemaach ginn. Dat gëtt jo awer hoffentlech net esou gemaach wéi op der Lénger Strooss an datt mer duerno erën eng Kéier mussen ufänke fir et anstänneg ze maachen.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Et gesäit jo awer mëttlerweil elo ganz flott op der Lénger Strooss aus.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Jo, mä mir hunn awer missten zweemol ufänke mat den Aarbechten, fir datt et elo zum Schluss valabel ausgesäit.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Dee Parking um Rouden Haff hu mer jo u sech nei gemaach, well mer elauter Pill do stoen haten. An dee Parking gëtt esou ähnlech gemaach wéi deen éischten Deel vum Parking um Péitenger Weier.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ech wollt och nach bëifügen, datt dee Parking mam Här Kirpach vum Environnement ofgeschwat ass. Mä dat ass awer e Parking, dee just beim Bészch läit. A wann een an de Bészch wëll goen, dann huet een aner Schung u wéi wann een an de Wax wëll goen.

Wat elo dee Parking op der Lénger Strooss ubelaangt, esou ass deen déi éischte Kéier esou gemaach ginn, wéi den Environnement eis dat operluecht hat. A mir hate vun Ufank u gesot, datt dat näischt géif ginn. Mä si haten eis et esou imposéiert. Datt mer op der Lénger Strooss hu missten nobesseren, huet domatter ze dinn, datt mer déi éischte Kéier dem Environnement ze vill nogelauschtet haten. Et war sécherlech net e Problem vun der Gemeng, mä et war e Problem vum Ministère de l'environnement, déi eis dat dote carrément imposéiert hunn an eis verbueden hunn, datt mer dat géife maache wat mer elo dräi Joer duerno awer gemaach hunn.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Spéitstens dee Moment, wou si selwer mat de Féiss am Bulli stoungen, hu se anuecht geholl, datt dee Parking net gutt wier esou wéi si e proposéiert haten. Mir ware mat deene Leit op d'Plaz iessen an hu se du gefrot, op dee Parking an hiren Aen eng Visitékaart wier. An dunn hu mer d'Autorisatioun kritt fir nozebesseran.

**Accord à l'unanimité.****10.****Ordre public.**

Prorogation de l'heure de fermeture des débits de boissons publics à l'occasion de certaines fêtes ou festivités en 2016 – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

**Accord à l'unanimité.****11.1.****Sports et loisirs.**

Décompte portant sur le renouvellement de la centrale d'intrusion au Centre de Loisirs à Lamadelaine – approbation.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre:*

Total du devis approuvé:	6.000,00 euros (ttc)
Total du crédit approuvé:	6.000,00 euros (ttc)
Total de la dépense:	5.377,10 euros (ttc)

**Approbation à l'unanimité. M. Arendt, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.****11.2.****Sports et loisirs.**

Décompte portant sur le renouvellement de la centrale d'intrusion à la Piscine PIKO à Rodange – approbation.

*Explications par M. Romain Mertzig, échevin:*

Total du devis approuvé:	47.000,00 euros (ttc)
Total du crédit approuvé:	47.000,00 euros (ttc)
Total de la dépense:	46.632,71 euros (ttc)

**Approbation à l'unanimité.****11.3.****Sports et loisirs.**

Décompte portant sur la modification du système de remplissage du chlore et acide dans la piscine PIKO à Rodange – approbation.

*Explications par M. Romain Mertzig, échevin:*

Total du devis approuvé:	28.000,00 euros (ttc)
Total du crédit approuvé:	28.000,00 euros (ttc)
Total de la dépense:	26.504,49 euros (ttc)

**Gonçalves Cátia (LSAP):**

Hei ass wuel elo den Handling geännert ginn, mä de System ass awer nach èmmer dee selwechten, an zwar gëtt nach èmmer mat Chlor a mat Séier geschafft. Dobäi ginn et och aner Saachen, wéi zum Beispill d'Salz-Elektrólise. Wa mer op dee Wee géife goen, dann hätte mer manner Schued, wat zum Beispill Allergié betréfft. Och hätte mer wahrscheinlech e puer Punkte bei eiser Èmsetzung vum Klimapakt dobäi kritt. Ech verstinn, datt dat elo net haut oder muer geschitt, well mer elo d'Tanken nei gemaach hunn, mä et sollt een awer driwwer nodenke fir dee ganze System eng Kéier ze ännernen.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Dir hutt u sech schonn d'Stéchwuer ginn. Dat dote sinn Aufgaben, déi mer eis an Zukunft an eisem Klimapakt ginn hunn a wou mer Saachen ze realiséieren hu bis 2020. Mir wéissen awer och, datt dat èmmer mat relativ héije Käschte verbonnen ass an do muss ee kucken, wéi ee budgetär erauskënnnt. Mä et ass op kee Fall esou, datt mer déi Saachen do ignoréieren.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ech kann och soen, datt am Budget 2016 am Kader vum Klimapakt en Audit am PiKo virgesinn ass.

**Approbation à l'unanimité.**

**11.4.**

**Sports et loisirs.**

Décompte complété portant sur la mise en conformité du Centre sportif Bim Diederich à Pétange – approbation.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre:*

Total du devis approuvé:	7.610.000,00 euros (ttc)
Total du crédit approuvé:	7.108.322,04 euros (ttc)
Total de la dépense:	7.106.600,21 euros (ttc)

**Approbation à l'unanimité.**

**12.**

**Canalisation.**

Décompte portant sur la construction d'un bassin d'orage au rond-point Porte de Lamadelaine – approbation.

*Explications par M. Roland Breyer, échevin:*

Total du devis approuvé:	4.300.000,00 euros (ttc)
Total du crédit approuvé:	4.284.870,97 euros (ttc)
Total de la dépense:	4.241.845,16 euros (ttc)

**Approbation à l'unanimité.**

**13.1.**

**Voirie vicinale.**

Décompte portant sur le redressement de la rue de la Gare et d'une partie de la rue du Chemin de Fer à Pétange – approbation.

*Explications par M. Roland Breyer, échevin:*

Total du devis approuvé:	1.260.000,00 euros (ttc)
Total du crédit approuvé:	1.330.158,41 euros (ttc)
Total de la dépense:	1.195.158,24 euros (ttc)

**Approbation à l'unanimité.**

**13.2.**

**Voirie vicinale.**

Décompte portant sur les travaux de réparation, tassement et mise en place d'une signalisation tricolore dans la rue des Ateliers à Pétange – approbation.

*Explications par M. Roland Breyer, échevin:*

Total du devis approuvé:	603.000,00 euros (ttc)
Total du crédit approuvé:	301.500,00 euros (ttc)
Total de la dépense:	277.787,02 euros (ttc)

**Approbation à l'unanimité.**

**13.3.**

**Voirie vicinale.**

Décompte provisoire et vote d'un crédit supplémentaire de 30.757,60 euros portant sur la réalisation de l'interconnexion par fibre optique des sites communaux – décision.

*Explications par M. Roland Breyer, échevin:*

*Total du devis approuvé:* 245.000,00 euros (ttc)

*Total du crédit approuvé:* 245.000,00 euros (ttc)

*Total de la dépense prévisible:* 275.757,60 euros (ttc)

*La dépense supplémentaire est due au fait que lors de l'ouverture des tranchées il a été constaté que les gaines existantes étaient partiellement obstruées, nécessitant l'ouverture de tranchées supplémentaires. De même, le futur projet de réaménagement du centre de Rodange a rendu nécessaire l'adaptation des trajets de câblage pour la fibre optique et des regards supplémentaires ont dû être construits.*

**Accord à l'unanimité.**

**13.4.**

**Voirie vicinale.**

Décompte provisoire et vote d'un crédit supplémentaire de 60.782,40 euros portant sur le renouvellement des feux de signalisation le long de la route RN5 à Pétange – décision.

*Explications par M. Roland Breyer, échevin:*

<i>Total du devis approuvé:</i>	250.000,00 euros (ttc)
<i>Total du crédit approuvé:</i>	223.429,66 euros (ttc)
<i>Total de la dépense prévisible:</i>	284.212,06 euros (ttc)

*Le dépassement du crédit initialement approuvé est justifié par le fait que lors du comptage des véhicules sur la RN5 et dans les routes adjacentes il s'est avéré nécessaire d'agrandir le rayon des comptages et de prolonger les heures pendant lesquelles celui-ci était prévu. De ces faits les analyses des résultats et les simulations sur l'ordinateur central furent beaucoup plus extensives. En plus, des boucles supplémentaires ont dû être posées nécessitant de travaux de génie-civil non prévus.*

**Accord à l'unanimité.**

**14.**

**Cimetières.**

Décompte portant sur l'acquisition d'un container de stockage avec WC public intégré au cimetière de Lamadelaine – approbation.

*Explications par M. Romain Mertzig, échevin:*

<i>Total du devis approuvé:</i>	12.000,00 euros (ttc)
<i>Total du crédit approuvé:</i>	12.000,00 euros (ttc)
<i>Total de la dépense:</i>	12.000,00 euros (ttc)

**Approbation à l'unanimité. M. Becker, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.**

**15.1.**

**Circulation.**

Règlement d'urgence à caractère temporaire à Lamadelaine – confirmation.

*Explications par M. Roland Breyer, échevin:*

*Travaux de renouvellement d'infrastructures dans la rue Echelsbaach à Lamadelaine et affectant la circulation dans les rues Echelsbaach, Grousswiss, Vieux Moulin, et Millebaach.*

*Début des travaux: 4 novembre 2015*

*Durée des travaux: approximativement 200 jours ouvrables.*

Ces travaux nécessitent la modification temporaire du règlement général de la circulation en vigueur.

**Confirmation à l'unanimité.**

## 15.2.

### Circulation.

Règlement d'urgence à caractère temporaire à Rodange – confirmation.

*Explications par M. Roland Breyer, échevin:*

Travaux de renouvellement d'infrastructures dans l'avenue Dr Gaasch (CR 176) à Rodange, et affectant la circulation dans les rues Dr Gaasch, Marie-Adélaïde, Guillaume, route de Longwy (N5) et Charlotte.

Début des travaux: 9 novembre 2015

Durée des travaux: approximativement 250 jours ouvrables.

Ces travaux nécessitent la modification temporaire du règlement général de la circulation en vigueur.

**Confirmation à l'unanimité.**

## 16.

### Dépenses diverses.

Membre du personnel à ajouter sur la liste des candidats ayant droit à l'octroi d'un cadeau de service – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

**Accord à l'unanimité.**

## 17.1.

### Vie associative.

Dissolution de l'association «Kanner a Jugendkouer d'Léiweckercher aus dem Kordall Péiteng ASBL» – décision.

*Explications par M. Roland Breyer, échevin.*

**Il en est pris acte.**

## 17.2.

### Vie associative.

Dissolution de l'association «Nordic Walker aus der Gemeng Péiteng» - information.

*Explications par M. Romain Mertzig, échevin.*

**Il en est pris acte.**

## 17.3.

### Vie associative.

Statuts de la nouvelle association de jeux de quilles «KCC Keng Ahnung» - information.

*Explications par M. Romain Mertzig, échevin.*

**Il en est pris acte.**

# Gemeinderatssitzung vom 16. November 2015

### Anwesend:

**Mellina Pierre**, Bürgermeister (CSV)

**Breyer Roland**, 1. Schöffe (CSV)  
**Conter-Klein Raymonde**, 2. Schöffe (CSV)  
**Mertzig Romain**, 3. Schöffe (LSAP)

**Arendt Patrick** (CSV)  
**Conzemius-Holcher Josette** (CSV)  
**Gira Carlo** (CSV)  
**Polfer John** (CSV)  
**Rosenfeld Romain** (CSV)

**Brecht Guy** (LSAP)  
**Gonçalves Cátia** (LSAP)  
**Pierre Norbert** (LSAP)  
**Stoffel Marco** (LSAP)

**Becker Romain** (déri gréng)  
**Scheuer Romain** (déri gréng)  
**Tockert Claude** (DP)

### Abwesend und entschuldigt:

**Thein Joe** (adr)

### 1. bis 3.

Die Punkte 1 bis 3 der Tagesordnung wurden in geheimer Sitzung behandelt.

Der Gemeinderat hat jedoch einstimmig entschieden, folgende Abstimmungen zu veröffentlichen:

[Ernennung eines Kursleiters \(m/w\) für den Geigenunterricht in der Musikschule:](#)

Frau Gesine Kolb verh. Uden aus Saarbrücken (D) wurde als Kursleiterin für den Geigenunterricht zum 01.12.2015 (halbtags und auf unbegrenzte Zeit) genannt.

[Ernennung eines Kursleiters \(m/w\) für den Jazz-Kurs \(Theorie\) in der Musikschule:](#)

Herr Pol Belardi aus Crauthem wurde als Kursleiter für den Jazz-Kurs (Theorie) zum 01.12.2015 (halbtags und auf unbegrenzte Zeit) genannt.

Ernennung eines Diplomerziehers (m/w) für die Maisons Relais (35 Stunden/Woche):

Frau Angélique Peiffer aus Entrange (F) wurde als Diplomerzieherin (35 Stunden/Woche) auf unbegrenzte Zeit angestellt.

Ernennung von zwei Diplomerziehern (m/w) für die Maisons Relais (30 Stunden/Woche):

Frau Liliane Kim Moreira Vieira aus Rodange und Frau Tamara Streff aus Differdingen wurden als Diplomerzieherinnen (30 Stunden/Woche) auf unbegrenzte Zeit angestellt.

**4. - Mitteilungen des Schöffenrates.**

Roland Breyer, Schöffe, gibt Erklärungen bezüglich der Etappen zur Einführung der 30er Zone in der Ortschaft Petingen sowie der Einführung von neuen Einbahnstraßen in der rue de la Gendarmerie in Rodange sowie in der rue de Luxembourg in Lamadelaine.

Romain Mertzig, Schöffe, gibt Auskunft zu den Ergebnissen der Zufriedenheitsumfrage betreffend das Essen auf Rädern.

**5.1. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.**

Abrechnung in Bezug auf die Erneuerung der Brand- und Einbruchmeldeanlage in der Maison Pesch in Petingen - Bewilligung.

Bewilligter Kostenvoranschlag:	17.235,58 Euro
Bewilligte Kredite:	17.235,58 Euro
Effektive Ausgabe:	17.235,58 Euro

Bewilligung einstimmig.

**5.2. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.**

Abrechnung in Bezug auf die Erneuerung der Brand- und Einbruchmeldeanlage in der Maison Fisch in Petingen - Bewilligung.

Bewilligter Kostenvoranschlag:	20.000,00 Euro
Bewilligte Kredite:	20.000,00 Euro
Effektive Ausgabe:	19.238,82 Euro

Bewilligung einstimmig.

**5.3. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.**

Abrechnung in Bezug auf die Digitalisierung der Register des Gemeinderates - Bewilligung.

Bewilligter Kostenvoranschlag:	23.306,40 Euro
Bewilligte Kredite:	25.000,00 Euro
Effektive Ausgabe:	23.986,94 Euro

Bewilligung einstimmig.

**6.1. - Liegenschaften.**

Mietvertrag mit der „Association Foyer du Jour Kordall“ für die Kindertagesstätte „Kordall“ in Petingen und deren Umgebung - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

**6.2. - Liegenschaften.**

Mietvertrag mit Herrn René Kertz zwecks zeitweiliger Betreibung des Restaurant Brasserie Wax in Petingen (1. November 2015 bis 1. Januar 2016) - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

**6.3. - Liegenschaften.**

Vergleich vom 25.4.2007 mit Herrn Jean Schlungs zwecks Kauf eines Grundstücks in der rue de la Gare sowie der rue de l'Hôtel de Ville in Petingen - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

**6.4. - Liegenschaften.**

Vergleich vom 6.8.2015 mit Frau Jeannine Stoffel zwecks Kauf eines Grundstücks in der rue de la Gare in Petingen - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

**6.5. - Liegenschaften.**

Vergleich vom 26.8.2015 mit den Mitbesitzern des Wohnhauses „Bohème“ zwecks Kauf eines Grundstücks in der rue de la Gare in Petingen - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

**6.6. - Liegenschaften.**

Vergleich vom 26.8.2015 mit den Mitbesitzern des Wohnhauses „Belle-Vue“ zwecks Kauf eines Grundstücks in der rue de la Gare und der rue du Chemin de Fer in Petingen - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

**6.7. - Liegenschaften.**

Vergleich vom 26.8.2015 mit den Mitbesitzern des Wohnhauses „Anemone“ zwecks Kauf eines Grundstücks in der rue de la Gare und der rue du Chemin de Fer in Petingen - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

**6.8. - Liegenschaften.**

Vergleich vom 26.8.2015 mit der „Gestion Générale Immobilière SARL“ zwecks Kauf eines Grundstücks in der rue de la Gare in Petingen - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

**7.1. - Schulwesen.**

Zuteilung des Lehrpersonals für das Schuljahr 2015-2016 - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

**7.2. - Schulwesen.**

Organisation der Schneeklassen 2016 - Beschluss.

Beschluss mit 14 Stimmen et 2 Enthaltungen (déri gréng).

**7.3. - Schulwesen.**

Abrechnung bezüglich der Instandsetzung der Fassade des Vorschulgebäudes „An Éigent“ in Petingen - Bewilligung.

Bewilligter Kostenvoranschlag: 35.000,00 Euro  
 Bewilligte Kredite: 35.000,00 Euro  
 Effektive Ausgabe: 31.454,69 Euro

Bewilligung einstimmig.

#### 7.4. - Schulwesen.

Abrechnung bezüglich der Anpassung des B-Flügels des Schulgebäudes „An Égent“ in Petingen - Beschluss.

Bewilligter Kostenvoranschlag: 170.000,00 Euro  
 Bewilligte Kredite: 200.000,00 Euro  
 Effektive Ausgabe: 184.420,87 Euro

Beschluss einstimmig

#### 7.5. - Schulwesen.

Abrechnung bezüglich der Erneuerung der Brandmeldeanlage des Schulgebäudes „Fonderie“ in Rodange - Bewilligung.

Bewilligter Kostenvoranschlag: 25.000,00 Euro  
 Bewilligte Kredite: 25.000,00 Euro  
 Effektive Ausgabe: 24.934,39 Euro

Bewilligung einstimmig.

#### 7.6. - Schulwesen.

Vorläufige Abrechnung und Abstimmung über einen Zusatzkredit in Höhe von 79.000 Euro bezüglich der Neugestaltung des Schulhofes des Schulgebäudes „Am Park“ in Petingen - Beschluss.

Bewilligter Kostenvoranschlag: 500.000,00 Euro  
 Bewilligte Kredite: 500.000,00 Euro  
 Effektive Ausgabe: 579.000,00 Euro

Beschluss einstimmig.

#### 7.7. - Schulwesen.

Abrechnung bezüglich der Installation elektronischer Schlossern an den Haupteingangstüren der kommunalen Schulgebäude - Bewilligung.

Bewilligter Kostenvoranschlag: 20.000,00 Euro  
 Bewilligte Kredite: 20.000,00 Euro  
 Effektive Ausgabe: 19.629,29 Euro

Bewilligung einstimmig.

#### 7.8. - Schulwesen.

Abrechnung bezüglich der Konstruktion eines Gebäudes zur Früherziehung in Petingen - Bewilligung.

Bewilligter Kostenvoranschlag: 7.284.805,00 Euro  
 Bewilligte Kredite: 7.383.440,54 Euro  
 Effektive Ausgabe: 7.355.418,65 Euro

Bewilligung einstimmig.

#### 7.9. - Schulwesen.

Abrechnung bezüglich der Konstruktion von 4 Klassenräumen für den 1. Schulzyklus in Rodange - Bewilligung.

Bewilligter Kostenvoranschlag: 3.300.000,00 Euro

Bewilligte Kredite: 3.400.015,72 Euro  
 Effektive Ausgabe: 3.355.793,92 Euro

Bewilligung einstimmig.

#### 8.1. - Soziales.

Organisation der Freizeitnachmittage Freizeitnachmittage „Vakanzaktioun“ 2016 - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

#### 8.2. - Soziales.

Abrechnung bezüglich der Erneuerung der Terrasse in der Kinderkrippe „Villa Bambi“ in Rodange - Bewilligung.

Bewilligter Kostenvoranschlag: 34.000,00 Euro  
 Bewilligte Kredite: 34.000,00 Euro  
 Effektive Ausgabe: 33.291,35 Euro

Bewilligung einstimmig.

#### 8.3. - Soziales.

Finanzielle Hilfe in Höhe von 2.500 Euro zugunsten der Abwanderungsoptiker aus Syrien - Beschluss .

Beschluss einstimmig.

#### 9. - Forstwirtschaft.

Bewilligung der Kostenvoranschlag und des kommunalen Forstverwaltungsplanes für 2016 - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

#### 10. - Öffentliche Ordnung.

Verlängerung der Öffnungszeiten der Getränkeauschänke anlässlich spezifischer Feste und Feierlichkeiten in 2016 - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

#### 11.1. - Sport und Freizeit.

Abrechnung bezüglich der Erneuerung der Einbruchmeldeanlage im Freizeitzentrum in Lamadelaine - Bewilligung.

Bewilligter Kostenvoranschlag: 6.000,00 Euro  
 Bewilligte Kredite: 6.000,00 Euro  
 Effektive Ausgabe: 5.377,10 Euro

Bewilligung einstimmig. Herr Arendt hat nicht an der Abstimmung teilgenommen

#### 11.2. - Sport und Freizeit.

Abrechnung bezüglich der Erneuerung der Einbruchmeldeanlage im Schwimmbad PiKo in Rodange - Bewilligung.

Bewilligter Kostenvoranschlag: 47.000,00 Euro  
 Bewilligte Kredite: 47.000,00 Euro  
 Effektive Ausgabe: 46.632,71 Euro

Bewilligung einstimmig.

### 11.3. - Sport und Freizeit.

Abrechnung bezüglich der Modifizierung des Chlor- und Säureabfüllsystem im Schwimmbad PiKo in Rodange - Bewilligung.

Bewilligter Kostenvoranschlag: 28.000,00 Euro

Bewilligte Kredite: 28.000,00 Euro

Effektive Ausgabe: 26.504,49 Euro

Bewilligung einstimmig.

### 11.4. - Sport und Freizeit.

Vollständige Abrechnung bezüglich der Instandsetzung des Sportzentrums Bim Diederich in Petingen - Bewilligung.

Bewilligter Kostenvoranschlag: 7.610.000,00 Euro

Bewilligte Kredite: 7.108.322,04 Euro

Effektive Ausgabe: 7.106.600,21 Euro

Bewilligung einstimmig.

### 12. - Kanalisation.

Abrechnung bezüglich der Konstruktion eines Regenüberlaufbeckens am Kreisverkehr Porte de Lamadelaine - Bewilligung.

Bewilligter Kostenvoranschlag: 4.300.000,00 Euro

Bewilligte Kredite: 4.284.870,97 Euro

Effektive Ausgabe: 4.241.845,16 Euro

Bewilligung einstimmig.

### 13.1. - Nebenstraßen.

Abrechnung bezüglich der Sanierung der rue de la Gare sowie einem Teil der rue du Chemin de Fer in Petingen - Bewilligung.

Bewilligter Kostenvoranschlag: 1.260.000,00 Euro

Bewilligte Kredite: 1.330.158,41 Euro

Effektive Ausgabe: 1.195.158,24 Euro

Bewilligung einstimmig.

### 13.2. - Nebenstraßen.

Abrechnung bezüglich der Arbeiten zwecks Reparatur, Senkung und Einrichtung einer Ampelanlage in der rue des Ateliers in Petingen - Bewilligung.

Bewilligter Kostenvoranschlag: 603.000,00 Euro

Bewilligte Kredite: 301.500,00 Euro

Effektive Ausgabe: 277.787,02 Euro

Bewilligung einstimmig.

### 13.3. - Nebenstraßen.

Vorläufige Abrechnung und Abstimmung über einen Zusatzkredit in Höhe von 30.757,60 Euro zwecks Glasfaservernetzung der kommunalen Standorte - Beschluss.

Bewilligter Kostenvoranschlag: 245.000,00 Euro

Bewilligte Kredite: 245.000,00 Euro

Effektive Ausgabe: 275.757,60 Euro

Beschluss einstimmig.

### 13.4. - Nebenstraßen.

Vorläufige Abrechnung und Abstimmung über einen Zusatzkredit in Höhe von 60.782,40 Euro zwecks Erneuerung der Ampelanlagen in der route RN5 in Petingen - Beschluss.

Bewilligter Kostenvoranschlag: 250.000,00 Euro

Bewilligte Kredite: 223.429,66 Euro

Effektive Ausgabe: 284.212,06 Euro

Beschluss einstimmig.

### 14. - Friedhöfe.

Abrechnung bezüglich des Kaufs eines Lagerungscontainers mit integrierter öffentlicher Toilette am Friedhof in Lamadelaine - Bewilligung.

Bewilligter Kostenvoranschlag: 12.000,00 Euro

Bewilligte Kredite: 12.000,00 Euro

Effektive Ausgabe: 12.000,00 Euro

Bewilligung einstimmig. Herr Becker hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

### 15.1. - Verkehr.

Zeitweilige Dringlichkeitsverordnung in Lamadelaine (Erneuerungsarbeiten der Infrastruktur in der rue Eechelsbaach) – Bestätigung.

Bestätigung einstimmig.

### 15.2. - Verkehr.

Zeitweilige Dringlichkeitsverordnung in Lamadelaine (Erneuerungsarbeiten der Infrastruktur in der Avenue Dr. Gaasch in Rodange) – Bestätigung.

Bestätigung einstimmig.

### 16. - Diverse Ausgaben.

Zufügen von Personalmitgliedern auf die Liste der Mitarbeiter, die Anerkennungsgeschenke zuerkannt bekommen - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 17.1. - Vereinsleben.

Auflösung der Vereinigung „Kanner a Jugendkouer d'Léiweckercher aus dem Kordall Péiteng ASBL“ – Beschluss.

Es wurde Kenntnis davon genommen.

### 17.2. - Vereinsleben.

Auflösung der Vereinigung „Nordic Walker aus der Gemeng Péiteng“ - Information.

Es wurde Kenntnis davon genommen.

### 17.3. - Vereinsleben.

Statute der neuen Kegelvereinigung „KCC Keng Ahnung“ - Information.

Es wurde Kenntnis davon genommen.

# Questions des conseillers communaux

## Réponses du collège des bourgmestre et échevins

### Question écrite du 2 octobre 2015 de M. Patrick Arendt (CSV):

Betréfft: Entwécklung vun der medezinescher Versuergung an eiser Gemeng

Am Kontext vun der Zukunft vun eiser Gemeng an der Versuergung vun eise Bierger wollt ech folgend Fro un lech riichten. Virun e puer Woche gouf an de Medien iwwer d'Problematik vun de Medezinsstudenten an der Belsch bericht, dass si keng Studieplaze méi géife kréien. Mir wëssen alleguer, dass d'Dokteren e wichtige Bestanddeel vun eiser Gesellschaft sinn an eis bei all Klengekeet mat Rot an Dot zur Säit stinn.

Ech hu mir d'Fro gestallt, ob mir an Zukunft iwwerhaapt nach genuch Dokteren am Land wäerten hu fir der wuessender Populatioun eng adequat medezinesch Versuergung kënnen ze garantéieren. Och a virun allem op lokalem Plang.

Dohier meng Fro un lech, l'éif Membere vum Schäfferot: wéi vill Dokteren hu mir momentan an eiser Gemeng schaffen, wéi héich d'Zuel vun den Awunner an den nächste Jore wäert klammen a wéi vill Doktere mir an den nächste Joere brauche wäerte fir der Péitenger, Rollenger a Rodanger Populatioun en héije medezinesche Standard kënnen ze garantéieren. Wéssend datt d'Allgemengmedeziner sech kënne fräi etabléieren, hunn ech schon deementspriechend bei engem Péitenger Allgemengmedeziner nogefrot, dee mir konfirméiert huet, datt sech an der leschter Zäit ronn 5 nei Dokteren an der Allgemengmedezin am Kordall niddergelooss hunn, esou dass de Marché am Moment „ok“ wier, e wier net saturéiert. Mä d'Dokteren hätte genuch Aarbecht. Wéi gesäßt et zudeem mat de Spezialisten an eiser Gemeng aus - a kéint do e Plang erstallt gi fir dem Bierger schnellstméiglech eng Kartographie ze erméglechen, wou a wat fir en Dokter/Spezialist ze fannen ass?

Op eiser Homepage ([www.petange.lu](http://www.petange.lu)) z.B. hu mir de Punkt „Carte virtuelle“, deen zu deem Moment, wou ech probéiert hunn en opzemaachen, net funktionéiert huet. Do kéint een dann och déi eenzel Praxisse bëifügen, ausserdem kéint ee ganz uewen op eiser Homepage beim Punkt „Adresses utiles“ och de Punkt „Santé“ bëifüge mat z.B. och den Adresse vun deenen nootste Spideeler, vun der Maison médicale oder aneren Institutiounen am Beräich „Santé“, do denken ech och un eis 3 Apdikten an och un eist neit Konzept vum P-Bus, fir och an deem Volet (well et jo énner der Rubrik „Mobilité dans la commune“ schon unzetreffen ass) déi verschidde Beneficiairen ze informéieren, datt mer déi Méglechkeet hunn.

### Réponse écrite du 29 octobre 2015 du collège des bourgmestre et échevins:

Duerch zwou Décisioune vum 5. Mäerz 2007 a vum 13. Juli 2007 huet de Gemengerot eestëmmeg entscheet fir eng 3. Apdikt an eiser Gemeng an och eng Reorganisatioun vum „Service de garde/de nuit“ vun den Apdikten am Interessi vun eise Bierger ze froen.

Dësem Uleies gouf Rechnung vum Ministère de la Santé gedroen a mir hunn och elo eng Apdikt zu Rolleng.

Am Hibléck op d'Ouverture vum neie Südspidol am Joer 2020 zu Esch-Uelzecht an der Fermeture vum Spidol CHEM zu Nidderkuer, wëll de Schäfferot ähnlech virgoe wéi bei den Apdikten an d'Iddi vun enger „Maison médicale“ an eiser Gemeng énnerstëtzten.

Hei d'Lëscht vun deene verschiddenen Dokteren, Spezialisten an Apdikten an eiser Gemeng:

Docteurs	Pétange	Lamadelaine	Rodange	Total
<b>Généralistes</b>	5	2	5	12
<b>Spécialistes</b>	16	3	2	21
<i>Dentiste</i>	11	3	2	
<i>Dermatologue</i>	1	/	/	
<i>Gynécologue</i>	1	/	/	
<i>Ophthallogue</i>	2	/	/	
<i>Pédiatre</i>	1	/	/	
<b>Pharmacies</b>	1	1	1	3

Verschidden Informatioune sollen och regelméisseg an der Rubrik „Santé“ am Gemengebuet verëffentlecht ginn.

### Question écrite du 2 octobre 2015 de M. Patrick Arendt (CSV):

Betréfft: „Beifußblättrige Ambrosie“ - Eng invasiv Aart mat héije Risike fir Allergiker

Nieft dem Riesenbärenklau, dee photosensibiliséiert Substanze beinhalt - wouduerch de Kontakt mam Saaft vun der Planz an der uschléissender Expositioun an der Sonn zu schwéiere Verbrennunge ka féieren - ass besonnesch eng nei invasiv Aart aus Nordamerika, d’„Beifußblättrige Ambrosie“ mäin Hauptsujet. An der leschter Zäit heefen sech d'Meldungen am Lëtzebuerger Land an an der Groussregioun, esou dass eng massiv Verbreedung kuerz virun der Dir

steet, wann net matzäiten eppes dogéint ännerholl gëtt, an dat och op lokalem Niveau. Hei schwätze mir vun enger invasiver Aart, déi ouni mënschlecht Handelen ni heihinner komm wier, an déi sech massiv ausbreit a Schued fir d'Ëmwelt, eis Ökonomie an dem Mensch seng Gesondheet mat sech bréngt.

D'Ausbreitung ass op Sommëschunge fir Vullefudder oder Wëllblummewisen zeréckzeféieren. D'Planz ass virun allem an de Gäärt, op Stroosseränner an op Baustellen ze fannen. Als Virbeugung kann ee just èmmer drop uechten, datt keng esou Käre mat dra sinn. Wat sinn d'Gefore vun dëser invasiver Planz? D'Ambrosia-Pollen hunn ee besonnesch héicht allergesch Potential a féieren zweemol esou heefeg zu Asthma wéi aner Pollen. Ausserdeem ass eng Verlängerung vun de Komplikatiounen ze erkennen, well si no deene meeschten anere Pollen aktiv ginn an eng Bléizäit vun August bis Enn Oktober hunn.

Ausserdeem verursaacht se wéi och de Riesenbärenklau Hautreaktiounen. Et gëtt awer eng grouss Verwiesslungsgeförm heemeschen „gemeiner Beifuß“. Am Géigesaz zu deene béisäitege gréngé Blieder vun der invasiver Aart sinn déi heemesch vum „gemeinen Beifuß“ op der Ënnersäit meeschten sëlwergró. Eng Ambrosia kann een deemno erkenne well se vun der Wuerzel u staark „verzweigt“ ass, oprocht stoend rout Stengelen huet, datt d'Blieder kuerz Hoer hunn a béisäiteg gréng, dräieckesch bis oval am Ëmrass ass a grob gezackten Ofschnëtter huet.

Opgrond vun de gesondheetleche Problemer, déi vun der Planz ausginn, sollten eis Bestänn vun dëser Aart zerstéiert ginn.

Dozou gehéieren :

1. D'Ausräissen ier d'Planz blitt.
2. Bléiend Planze solle mat enger Plastikstut an d'Dreckskëscht (schwaarz) gehäit oder verbrannt ginn.
3. Beim Eaurappe sollen Händsche gedroe ginn.
4. Allergiker sollen d'Planz meiden an Net-Allergiker sollen eng Otenschutzmask droe wann si se erausrappen.

Wichteg wier dëse Link: ambrosia@neobiota.lu.

Weider Informatiounen iwwer d'Standuerte fënnt een ènnert [www.snl.lu](http://www.snl.lu).

Meng Fro an deem Kontext:

Ass sech de Péitenger Schäfferot dëser Tatsaach bewosst, a wéi gesäit et op eisem Terrain domadder aus?

Ass de „Service des Parcs“ schonn op esou eng Planz gestouss? Huet d'Gemeng wélles, eng Kontroll vun de Standerten an deenen nächste Joeren ze maachen, a virun allem huet d'Gemeng wélles via Communiqué (Homepage) oder Text + Foto am Informatiounsblat Meng Gemeng d'Populatioun op dës Gefor hinzuweisen?

En ausfierleche Flyer kann ab Enn September 2015 bei alle Partner vun der Aktioun ugefrot ginn (Naturmusée, Natur an Ëmwelt), deen een da vläicht och kéint erausschécken.

#### **Réponse écrite du 29 octobre 2015 du collège des bourgmestre et échevins:**

Eise „Service des Parcs“ ass net mat dësem Phänomen betraff op den öffentlechen Anlagen an eiser Gemeng.

Vereenzelt fënnt een awer déi Planz um Spadséierwee zu Rodange, vun der rue de la Minière bei den Train 1900.

An dëser Saach ass de Schäfferot gewëllt, fir d'Awunner um Ufank vum Joer 2016 duerch eng Publikatioun/Flyer iwwer d'Risiken ze informéieren (z.B. Benotze vun Händschen, Gefor fir Allergiker, asw.).

#### **Question écrite du 2 octobre 2015 de M. Patrick Arendt (CSV):**

*Betréfft: Zu enger Story, déi op de sozialen Netzwörker a per Mail dach fir erhieflech Reaktioune gesuergt huet*

Ech si mir scho bewosst, datt Storyen näisch verluer hunn an enger Fro un de Schäfferot. Trotzdem läit mir dat hei um Mo, an et ass en heikelt Thema an e Gerücht, wou kloer gestallt muss ginn, well et den Ament och an de Medien omniprésent ass a wat vill Leit opgereegt huet. Ech wëll just gär Kloertext an deem Dossier hunn – net datt hei erëm versicht gëtt, duerch Muttwëll d'Hëlfel, déi muss an och soll geleet ginn, schlecht ze maachen.

Par contre géif ech et genee esou schlëmm fanne wann dës Geschicht géif stëmmen, well dann hu mer duerch déi ganz bestehend Gesetzer a Paragraphen (déi och wichteg sinn anzechalen, wat kloer ass) awer komplett de realistesche Geeschtf verluer.

„Et wier e Mann, dee seng Elteren huet missten an e Fleegeheem doe well si eleng net méi zuwee géife kommen. Hie selwer a seng Fra konnte sech net këmmeren, well se allen zwee schaffe géife goen. Lo géif d'Elterenhaus zu Péiteng eidel do stoen, an deen een huet sech geduecht, amplaz et elo esou stoen ze loossen, kann een eppes guddes maachen. En huet sech du schéngs op der Gemeng zu Péiteng gemellt an dat Haus ugebuede fir Asylanten dran ze setzen. D'Haus wier grouss, de Miwwel an dat ganzt Geschir – alles, wat ee fir e Stot géif brauchen – hätt en dra gelooss. Et wier Plaz fir 2 Familljen. E Responsable vun der Péitenger Gemeng an ee vum Ministère du Logement wiere kucke komm a si hätten och bestätegt, datt u sech alles ok wier, mä et trotzdem net géif goen, well d'Haus misst isoléiert sinn, et bräicht nei Fénsteren, den Daach misst kontrolléiert ginn, an d'Haus bräicht en Energiepass. An dat Ganzt op

dem Mann seng Käschten. De Mann huet sech deementspreichend geiergert a sot: „Fir meng Eltere war dat Haus elo 50 Joer gutt, an et soll awer elo net méi gutt genuch si fir eng Tëscheléisung ze fannen.“

Dofir meng Fro:

Weess de Schäfferot eppes iwwer dësen Tëschefall, a wa jo, kann de Schäfferot dat w.e.g. beliichten.

Well ech mengen, et ass och vum Äerzbëschof Jean-Claude Hollerich an alle Kierchefabrike gewünscht, datt an deem Dossier Hëllef geleescht gëtt (iwwregens och vun anere Reliounsgemeinschaften hei am Land), dofir ass de Pastoralbréif jo och erausgaange fir un d'Privatleit ze appéléieren, datt se Wunnenge sollen zur Verfügung stellen. An dofir kënnt deemnächst jo och de Projet „Reech eng Hand“ vun der kathoulescher Kierch.

Ech mengen net, datt dësen Opruff mam Gedanke gemëscht ass, elo nach séier en Haus op den neiste Stand vun der Technologie ze bréngen.

### **Réponse écrite du 29 octobre 2015 du collège des bourgmestre et échevins:**

An dëser Saach kann de Schäfferot bestätegen, datt weder e Beamte vun der Gemeng nach ee vum Ministère op der Plaz war. Dái Informatioun krute mir vun der Ministesch vun der Famill, der Madame Corinne Cahen perséinlech confirméiert.

Dësweidere krute mir vun eiser "Agence Immobilière Sociale" confirméiert, datt och si net op der Plaz waren.

### **Question écrite du 15 octobre 2015 de M. Joe Thein (adr):**

*Betréfft: Muslimescht Begriefnes*

D'adr huet eng besonnesch Affaire an der Gemeng matkritt, déi bei ons op Onversteesdemech tréfft, an d'Partei dowéinst mat Interessi beim Schäfferot interveniéiert fir eng kloer Opklärung vum Sachverhalt gewuer ze ginn.

Hei den Detail: Am Mount September 2015 huet zu Rolleng e Begriefnes um Kierfecht stattfonnt, dat no muslimescher Tradition ofgelaf ass. Heibäi gouf dat chrëschtlech-kathoulescht Kräiz vun der Mauer ewech geholl, woubäi den eigentleche Problem dorops zeréckgeet, datt d'Prozedur an d'Dignitéit vum Läichnahm net respektéiert goufen, well d'Lued aus der Morgue op d'Strooss transportéiert gouf fir hei d'Gebiet ofzehalen. Iwwerdeems krut de Paschtouer verweigert, a Kontakt mat der Lued ze kommen, an déi uwiesend muslimesch Gäscht hunn eegenhänneg d'Lued duerno am Lach zougebuddelt.

Fir d'adr, déi fir all Relioun Respekt a Versteesdemech weist, geet esou eng Aktioun awer wäit iwwer d'Grenze vun der Akzeptanz eraus. An eisen Ae läit d'Verantwortung vun esou engem Begriefnes an alleréischter Linn beim Schäfferot, a Kooperatioun mam Paschtouer, souwéi an der Kompetenz vum zoustännege Gemengeservice. Et gëllt och doriwwer ze waachen, datt den Oflaf, d'Kompetenzen an d'Prozedure konform zum Kierfechtsreglement applizéiert ginn.

D'adr huet, bedéngt duerch dëse Virfall, folgend Froen un de Schäfferot:

1. Huet d'Gemeng Kenntnis vun dem Szenario, respektiv läit heifir een Accord vum Schäfferot vir?
2. Wat sinn d'Grënn, datt keen designéierte Member vum Conseil bei dësem Begriefnes derbäi wor?
3. Kann de Schäfferot aus dem Gemengereglement zitéieren, deen den Oflaf an d'Prozeduren definéiert, an hei de Wuertlaut zu eisem Versteesdemech, erëmginn?
4. Ass de Schäfferot därselwechter Meenung wéi d'adr, datt et keng "Ausnameregelungen" fir déi muslimesch Relioun duerf ginn, an datt d'Gemeng hei kloer iwwer hiert Gemengereglement waacht?
5. Wéi ee Kloert Verspriechen a wéi eng Garantie kann de Schäfferot ons ginn, datt an Zukunft keng weider sou Incidente méi geschéien?

### **Réponse écrite du 10 novembre 2015 du collège des bourgmestre et échevins:**

Et war keen designéierte Member vum Schäfferot bei dësem Begriefnes derbäi, well et war keen offiziellt zivill Begriefnes. Am Code civil ass virgesinn, dass ee Vertriebler vun der Gemeng bei engem ziville Begriefnes muss present sinn. Deemno war et richteg, wéi d'Gemeng an dësem Fall gehandelt huet.

Wat elo d'Begriefnesser vun anere Reliounen ugeet, esou geet d'Gemeng Péiteng hoergenee d'selwecht vir wéi déi aner Gemengen, virun allem wéi d'Stad Lëtzebuerg an d'Stad Esch/Uelzecht, déi vill esou Begriefnesser hunn. Mir huele Kontakt op mam zoustännege reliéise Vertriebler, a wann deen zouseet, dass hien d'Begriefnes mécht, dann ass fir d'Gemengen alles an der Rei. Dat war och de Fall beim Begriefnes zu Lamadelaine, wat Dir an Ärer Fro uschwätz. D'Gemeng hat d'Zouso vum moslemeschen Imam, an domatter war alles kloer.

Laut eisen Informatiounen, déi mer vun eisem Doudegriewer kritt hunn, dee während der ganzer Zeremonie um Kierfecht war, ass dat Begriefnes korrekt an ouni Komplikatiounen verlaf. Richteg ass, dass hir Gebräicher a Rituale fir eis „gewöhnungsbedürftig“ sinn. D'Gemeng Péiteng behandelt - genee wéi d'Stad Lëtzebuerg - all hei am Land unerkannte Relioun eng wéi déi aner, an dat si mer eise Bierger schëlle.